

# Kuerz & Knapp.

LENZMOUNT №2·20

S.8 BUDGET 2020 En Ausbleck vum Schäfferot · S.18 ËMWELT Parrainéiert eng öffentlech  
Gréngfläch · S.22 GUSTOS! Vive la France! · S.36 AGENDA Mäerz 2020, Abrëll 2020  
S.40 INFORMATIONUBLAT Procès-verbal a Gemengsbericht 09.12.219, 13.12.19, 17.01.20

**MAGAZIN, AGENDA & INFORMATIONUBLAT VUN DER GEMENG SUESSEM**



BIELES

EILERENG

SUESSEM

ZOLWER



**Magazin**

- 8 **Budget 2020**  
En Ausbléck mam Schäfferot
- 18 **Ëffentlech Gréngflächen**
- 22 **Gustoso!**  
Vive la France !
- 29 **Ruff Bus**
- 32 **Klaus Hoffmann**  
Interview mam Brel-Interpret

**Agenda**

- 36 **Mäerz** / Mars
- 39 **Abrëll** / April

**Informatiounsblat**

- 41 **Sitzung 09.12.19**
- 58 **Sitzung 13.12.19**
- 78 **Sitzung 17.01.20**

# kuerz & knapp.

LENZMOUNT №2·20



**SUESSEM,**  
**JE T'AIME**.lu

**GEMENG SUESSEM**

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1  
mail@suessem.lu [www.suessem.lu](http://www.suessem.lu)  
fb/gemengsuessem [@instagram/gemengsuessem](https://instagram.com/gemengsuessem)

**IMPRESSUM**

Redaktioun, Konzezioun &amp; Fotoen

**Service des Relations publiques et de la Culture**

Cover Foto

**Atelier Faarf Fleck de la Ligue HMC**Stéckzuel **7.500 Exemplairen****Bieles, Februar 2020**



**VIRWUERT**  
/ ÉDITORIAL

L

## **Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

De Schäfferot vun der Gemeng Suessem analyséiert alljoers, wéi sech eis véier Uertschaften entwéckelen a setzt doropshin d'Seegele fir d'Zukunft. An déser Editioun vum *kuerz&knapp*. sträichen déi véier Vertrieder vun der Exekutiv vun der Gemeng e puer Projeten ervir, déi net némmen zukunftsbestëmmend sinn, mee déi hinnen och besonnesch um Häerz leien. Fir d'Wuel vu jidderengem schaffen, sech fir d'Allgemengheet asetzen – dat sinn an der Politik wichteg Grondsätz. Mee wann et dorëms geet, de sozialen Zesummenhalt an d'Solidaritéit énnert den Awunner ze stäerken, da ka jidderee vun eis sain Deel dozou am Alldag bädroen. An deem Kontext invitéieren ech lech, den neie Projet vum Service Technique z'entdecken, deen lech d'Méiglechkeet bitt eng Gréngfläch ze parrainéieren, hir Äre Stempel opzédrécken an iwwert dee Wee d'Visittekaart vu Suessem mat ze gestalten. Mir waarden och scho ganz ongedéllég op de groussen Télévie Dag, deen de Samschden, 25. Abréll 2020 ass mam Zil, d'Recherche am Kampf géint de Kriibs an d'Leukemie weider ze bréngen. Eis Gemeng organiséiert e Centre de Promesses an an désem Magasinn kritt Dir en éischten Abléck an déi séllegen Aktivitéiten, déi den Organisatiounscomité am Gaang ass ze préparéieren. Ech wünschen lech vill Spaass beim Liesen.

F

## **Chères concitoyennes, chers concitoyens,**

Chaque année, il incombe au Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Sanem d'analyser l'évolution dans nos quatre localités et de fixer le cap pour les années à venir. Dans cette édition du *kuerz&knapp*, les quatre représentants de l'organe exécutif de la commune mettent en évidence quelques projets en cours de réalisation qui ne sont non seulement porteurs d'avenir, mais qui leur tiennent aussi à cœur. Agir pour le bien d'autrui, être au service de la communauté – c'est ce qui est intrinsèque à la vie politique. Mais en ce qui concerne le renforcement de la cohésion sociale et de la solidarité entre les habitants, précieuses et indispensables, chacun d'entre nous peut y contribuer au quotidien. Dans ce contexte, je vous propose de découvrir le nouveau projet de notre Service Technique qui vous donne l'occasion de parraigner un espace vert, de le marquer de votre empreinte et d'ainsi forger ensemble la carte de visite de Sanem. On attend avec impatience la grande journée du Télévie qui aura lieu le samedi, 25 avril 2020 et dont le but est de faire avancer la recherche dans la lutte contre le cancer et la leucémie. Notre commune participe en tant que Centre de Promesses et vous aurez un premier aperçu des activités prévues par le comité d'organisation dans ce magazine. Je vous souhaite une bonne lecture.

**ÄRE BUERGERMEESCHTER / VOTRE BOURGMESTRE,  
Georges Engel**

## 8. MÄERZ 2020 INTERNATIONALE FRAENDAG

8 MARS 2020  
JOURNÉE INTERNATIONALE DES FEMMES

L

### Gutt ze wëssen

Zanter 20 Joer engagéiert sech d'Gemeng Suessem schonn am Kader vum Internationale Fraendag. Den Ursprong fënnt dësen Dag am August 1910 op der 2. Internationaler Sozialistischer Fraekonferenz zu Kopenhagen op Initiativ vun der Clara Zetkin. Doropshi fannen am Mäerz 1911 déi éischt Aktiounen an Dänemark, Däitschland, Éisträich an an der Schwäiz statt. Vun 1929 u gütt et den Internationale Fraendag och zu Lëtzebuerg duerch d'Initiativ vum Foyer de la Femme. Ufanks war d'Haaptrevendicatioun d'Fraewalrecht, duerno goufe weider Theme wéi beispillsweis Gewalt géint Fraen an och d'Diskriminatioun géint Fraen opgegraff.

Dëst Joer steet den Internationale Fraendag énnert dem Motto #YesWomenCan. Den 11. Mäerz ass eng Konferenz dozou 'A Gadder' (Agenda S. 37).


F

### Bon à savoir

Cela fait 20 ans que la Commune de Sanem participe à la Journée internationale des femmes. Cette journée fut créée en août 1910 lors de la deuxième Conférence internationale des femmes socialistes à Copenhague à l'initiative de Clara Zetkin. En conséquence, les premières manifestations ont eu lieu en mars 1911 au Danemark, en Allemagne, en Autriche et en Suisse. À partir de 1929, la Journée internationale des femmes fait son apparition au Luxembourg grâce à l'initiative du Foyer de la Femme. Le droit de vote des femmes constitue leur revendication principale. Ce n'est que par la suite que d'autres thématiques importantes, telles que la violence contre les femmes ou la discrimination à l'égard des femmes, sont évoquées..

En cette année 2020, la Journée internationale des femmes aura pour devise #YesWomenCan, thématique de la conférence du 11 mars à la maison 'A Gadder' (agenda p. 37).





LIGUE HMC

## D'Liewen ass faarweg

L

De Freiden, 24. Januar 2020 war am CIPA Résidence op der Waassertrap um Belval de Vernissage vun der Ausstellung 'D'Liewen ass faarweg' a Präsenz vun den Artisten Nicole Bertrang, Eurydice Duplay, Sabrina Ernst, Cynthia Frantz, Rooble Muna, Feire Neima a Céline Galaz. Am Mëttelpunkt sti Wierker, déi am Atelier **Faarf Fleck** vun der **Ligue HMC** entstane sinn.

**D'Ausstellung ass nach bis den 31. Mäerz ze gesinn, an der Woch vun 08.00 bis 18.00 Auer an de Weekend vun 10.00 bis 12:00 a vu 14.00 bis 18.00 Auer.**

F

Le vernissage de l'exposition «D'Liewen ass faarweg» était le vendredi, 24 janvier 2020 au CIPA Résidence op der Waassertrap au Belval en présence des artistes Nicole Bertrang, Eurydice Duplay, Sabrina Ernst, Cynthia Frantz, Rooble Muna, Feire Neima et Céline Galaz. Les tableaux ont été créés dans l'atelier **Faarf Fleck** de la Ligue HMC.

**Vous pouvez visiter l'exposition jusqu'au 31 mars, du lundi au vendredi de 08h00 à 18h00 et le weekend de 10h00 à 12h00 et de 14h00 à 18h00. /**



CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

# Sou schmaacht Lëtzebuerg

L

D'Aktioun *Sou schmaacht Lëtzebuerg* gouf vun der Chambre d'Agriculture an Zesummenarbecht mam Landwirtschaftsministère an d'Liewe geruff. D'Campagne soll virun allem d'Virdeeler vu regional produzéierte Liewensmëttelen an d'Diversitéit vu lokale Produite vermettelen.

Och de CIPA Résidence Op der Waassertrap mécht mat a krut eng Auszeechnung dofir.

Egal ob moies beim Kaffi, beim Mëtteg- oder Owesiessen – bei all Moolzechet kann ee Plate genéissen, déi énner anerem mat lëtzebuergesche Produkter zoubereet goufen.

Duerch den Asaz vu lokale Produiten an duerch déi héich Standaarde bei der Produktioune, mat der Méiglechkeet alles zerékzeverfollegen, ass een èmmer op der sécherer Sait.

De Kaf vu regionale Produite séchert ausserdeem virun allem klengen Familljebetriben hir Existenz.

De kuerze Liwwerwee vun de Produzente bis bei de Consommateur ass ivwerschaubar an dréit zur Transparenz an zum Vertraue vun alle Bedeelegte bai, a schount dobai och nach d'Ëmwelt.

Dem CIPA sain Zil ass et, domat Qualitéit op den Teller ze bréngen an déi lokal Produzenten a Firmen z'ennerstëtzen.

F

L'action *Sou schmaacht Lëtzebuerg* a été initiée par la Chambre d'Agriculture en étroite collaboration avec le Ministère de l'Agriculture. La campagne vise à donner plus de visibilité aux produits issus du terroir luxembourgeois et à informer le consommateur sur la diversité des produits agricoles indigènes.

Le CIPA Résidence Op der Waassertrap vient de recevoir son certificat de participation.

En adhérant à la campagne, le CIPA s'engage à proposer des menus préparés avec des produits alimentaires issus de l'agriculture, de la viticulture et de l'horticulture luxembourgeoises.

En choisissant des produits indigènes aux normes très strictes en matière de production et traçabilité, on ne se donne pas seulement bonne conscience, mais on fait vivre cette action alimentaire.

Par l'achat de produits régionaux, on contribue aussi au maintien d'une agriculture caractérisée par des exploitations familiales et à la conservation d'emplois en zone rurale.

En plus, le chemin très court entre le producteur et le consommateur assure un maximum de transparence et de confiance ainsi que le respect de l'environnement.

L'objectif du CIPA est de servir de la qualité dans l'assiette des consommateurs en soutenant en même temps les producteurs et entreprises nationaux. /

**Sou schmaacht  
Lëtzebuerg**  
Savourez le Luxembourg



## **132 Milliounen Euro.**

Eng Zuel, déi een op den éischte Bléck staunen deet. Mee och e Chiffer, deen als Gesamtbudget 2020 vun der Gemeng Suessem net verwonnerlech ass. Dee Montant reflektéiert d'Envergure vun der Aarbecht, déi vun de 623 Persounen, déi zum Gemengepersonal gehéieren, Joer fir Joer am Déngscht vun der Allgemeinheet bewällegt gëtt. Fir dësem abstrakte Milliounebetrag e Gesiicht ze ginn, pléckt de Schäfferot e puer vun den aktuelle Projeten eraus, déi zukunftsbestëmmend sinn a weisen, dass d'Liewensqualitéit vun de Bierger an der Gemeng d'Prioritéit Nummer 1 ass.

## **132 millions d'euros.**

C'est un chiffre impressionnant. Mais c'est aussi une somme qui, en tant que budget total prévisionnel de la Commune de Sanem pour 2020, est tout à fait en phase avec les réalités. Le montant reflète l'envergure du travail effectué tous les ans par le personnel municipal, fort de 623 fonctionnaires et salariés, au service de la population. Pour donner un visage à ce chiffre abstrait, le Collège des bourgmestre et échevins attire l'attention sur quelques projets d'actualité qui sont non seulement porteurs d'avenir, mais qui prouvent que la qualité de vie des citoyens de la Commune de Sanem est une priorité absolue pour les décideurs politiques.



**SIMONE ASSELBORN-BINTZ**  
SCHÄFFIN | ÉCHEVINE

# **186 ETP\***

**Personal an der Kannerbetreuung**  
**Personnel pour l'encadrement des enfants**

**LU** D'Gemeng Suessem ass zanter 2001 Virreider an der Kannerbetreuung virun an no der Schoul, mat adequaten Infrastrukturen a qualifizéiertem Personal, dat och permanent weider forméiert gëtt, vum Educateur bis bei de Kach. An d'Servicer wuessen zesumme mat der Bevölkerung. Haut si 65,80% vun alle Schoulkanner, also 1078 Schüler, an der Maison Relais ageschriwwen, an et gouf bis haut nach ni eng Waardelësch. Mir fèrdere si och, sief et mat Sport-, Theater-, Danz- oder Musekprojekten, an hëllefé mam Transport fir hir Aktivitéiten. Mam Bléck op déi nächst Jore sinn eng Rei Projeten an der Maach, z.B. en SEA-Struktur (services d'éducation et d'accueil) fir d'Zolwer Kanner vun der Schoul 2000, e SEA fir d'Walerwiss zu Éilereng oder och nach eng ganz nei Struktur hannert der Suessem Schoul, déi di provisoresh Struktur (Hellgebach) an de Precoce hannert der Schoul ersetze soll. Ugeduecht sinn och eng Maison Relais am Bësch an eng Crèche fir d'Gemengepersonal. Fir mech soll Suessem eng Gemeng bleiwen, an där sech d'Kanner zesumme mat hire Famillje wuel llen.

**FR** Depuis 2001, la Commune de Sanem a toujours été pionnier dans le domaine du Service d'éducation et d'accueil avec des infrastructures adéquates et du personnel qualifié, qu'il s'agisse de chefs de cuisine ou d'éducateurs, suivant des formations continues. Ce service évolue au même rythme que la population. Aujourd'hui, 65,80% des élèves, donc 1078 enfants scolarisés, sont inscrits à la Maison Relais et il n'y a encore jamais eu de liste d'attente. Nous les soutenons aussi dans leurs activités sportives et culturelles et, dans certains cas, organisons même le transport. Il y a encore beaucoup de projets en cours de route pour les années à venir, entre autres une structure SEA pour les élèves de l'École 2000 à Soleuvre et dans la Walerwiss à Ehlerange, de même qu'une structure derrière l'école de Sanem destinée à remplacer la structure provisoire (Hellgebach) et le précoce. Nous réfléchissons aussi à la création d'une Maison Relais en forêt et d'une crèche pour le personnel municipal. Je souhaite que Sanem reste une commune où les enfants et leurs familles se sentent à l'aise.

\* ÉQUIVALENT TEMPS PLEIN

**MIKE LORANG**  
SCHÄFFEN | ÉCHEVIN

# 1,77

**Autoe pro Haushalt an der Gemeng Suessem**  
**Voitures par ménage dans la Commune de Sanem**

**LU** Vun A op B kommen ass haut méi einfach wéi jee virdrun. Mee den Auto kann net méi d'Allheilmëttel sinn. Dee gëtt an der Moyenne just 1 vu 24 Stonne pro Dag aktiv genotzt a blockéiert de Rescht vun der Zäit wäertvolle Parkraum. De fonkelnie Masterplang Mobilitéit 2030 ass d'Resultat vun den detailliéierten Analysen, déi mir déi lescht Jore gemaach hunn. Den Input vun eisen Awunner am Kader vun der Mobility Check Ëmfro an engem Workshop ass och mat agefloss, woubäi sech gewisen huet, dass den Interessi un der Ecomobilitéit immens grouss ass. Déi nächst 10 Joer ginn déi konkret Mesuren aus dem Mobilitéitsplang émgésat, fir en Émdenken ze bewierken. Dofir gi mir eis och den néidege Budget. Am Kader vun engem Comité de pilotage wölle mir d'Bierger e puer mol d'Joer mat an de Prozess abannen a kucken, wat fir eng Moosname wéini Sénn maachen. Zu den éischte Prioritéite gehéiert fir mech zum Beispill d'Aféiere vun 30er Zonen. De Wuesstem vun eiser Gemeng an d'Plange vum Verkéier muss een als ee Ganzt gesinn, mam Zil, d'Multimodalitéit ze férderen, fir dass mir all méi séier a besser virukommen.

**FR** Il n'a jamais été aussi facile d'aller de A à B. Mais la voiture n'est pas la solution miracle pour la mobilité de demain. En moyenne, elle n'est activement utilisée qu'une heure par jour et bloque de l'espace de stationnement précieux le reste du temps. Le tout nouveau Masterplan Mobilité 2030 est le résultat d'analyses profondes qu'on a effectuées les dernières années. Nos citoyens y ont contribué en participant au sondage Mobility Check et à un workshop, et ils semblent particulièrement apprécier l'idée de l'écomobilité. Sur la base des résultats, nous mettrons en œuvre des mesures concrètes au cours des 10 prochaines années en y investissant un budget considérable, tout espérant changer la mentalité prédominante. Dans le cadre d'un Comité de pilotage avec des réunions périodiques, des représentants de la population auront l'opportunité de suivre l'évolution de près. Il s'agit aussi d'en définir le calendrier. Pour moi, une des priorités est l'instauration de zones à 30 km/h. Les défis que relèvent la croissance de notre commune et l'évolution de la mobilité sont intimement liés. Le but ne peut qu'être la promotion de la multimodalité pour que demain, nous puissions encore mieux nous déplacer.



**NATHALIE MORGENTHALER**  
SCHÄFFIN | ÉCHEVINE

# 17.540

**Awunner  
Habitants**

**LU** Eng aktiv Gemeng ass eng, déi wibbelt. Fir mech ass et wichteg, dass mir Ureizer schafen, fir sech vu jonkem un a bis an den héijen Alter fit ze halen. Am Idealfall schafe mir Plazen, wou sech d'Awunner generatiounsiwwergräifend an der frëscher Loft begéinen an eppes fir hir Gesondheet maachen, sief et duerch Sport oder einfach duerch Erhuelung. Nodeems mir dat lescht Joer d'Beschëlderung vun de Weeér um Gaalgebierg frësch gemaach hunn, kënnt dést Joer e Fitnessparcours iwwer 2,7 Kilometer dobäi. Calisthenics-Geräter fénnt een do uewen och, genee wéi am Parc „Um Belval“, fir deen am Budget 2020 ë.a. och eng Spillbuerg fir PMR (personnes à mobilité réduite) an eng Doppelhangrutsch virgesi sinn. Flott Ergänzungen zum Skatepark an der Bolzplatz also, déi et schonn do gëtt. An d'Waassertrap kommen innovativ Beweegungsapparate fir eeler Leit, déi een zu Lëtzebuerg nach net vill gesäit. An den nächste Jore wëlle mir um Belval och nach eng naturno Spillplaz mat Elementer fir ze bauen an z'experimentéieren oprichten, a ronderëm de Plateau de Saint-Esprit leeft de Brainstorming op Héichtouren.

**FR** Une commune active, pour moi, c'est synonyme de bouger. Il est important d'encourager l'activité physique à tout âge. Notre idéal, c'est de créer des lieux où les citoyens de toutes les générations peuvent se rencontrer au grand air pour faire du sport ou pour se détendre. Chacun devrait avoir le réflexe de veiller à sa santé. Après avoir renouvelé la signalétique sur les différents sentiers au Gaalgebierg en 2019, nous procéderons cette année à l'installation d'un parcours de fitness sur 2,7 kilomètres. On peut aussi pratiquer la callisthénie là-haut, tout comme au parc « Um Belval ». Celui-ci figure d'ailleurs aussi dans notre budget 2020, car on va y construire entre autres une tourelle de jeu pour PMR (personnes à mobilité réduite) et un double toboggan de talus, qui s'ajouteront au skatepark et au terrain de jeu déjà existants. Les stations d'activité pour personnes âgées envisagées dans la Waassertrap constituent une vraie innovation sur le plan national. On a aussi prévu une aire de jeux proche de la nature au Belval avec des éléments pour construire et expérimenter dans les prochaines années, et en ce qui concerne le plateau de Saint-Esprit, on est en plein brainstorming.



**GEORGES ENGEL**

BUERGERMEESCHTER | BOURGMESTRE

**23.150 m<sup>2</sup>**

**Fläch vum Kannercampus  
Surface du Kannercampus**

**LU** Wéi ech 2005 Buergermeeschter gi sinn, stoung um Belval nach keen Haus. Elo si mir am Joer 2020, an de Belval lieft a wissst weider. Eent vun den Härzstecker vum Quartier gëtt am September ageweit, a wäert sech flott aglidderen. De Kannercampus war laang an der Maach. D'Pläng goufen zäitweis op Äis geluecht, dunn erëm erausgeholl an adaptéiert, sou dass ech immens frou sinn, dass et endlech Realitéit gëtt. Als Buergermeeschter huet een net dacks d'Chance, eng Schoul ze bauen, scho guer net an där Envergure. An dësem Fall ass et och nach e Pilotprojet. D'Schoul an d'Maison Relais wäerte ganz enk matenee schaffen, an et komme ganz nei pedagogesch Iddien an d'Spill. D'Uni Lëtzebuerg suivéiert dat Ganzt a mir ajustéiere wann néideg, fir dass d'Kanner esou gutt wéi méiglech op d'Zukunft virbereet ginn. De Kannercampus ass e projet phare, un deem sech aner Gemengen duerno inspiréiere können. Mee ech énnersträichen, dass et eng richteg Quartiers-Schoul gëtt fir d'Kanner, déi effektiv ronderëm wunnen. Ech hoffen, dass d'Kanner spéider eng Kéier drun zeréckdenken a sech soen: „Dat war eng cool Zäit!“.

**FR** Quand je suis devenu bourgmestre en 2005, il n'y avait pas une seule maison à Belval. Aujourd'hui, en 2020, c'est un quartier vivant en pleine croissance. Un des piliers de Belval ouvrira ses portes en septembre et je suis sûr qu'il s'y intégrera à merveille. Le Kannercampus est un dossier de longue date. À un moment, on avait mis les plans de côté, puis ressorti du tiroir et adapté, pour qu'ils deviennent enfin réalité. Un bourgmestre n'a pas souvent l'opportunité de construire une école, et en plus une école d'une telle envergure. C'est un véritable projet pilote, car l'école et la Maison Relais fonctionneront en étroite collaboration en se penchant sur de nouveaux concepts pédagogiques. L'Université du Luxembourg est notre partenaire et suivra de près le projet pour pouvoir faire des ajustements, si nécessaire, afin d'orienter au mieux les enfants. Je suis certain que d'autres communes bénéficieront aussi du projet phare Kannercampus. Je souligne qu'il s'agit d'une véritable école de quartier, fréquentée uniquement par les enfants qui habitent aux alentours. J'espère que ceux-ci se diront un jour : «C'était une période cool!».

# Kanner-

## BÂTIMENT A Hall sportif

à l'intérieur

3 terrains  
tribune  
salle multifonctionnelle

à l'extérieur

amphithéâtre devant  
le bâtiment pour  
des activités en plein air

ouvert au public  
en dehors de la  
fréquentation scolaire



## BÂTIMENT B Cycle 2–4

Elèves	<b>360</b>
Cycle 2 (6–8 ans)	120
Cycle 3 (8–10 ans)	120
Cycle 4 (10–12 ans)	120

**Nombre d'élèves total** **653** (à pleine capacité)

589  Enseignement fondamental

64  Centre pour le Développement Intellectuel

Dès **septembre 2020**, dans une première phase,  
le campus accueillera environ **300 enfants**.

# campus



**BÂTIMENT D  
Centre pour le  
Développement  
Intellectuel**

CDI

**Elèves** 64

Classe 1abc–8abc

8 x 8 élèves (6–16 ans)

**BÂTIMENT C  
Crèche  
Précoce  
Cycle 1**

**Elèves** 229Crèche (0–4 ans) 69Précoce (3–4 ans) 40Cycle 1 (4–6 ans) 120

**Collaboration** étroite entre l'éducation formelle (**école**) et non formelle (**Maison Relais**) dans les bâtiments B et C pour favoriser le développement holistique des enfants.

Toutes les **salles utilisées conjointement** par l'école et la Maison Relais, dont : salles de classe (de référence), salles fonctionnelles, p.ex. *salle des médias, salle des sciences, salle d'apprentissage, salle de bricolage, atelier de bois, etc.*

Installation de **panneaux solaires** sur les bâtiments B, C et D.

**Cuisine de production**  
900 repas par jour

— SAVE THE DATE —

# 25.04.

SAMSCHDEN | 07.00–23.00 AUER  
**FESTIKUSS, ZOLWER**

Grouss Scheckiwwerreechung 22.15 Auer

**RTL Moderatioun – Marie Gales a Raoul Roos**

Animatioun a Restauratioun fir Grouss a Kleng

Basket Dream Team 2.0 | DHL Télévie Tour | Ferrari and Friends  
Moto-Club Kayldall | Photoshooting | Plooschterprojet

**LIVE MUSEK**

Georges Gérard | Go by Brooks | Heavy Patrol | Leeds  
Etienne Grüness Jazz Kombo | Fernanda Stange



CENTRE  
DE PROMESSES  
**GEMENG  
SUESSEM**

**WWW.SUESSEM.LU/TELEVIE**

59 30 75 – 474 | [televie@suessem.lu](mailto:televie@suessem.lu)

**Télévie Gemeng Suessem 2020**

**CCRALULL LU43 0099 7800 0088 6580**



**FIR  
DECH  
DO!**



## D'Gemeng Suessem zesummen entdecken.

Découvrons la Commune de Sanem ensemble.

L

Begleet d'Integratiounskommissioun op hierem gemittlechen Trëppeltour vun ca. zwou Stonnen a léiert déi véier Uertschafte vun der Gemeng mat aneren Ae kennen.

**Vergiesst är Trëppelschong net.**

F

La Commission de l'Intégration vous invite à participer à une promenade agréable d'environ deux heures à travers les quatre coins de la commune.

**N'oubliez pas vos  
chaussures de marche.**

## Wéini? Quand ?

All zweete Sonnden

Chaque deuxième dimanche

**15.03. | 29.03.**

**12.04. | 26.04.**

**10.05. | 24.05.**

**07.06. | 21.06.**

**05.07. | 19.07.**

**Depart — Départ**

**10h00**

**Gemengenhaus, Bieles**

Mairie, Belvaux



# AKTIOUN PÄIPERLEK 2020

PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS  
POUR VOTRE JARDIN !



Dans le cadre de l'Aktiouen Päiperlek, SICONA a choisi six vivaces avec une valeur particulière comme plantes nectarifères pour les papillons. Vous pouvez dès à présent commander un jeu de ces plantes **gratuitement auprès du SICONA**.

En plantant ces vivaces dans votre jardin, vous offrez non seulement une source de nourriture aux papillons, mais vous pouvez aussi vous réjouir des jolis coloris de la plantation ! Des instructions pour l'aménagement du jardin de papillons avec des astuces pour la plantation seront jointes au paquet de vivaces !

La distribution sera faite fin avril sur les sites suivants de **17:00 h à 19:30 h**:

- **27 avril 2020:** Differdange, Rue de Hussigny (Ancien site EFCO Forodia SA)
- **28 avril 2020:** Schifflange, Parking Hall Polyvalent, rue Denis Netgen
- **28 avril 2020:** Bissen, Parking Mairie, 1, rue des Moulins
- **29 avril 2020:** Olm, Parking SICONA, 12, rue de Capellen

Et du **4-8 mai de 8:00-12:00 h et de 13:00-16:30 h**, dans les bureaux du SICONA, à Olm.



Si vous êtes intéressés par un paquet de vivaces gratuit, appelez-nous au **26 30 36 25** ou écrivez-nous un message à **corinne.camusel@sicona.lu** avec votre **nom, adresse, numéro de téléphone** et l'objet « Commande de plantes vivaces ». N'oubliez pas de nous indiquer **l'endroit** où vous voulez retirer vos plantes.

#### ESPÈCES PAQUET :

*Monarda didyma 'Squaw'* (1), *Anthemis tinctoria* (2), *Geum coccineum 'Sundowner'* (3), *Coreopsis lanceolata 'Sterntaler'* (4), *Achillea millefolium - Hybride 'Peta'* (5), *Agastache rugosa - Hybride 'Black Adder'* (6)

Ce parterre pourrait trouver sa place  
dans votre jardin !

**ATTENTION :** Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres du SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre paiement.

**PARRAINEZ UN ESPACE VERT PUBLIC**  
AIDEZ-NOUS À DIVERSIFIER NOS PLANTATIONS !

# Coup de pouce vert à Sanem

Chaque citoyen de la Commune de Sanem a dorénavant la possibilité de parrainer un espace vert public à proximité de son domicile. Éligibles à cette forme de parrainage sont des troncs d'arbre, des parterres surélevés et surtout des petits espaces verts.

Les espaces verts publics sont catalogués et attribués aux citoyens intéressés par le Service Environnement.

La Commune de Sanem invite tous les parrains à un barbecue convivial au Matgesfeld à Belvaux.

Si vous voulez devenir parrain d'un espace vert public, contactez le Service Écologique de la commune  
[Service.ecologique@suessem.lu](mailto:Service.ecologique@suessem.lu)  
59 30 75 – 659





## Quelles sont les missions d'un parrain ?

- Arroser les espaces verts et les arbres en cas de sécheresse
- Entretenir et désherber les espaces verts si nécessaire
- Couper des tiges et plantes fanées
- Informer le Service Environnement en cas de dépôts de déchets, de dégâts ou de maladies de plantes
- En consultation avec le Service Environnement, et en accord avec le code de la route, des petites décorations pourront être mises en place



## Ce qu'il ne faut pas faire

- ✗ Interdire à ses concitoyens de cueillir des légumes ou des herbes
- ✗ Arracher et remplacer les plantes
- ✗ Utiliser des pesticides ou des engrains
- ✗ Verser des pierres ou du compost sur les espaces verts
- ✗ Réclamer une compensation financière pour l'eau utilisé et le travail fourni

# 3 questions à Tom Claude

RESPONSABLE DU SERVICE ENVIRONNEMENT  
DE LA COMMUNE DE SANEM

### Pourquoi s'engager comme parrain ?

Une telle coopération entre les services communaux et les citoyens peut s'avérer positive. Tout d'abord, en tant que Service Environnement, nous apprécions chaque coup de main. Nos activités se multiplient en permanence et nous devons veiller à ce que notre équipe reste réactive, par exemple en cas de réclamations. D'autre part, il existe parfois des problèmes qui ne nous sont pas signalés. Avec ce projet, nous voulons non seulement renforcer la communication entre toutes les parties concernées, mais aussi responsabiliser nos citoyens afin de les sensibiliser pour la «cause verte».

### L'entretien des espaces verts publics est différent de celui des jardins privés...

Il existe des règles de jeu à respecter par chacun. Mais nous n'avons pas l'intention de demander aux citoyens de s'occuper de l'entretien de petits parcs, voire de rond-points. Ceci n'est pas dans l'esprit de l'initiative. Nous voulons mobiliser les gens. Plus il y a de participants, plus nous serons en mesure d'accroître la diversité de nos espaces verts.

### Quel est l'objectif précis de cette coopération ?

Ensemble avec les intéressés, nous allons analyser les différents îlots en détail et voir quelles solutions s'imposent quant à l'implantation de fleurs, d'arbustes, de plantes ou de petites décorations. La commune prend en charge la commande et le financement des produits implantés. Les mois de mars/avril et septembre/octobre se prêtent le mieux à la plantation ; en dehors de cette activité, il est important de souligner que c'est l'entretien qui est crucial. /



Hei fannt Dir den Artikel op Lëtzebuergesch  
SUESSEMJETAIME.LU/E-FLECKCHE-GRENGS



# Policereglement Règlement général de police

**L**

Zanter dem 13. August 2019 ass dat neit Police-reglement an der Gemeng Suessem a Kraaft. An dëser Rubrik stelle mir lech eenzel Artikelen am Detail vir. Dës Kéier mat Plazen, wou et erlaabt oder verbueden ass, fir ee Feier ze maachen.

**F**

Le nouveau Règlement général de Police de la Commune de Sanem date du 13 août 2019 et des articles sélectionnés sont éclaircis dans le kuerz&knapp. Dans cette édition nous mettons l'accent sur les endroits, où il est interdit respectivement permis d'allumer un feu.

Et ass verbueden ee Feier op der Strooss, op Spill-plazen, an Erhuelungsgebidder oder am Bësch ze maachen. Dovunner ausgeschloss si Plazen, wou et explizit erlaabt an och deementspriechend beschëldert ass. An de Stied oder Uertschafte muss ee Feier an engem Haff, Gaart oder op engem aneren Terrain zu all Moment bewaacht an ënnner Kontroll sinn an d'Noperen dierfen net gestéiert ginn. Donieft müssen all Sécherheitsmesurë getraff gi fir ze verhënneren, dass d'Feier sech ausbreet.

#### Donieft ass et verbueden:

- Glous oder waarm Äschen a brennbar Behälteren ze schëdden. Behältere mat Glous oder Äsche müssen op Plazen ofgestallt ginn, wou all Feier- oder Vergëftungsgefahr ausgeschloss ka ginn.
- Eng Scheier, en Ênnerdaach oder Miwwelen aus Weess, Stréi oder Hee méi no wéi 100m un engem Haus, ee Bësch, eng Plantatioun oder ee verwëlderten Terrain opzeriichten.
- Eng oppe Flam als Beliichtung, als Heizung oder fir ze schaffen ze benotzen, virun allem op Plazen, déi liicht brenne kënnen. Am Fall, wou Aarbechte mat Maschinne mat enger oppener Flam duerchgefouert musse ginn, müssen all Sécherheitsmesurë getraff ginn, fir ee Feier oder eng Explosioun ze verhënneren.
- Op Plazen ze fëmmen, wou mat liicht brennbarem Material geschafft gëtt oder sou Produite stockéiert sinn.

Il est interdit d'allumer un feu sur la voie publique, les places de jeux, lieux de récréation, zones boisées à l'exception des zones définies comme telles. A l'intérieur des agglomérations, les feux dans les cours, jardins et autres terrains doivent être constamment surveillés et ne pourront incommoder les voisins; toutes les mesures de sécurité doivent être prises pour éviter une propagation du feu.


#### Il est en outre interdit :

- De placer de la braise ou des cendres chaudes dans des récipients en matière combustible. Les récipients contenant ces braises ou cendres doivent être placés à des endroits où tout danger d'incendie et d'intoxication est exclu.
- De construire des granges, et des abris ou de placer des meules en blé, en paille ou en foin à une distance de moins de 100 m d'une habitation, d'un bois, d'une plantation ou d'un terrain broussailleux.
- De se servir d'une flamme ouverte pour l'éclairage, chauffage ou travail dans des endroits et locaux présentant un danger particulier d'incendie. Dans les cas où des travaux avec des appareils à flamme ouverte doivent être exécutés, toutes les mesures doivent être prises pour exclure tout risque d'incendie et d'explosion.
- De fumer dans des endroits et locaux où sont manipulés ou entreposés des produits et matières facilement inflammables ou explosifs.



Dat ausféierlecht Policereglement kënnt Dir hei noliesen  
Veuillez retrouver le Règlement général de Police dans son intégralité ici

Certificat de publication : Le règlement général de police du 12 juillet du Conseil communal de Sanem (point 27a) a été publié et affiché le 8 août 2019, conformément à l'article 82 de la loi communale du 13 décembre 1988.



Endeckt d'Häerz vun der Gemeng Suessem mat all de Facettë vum Liewen  
Découvrez toutes les facettes de la vie au coeur de la Commune de Sanem

# Gustoso!

**L**

**D**e Sport bréngt Mënschen zesummen. An heiansdo kënnt ee sech esou no, dass een duerno guer net méi vunenee fort kënnt. Déi gebiertereg Franséisin **Nathalie Demange** war viru ville Joren op Schéffleng komm, fir bei engem Petanque Turnéier hirer Passioun nozegoen. Si sollt do net némmen hire spéidere Mann kenne léieren, mee och ufánke Fouss hei am Land ze faassen. Zanter leschtem Joer ass d'Éilerenger Nationalspillerin och um Pabeier Lëtzebuergerin a konnt bei de Spiller vun de klenge Länner a Montenegro d'Goldmedaille fir de Grand-Duché gewonnen. Fir d'Rubrik mat Rezepter vun der Integratiounskommissiou vun der Gemeng Suessel huet si hir Kichendier grouss opgemaach. Dass hir Mamm grad dee Moment op Besuch ass, ass keen Zoufall. Well de kulinareschen "back to the roots" soll esou authentesch wéi méiglech sinn. D'Famill huet hir Wuerzelen zu Bruyères an de Voges an d'lessgewunnechten erénnere ganz staark un d'Nopeschregioun Elsass.

**F**

**L**e Sport rassemble les gens. Et parfois, il réussit même à les unir pour de bon. Il y a bien longtemps que **Nathalie Demange**, Française d'origine, vint à Schifflange dans le cadre d'un tournoi de pétanque pour vivre sa passion. Elle y rencontra non seulement son futur mari, mais commença aussi à prendre pied au Luxembourg. Depuis l'année dernière, la résidente d'Ehlerange possède la nationalité luxembourgeoise et représenta le Grand-Duché entre autres aux Jeux des petits États d'Europe au Monténégro où elle décrocha une médaille d'or. Pour la rubrique de recettes de la Commission de l'Intégration de la Commune de Sanem, elle nous fait découvrir sa cuisine la porte grande ouverte et ce n'est pas par hasard que sa mère est au rendez-vous. Elles ont prévu un retour aux sources culinaire authentique, mettant à l'honneur les racines familiales qui se trouvent dans le département des Vosges à Bruyères et qui rappelle fortement la région voisine, l'Alsace.



Déi gebiertege Franséisin Nathalie Demange  
parapéiert en authentesche kulinareschen  
“back to the roots”.



Online fannt Dir och d'Rezept fir eng Schneekegkeit  
Découvrez la recette pour un dessert savoureux en ligne  
[SUESSEMJETAIME.LU/DEFTEGES-AUS-FRANKRAICH](http://SUESSEMJETAIME.LU/DEFTEGES-AUS-FRANKRAICH)



PLAT

## Baeckeoffe

L

**W**at huet ee fréier um Duerf gemaach, wann d'Zäit gefeelt huet fir d'lessen ze préparéieren? D'Mikrowell war nach net erfonnt. De Bäcker war an esou Fäll d'Rettung an der Nout. Wann dee säi Brout bis gebak hat, konnt d'Reschthëtz vu sengem Uewe genotzt gi fir aner Saachen. D'Fraen hu moies fréi virun der Mass oder hirer Hausarbecht hir Oplafschossele mat den Ingrediente laanscht bruecht a se ronderëm den Deckel mat Broutdeeg zouemaach, fir se ze versigelen. Mat wéineg Opwand hate si fir mëttes en deftege Plat fir eng grouss Famill sat ze kréien. Den Numm Baeckeoffe erënnert och haut nach un den Ursprung vun der Zoubereedung. Mam Rezept vum Nathalie Demange kann een 8–10 Leit bekäschtegen.

D'Fleesch a Kübe vu 5 cm schneiden. Duerno 24 Stonnen zesumme mat der Marinad an enger grousser Schossel am Frigo loessen. D'Gromperen an d'Muerte schielen an an dënn Rondele schneiden. D'Ënne graff schneiden. D'Fleesch ofdrëpse loessen an de Saft vun der Marinad halen. Eng Oplafschossele aus terre cuite bannendra mat Botter afetten, an doropshin eng Kusch no däär anerer dra maachen: Ënnen, Gromperen a Muerten, Fleesch, gespléckte Schwéngsfouss, Gromperen a Muerten, Porrett. All Kusch eenzel salzen a pefferen. De Saft vun der Marinad bis op d'Héicht vun de Gromperen dra schédden. Den Deckel drop maachen a ronderëm mat enger Sträif Deeg zourmaachen, déi den Deckel un d'Oplafschossele fixéiert. Dësen Deeg gëtt mam Miel a mat 1 Zoppeläffel Waasser gemaach. Ongefíer 2,5 Stonnen bei 200° am Uewe goe loessen.

F

**C**omment préparait-on un plat savoureux à l'époque quand on n'avait pas vraiment le temps de passer toute sa matinée en cuisine ? Attention, le four à micro-ondes n'avait pas encore été inventé. Le seul four du village se trouvait chez le boulanger et quand il avait cuit ses pains, tout le village profitait de la chaleur résiduelle de son four. Avant de se rendre à la messe ou de faire le ménage, les femmes y emmenaient leurs cocottes remplies avec les ingrédients, scellées hermétiquement au niveau des couvercles avec de la pâte. En laissant le tout mijoter jusqu'à midi, elles arrivaient à préparer un plat copieux pour une grande famille sans trop d'effort. Le nom alsacien *bæckeoffe* rappelle l'origine de la préparation. La recette de Nathalie Demange est conçue pour 8–10 personnes.

Couper la viande en cubes de 5 cm. Les réfrigérer 24 heures dans un grand plat avec les ingrédients de la marinade. Éplucher les pommes de terre et les carottes, et les couper en très fines rondelles. Émincer les oignons. Égoutter la viande et garder le jus de la marinade. Beurrer la terrine en terre cuite allant au four et disposer successivement : une couche d'oignon, une couche de pommes de terre et de carottes, les morceaux de viande, le pied de porc fendu en deux, une couche de pommes de terre et de carottes, le poireau. Saler et poivrer chaque couche. Verser le jus de la marinade jusqu'au niveau des pommes de terre. Poser le couvercle et le souder à la terrine avec un cordon de pâte fait avec la farine et 1 cuillère à soupe d'eau. Cuire pendant environ 2,5 heures au four à 200°.

### Plat Baeckeoffe (8–10 p.)

- **700g** Schwéngsgenéck échine de porc
- **700g** Lammschëller épaule d'agneau
- **700g** Gîte oder Paleron bœuf
- **1** Schwéngsfouss pied de porc
- **1** Gromperen pommes de terre
- **100g** Miel · farine
- **3** Muerten · carottes
- **1** Porrett · poireau
- **2** Ënnen · oignons
- Peffer · poivre
- Sel · salz

### Marinad

- **75cl** dréchene wäisse Wäin aus dem Elsass vin blanc sec d'Alsace
- **1** graff geschnidden Ënn gros oignon émincé
- **1** zerdrätschte Knuewelekszéif gousse d'ail écrasée
- **1** Hallem Thymian branche de thym
- **2** Lorberblieder feuilles de laurier

### Zalot · Salade vosgienne (4 p.)

- Gréng Zalot oder Pissenlit salade verte ou pissenlit
- **200g** gereecherte Speck lardon fumé
- **4** Eeër · oeufs
- Brout a Kübe geschnidden pain coupé en cubes
- Sauerram Crème fraîche épaisse
- Moschter · moutarde
- Esseg · Vinaigre
- Olivenueleg · huile d'olive
- **8** Tomates cerises
- Bratzelen · ciboulettes
- Schallotten · échalotes



SALADE VOSGIENNE

## Zalot

**L**

**E**ng Vinaigrette mat Olivenueleg, Esseg, Moschter, Bratzelen a Schallotte préparéieren. D'Zalot wäschchen an op en Teller maachen. De Speck ubroden an duerno waarm halen. D'Brout mat e bëssen Olivenueleg an erger Pan ubroden, bis et Croutone sinn. D'Eeër ganz douce a bal kachend Waasser maachen a bal 6 Minutte goe loessen (oppassen op de richteg Moment!). D'Eeër eraushuelen an direkt a kaalt Waasser maachen, fir d'Cuisson ze stoppen. Duerno virsiichteg schielen. D'Tomates cerises, de Speck an d'Croutonen op d'Zalot maachen. Uschléissend mat e bësse Vinaigrette an 1 Kaffisläffel Sauerram verfeineren, an dat wotlecht Ee drop maachen. Wann et méi defteg a gehaltvoll soll sinn, da können och nach gebootschte Gromperen dobäi kommen.

**F**

**P**réparer une vinaigrette à la base d'huile d'olive, vinaigre, moutarde, ciboulette et échalote. Laver et essorer la salade, ensuite disposer dans une assiette. Faire revenir les lardons et les réserver au chaud. Faire revenir les croutons de pain dans une poêle avec un peu d'huile. Faire cuire les œufs «mollets» : les déposer délicatement dans l'eau frémissante et laisser cuire entre 5 minutes 45 secondes et 6 minutes. Les retirer et mettre immédiatement dans un saladier rempli d'eau froide afin d'arrêter la cuisson. Les écaler délicatement. Sur la salade, mettre les tomates cerises, les lardons et les croutons de pain. Verser un peu de vinaigrette et une cuillère à café de crème fraîche, et déposer l'œuf mollet encore tiède. Pour un plat plus consistant et complet, il est possible d'y ajouter des pommes de terre rôties. /

*Bon appétit!*

AWEIUNG / INAUGURATION

# Complexe Sportif Sanem

**L**

D'Aweiung vun der neier Sportshal zu Suessem war de Samstag, 18. Januar 2020 am Kader vum Suessemer Jugend Indoor Cup, an a Präsenz vum Sportminister Dan Kersch. Nom offiziellen Deel hat de Schäfferot vun der Gemeng Suessem en Éierewäin offréiert.

Déi modern a polyvalent Infrastruktur mat engem Käschtepunkt vun 12 Mio € bitt déi bescht Konditiounen, fir an Zukunft d'Schoulkanner an allerlee Sportler z'empfänken. Den neie Bau ass vun der Konzeption hier nohalteg an ökologesch, an huet ë.a. eng Photovoltaikanlag um Daach, déi dat waarmt Wässer am Gebai generéiert.

**F**

L'inauguration du nouveau Complexe Sportif Sanem a eu lieu le samedi, 18 janvier 2020 dans le cadre du «Suessemer Jugend Indoor Cup», et en présence du Ministre des Sports Dan Kersch. Après la partie officielle, le Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Sanem avait invité à un vin d'honneur.

L'infrastructure moderne et polyvalente du complexe permettra d'accueillir les élèves et toutes sortes de sportifs dans les meilleures conditions. Avec un coût de construction qui s'élève à 12 mio €, le hall a été conçu en priorisant les aspects durables et écologiques. Des panneaux photovoltaïques installés sur le toit génèrent l'eau chaude dans le bâtiment. /



Méi Fotoen op  
Plus de photos sur

SUESSEM.LU/COMPLEXE-SPORTIF-SANEM



INFO



Il veille sur vous :  
**LE DÉTECTEUR DE FUMÉE**



Il alerte, vousappelez, les secours arrivent.

LE DÉTECTEUR DE FUMÉE SAUVE DES VIES | [WWW.RAUCHMELDER.LU](http://WWW.RAUCHMELDER.LU)

LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL  
INCENDIE & SECOURS

CONED

**NEI AUERZÄITEN & HALTESTELLEN**  
NOUVEAUX HORAIRES & ARRÊTS

# RUFF BUS

L

## U wie riicht sech de Ruff Bus?

U jiddereen, dee sech spontan a flexibel an der Gemeng Suessem déplacière wéll. Donieft fiert de Ruff Bus 6 präzis definéiert Plazen un, déi Dir an der Rubrik "Wou fiert de Ruff Bus?" erëm fannt. De Ruff Bus kann natierlech och Poussetten, Rollstil a Rollatoren mathuelen.

## Wéi reservéiert Dir de Ruff Bus?

Reservéiert Är Platz op direktem Wee iwwert d'Gratisnummer 8002 20 20 an dat **op d'mannst 45 Minutte** virun Ärem gewünschten Depart, **am Idealfall awer 2 bis 3 Deeg am Virfeld.**

Dés Hotline funktionéiert vu méindes bis samschdes téscht 08.00 an 20.00 Auer. Dir kënnt de Ruff Bus och wéchentlech zu festen Auerzäite reservéieren an am Noutfall Är Demande annuléieren.

## Wéini fiert de Ruff Bus?

**Vu méindes bis freides téscht 07.00 an 19.00 Auer.**  
**Samschdes téscht 09.00 an 19.00 Auer.**

## Wéivill kascht een Trajet?

De Ruff Bus kascht 2 € pro Persoun pro Trajet. Tickete kënnt Dir direkt am Bus kafen. Kanner énner 6 Joer fuere gratis.

F

## À qui le Ruff Bus s'adresse-t-il ?

À toutes les personnes désirant se déplacer de façon spontanée et flexible sur le territoire de la Commune de Sanem et ses alentours proches définis dans la rubrique «Où circule le Ruff Bus ?». Le transport de poussettes, fauteuils roulants et déambulateurs est évidemment possible.

## Comment réserver le Ruff Bus ?

Composez le numéro gratuit 8002 20 20 et réservez directement votre place – **au plus tard 45 minutes** avant votre départ souhaité, **idéalement 2 à 3 jours à l'avance**.

Le call center est ouvert du lundi au samedi de 08h00 à 20h00. Si vous souhaitez prendre le Ruff Bus régulièrement les mêmes jours aux mêmes heures, vous pouvez faire une réservation récurrente et l'annuler à votre aise.

## Quand circule le Ruff Bus ?

**Du lundi au vendredi de 07h00 à 19h00.**  
**Le samedi de 09h00 à 19h00.**

## Combien les trajets coûtent-ils ?

Le Ruff Bus coûte 2 € par personne et par trajet. Les tickets sont vendus dans le bus. Le Ruff Bus est gratuit pour les enfants de moins de 6 ans.



Pour plus de renseignements  
Fir méi Informatiounen

[www.flexibus.lu](http://www.flexibus.lu) | [zentrale@flexibus.lu](mailto:zentrale@flexibus.lu)

## Wou fiert de Ruff Bus? Où circule le Ruff Bus ?

**Gemeng Suessem** | Commune de Sanem  
**Belval Plaza**  
**CHEM Esch**  
**CHEM Niederkorn**  
**Club Senior Prénzebierg** Differdange  
**Rond-point Biff**  
**Rond-point Raemerich**



**8002  
2020**



**LU** Donneschdes, den 23. Januar 2020 war d'ONG *Christian Solidarity International* op Besuch an der Schoul Roude Wee, fir hir Bildungsprojekte fir ausgegrenzte Mënsche virzestellen. An deem Kader krut CSI e Scheck an Héicht vun 1000 € ivverreecht. Dës Sue waren um Wanterfest vun der Schoul gesammelt ginn.

**FR** Visite de l'ONG *Christian Solidarity International* à l'école Roude Wee le jeudi, 23 janvier 2020 pour présenter ses projets d'éducation qui visent à offrir de nouvelles perspectives aux personnes marginalisées. À cette occasion, CSI a reçu un chèque d'une valeur de 1000 €, montant qui avait été récolté lors de la fête hivernale de l'école.

Schéckt ee WhatsApp Message, wou  
Dir **Ären Numm** dra schreift, un

Envoyez-nous un message WhatsApp,  
indiquant votre **nom et prénom**, au

**621 781 782**

**SERVICE**

**EVENTS**

**INFOS ROUTE**

**GEMENG SUESSEM** + **WhatsApp**

**BLEIFT INFORMÉIERT!**  
Mellt lech an eisem **Whatsapp** Info-Grupp  
un, a gitt reegelméisseg gewuer wat an der  
Gemeng Suessem lass ass.

**RESTEZ INFORMÉ !**  
Inscrivez-vous à notre groupe **Whatsapp**,  
et soyez au courant de tout ce qui se passe  
dans la Commune de Sanem.

LE COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS EN VISITE

# De Schäfferot op Besuch

**LU** A Präsenz vun der Familljeministesch Corinne Cahen a vum Schäfferot vun der Gemeng Suessem gouf de Mëttwoch, 8. Januar 2020 den **100. Gebuertsdag** vun der **Mme Yvonne Baustert-Bourkel** gefeiert, déi schonn hir Kandheet zu Bieles verbruecht huet. Si krut den "ordre de mérite" iwwerreecht a Gléckwënsch gouf et énner anerem vum Groussherzoglechen Haff.

**FR** En présence de la Ministre de la Famille Corinne Cahen et du Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Sanem, **Mme Yvonne Baustert-Bourkel**, originaire de Belvaux, a fêté son **100e anniversaire** le mercredi, 8 janvier 2020. Elle a reçu l'ordre de mérite du Grand-Duché de Luxembourg et les voeux de bonheur de la Cour grand-ducale. /



# **“Brel hat mir den Arsch bewegt.”**



MË. 18. MÄRZ  
» ARTIKUSS



© Malene

## KLAUS HOFFMANN SINGT BREL

**E Gespréich mam bekannten däitsche Liedermacher iwwer säin aktuelle Programm, deen hien den 18. Mäerz am Artikuss presentéiert, eng Woch viru sengem 69te Gebuertsdag.**

Berlin an de 60er Joren. De 24 Joer jonke Klaus Hoffmann ass grad eréischt zeréck vun enger laanger Rees aus Afghanistan a sëtzt um Kaffisdësch an engem klenge Musekclub. Deemools ass een no enger Soirée ganz um Enn nach fir e Maufel bliwwen. Als Ofschloss vun enger Nuecht mat Jazz an amerikanesche Saachen héiert hien op eemol 'Ces gens-là'.

„Mein Französisch war miserabel, aber was Brel machte hat mich ins Herz getroffen. Das war unglaublich. Und so fing die Reise an. Dann hab' ich mir durch Franzosen immer wieder die Übersetzungen geholt. Es gab ein kleines Buch von Heinz Riedel und ich hab' angefangen, ihn in Deutschland zu singen. Dann erst habe ich meine eigenen Übersetzungen gemacht. Später wurde es an sich immer mehr mein eigenes Lied.“

Den Hoffmann gëllt als legitimme Brel-Interpret. Net fir näischter krut hie vun der Wittfra vum 'Grand Jacques' fräi Hand, fir d'Wierk op Däitsch z'interpretéieren. 1996 ass de Musical 'Brel. Die letzte Vorstellung' an Zesummenarbecht mam laangjäregen Arrangeur a Matkomponist vum Brel, dem François Rauber, entstanen. De Klaus Hoffmann huet et färderdeg bruecht, dass dës franséisch Chanson-Lidder an enger anerer Sprooch d'Krafft vun hirer Ausso behalen. Hien huet och keng Beréierungsängscht mat engem Public, dat d'Original-Lidder kennt.

„Es ist ein anderes Flair, sobald ich mit Luxemburgern oder Franzosen zusammen bin. Das war schon früher so. Ich habe mal in Nizza eine Platte vorbereitet, und war eines Nachts mit meiner Band unterwegs, um Straßenmusik zu machen. Da kam ein Typ aus Paris dazu, der da spazieren ging, und wollte mich engagieren, obwohl ich alles in Deutsch sang. Ich muss irgendetwas haben, das mich mit französischsprachenden Menschen verbindet. Ich geh' jetzt auch nach Brüssel mit dem Brel-Programm.“

De musikalesche Partner vum Klaus Hoffmann ass den Hawo Bleich, deen hien um Fligel begleet. Et héiert ee Stécker aus dem ganze Repertoire vum Jacques Brel, vun 'Les Bourgeois' iwwer 'Amsterdam' bis hin zu 'Les Marquises', awer och déi fréi Chanson-Lidder. Wat de Personnage vum Jacques Brel ugeet, sou probéiert sech de Schauspiller a Sänger Hoffmann zanter 40 Joer mat enger Mëschung aus Virwëtz, Bewonnerung an awer och Kritik mat den Nuancë vum komplexe Kënschtler auserneen ze setzen.

„Ich seh' nicht so aus wie er und ich will auch nie versuchen ihn zu kopieren. Ich stell' mich neben ihn wie ein copain, ein Freund. Viele Sachen von ihm finde ich auch gar nicht so gut, das sage ich am Schluss auch immer. Zum Beispiel diesen Machismus, den er so übertrieb. Er war ja im Grunde ein sehr schüchterner Mann. Aber ich hab' den von Anfang an verstanden. Durch dieses Geheimnis, das er ausstrahlte, durch die Theatralik und dieses Pathos, hat er mir als junger Mann an sich den Arsch bewegt. Ich zeige dieses Feuer, diese Leidenschaft, am Leben zu sein. Du kriegst was von Hoffmann und von Brel mit.“ /



12.04.

CHÂTEAU DE SANEM

## Ouschtereeërsich



29.05.–31.05.

CHÂTEAU DE SANEM

## Summerfeeling



13.06.

KUSS

## Nuit du Sport



22.06.

KUSS

## Nationalfeierdag



31.07.–02.08

SQUARE MILE BELVAL

## Autokino



13.11.–15.11.

CHÂTEAU DE SANEM

## Wanterfeeling

# Am Artikuss

» Agenda S. 36

18.03. » Klaus Hoffmann singt Brel

31.03. » Freier wor alles ...

03.05. » Accent - A Cappella



# MÄERZ



## Agenda

**MÄERZ, ABRËLL**  
MARS, AVRIL




Wëllt och Dir Äert Evenement am Agenda hunn, da schéckt eis eng Mail mat alle wichtegen Detailer op agenda@suessem.lu oder drot Är Manifestatioun direkt Online an:  
[www.suessem.lu/agenda](http://www.suessem.lu/agenda)  
» Schéckt eis Äert Evenement

**Leschten Delai fir de kuerz&knapp.**  
**Mee–Juni 2020**  
**ass den 1. Abrëll 2020**



Pour insérer votre événement dans notre agenda communal, veuillez envoyer un mail indiquant tous les détails à agenda@suessem.lu ou inscrivez votre manifestation directement en ligne sous :  
[www.suessem.lu/agenda](http://www.suessem.lu/agenda)  
» Envoyez-nous votre événement

**Dernier délai pour l'édition mai – juin 2020 du kuerz&knapp. :**  
**1er avril 2020**



DÖNSCHDEN · MARDI

# 3



FREIDEN · VENDREDI

# 6

VERANSTALTUNG

### **Suessemér Pifffaass**

**20H00 | 06.03., 07.03., 13.03., 14.03.**

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

ORG.: Entente Suessem

ENTRÉE 15 €

RESERVATIOUN 59 40 33, facebook/pifffaass



SAMSCHDEN · SAMEDI

# 7

VERANSTALTUNG

### **Suessemér Pifffaass**

**20H00 | 06.03., 07.03., 13.03., 14.03.**

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

ORG.: Entente Suessem

ENTRÉE 15 €

RESERVATIOUN 59 40 33, facebook/pifffaass

LIESUNG

### **Luxemburg im Schatten der Shoah**

**19H30**

Autor Mil Lorang wird sein Buch „Luxemburg im Schatten der Shoah“ vorstellen und signieren. Auszüge werden von Marc Limpach gelesen. In diesem Buch werden Geschehnisse behandelt und dokumentiert, von denen die breite Öffentlichkeit kaum etwas weiß: Die Deportation und der Leidensweg jüdischer Einwohner Luxemburgs – Frauen, Männer, Kinder, Alte und Kranke – in osteuropäische Ghettos und Vernichtungslager sowie die Beteiligung von Luxemburgern am Massenmord der Juden im besetzten Polen ...

Organisiert wird die Veranstaltung von der Gemeinde Sanem in Zusammenarbeit mit MemoShoah Luxembourg.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Kulturkommissioun Gemeng Suessem

07.03.



## VERANSTALTUNG

**Télévie-Fest 2020**

11H00–18H00

Am Kader vum Télévie 2020 huet d'Gemeng Suessem zugesot ee Centre de Promesses ze'organiséieren. D'Société Avicole Bieles mécht dofir schonn am Virfeld e Fest, deem sain Erléis un den Télévie geet.

De ganzen Dag iwwer ginn et hausmaacher Eisekuchen a Paangecher.

Sprangschlass – Fëscherspill – Animatioun – Facepainting

ab 11.00 Auer sinn eis Dieren op  
ab 12.00 Auer kënnt Dir bei eis zu Mëttig iessen

**Menu 1: Kniddele mat Speck**

(12€ fir Erwuessener &amp; 6€ fir Kanner)

**Menu 2: Choucroute Garnie**

(18€ fir Erwuessener &amp; 10€ fir Kanner)

Umeldunge um Telefon 691 58 68 53

vu 14.00–16.00 Auer ass "Jippelchersdisco"  
um 16.00 Auer Optrëtt vum Zauberer David Giacomini

Fräien Entrée fir Grouss a Kleng

**» Kulturschapp, Éilereng**

15, rue Kulturschapp L-4380 Ehlerange

ORG.: Société Avicole Belvaux

SONNDEN · DIMANCHE

8

## VERANSTALTUNG

**Thé Dansant**

15H00

**» Artikuss**

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Comité d'organisation Télévie

## VERANSTALTUNG

**Secondhand Kleedermaart mat Kanner-floumaart**

10H00–17H00

**» Festikuss**

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Gentlemansclub



MËTTWOCH · MERCREDI

11

## KONFERENZ

**#YesWomenCan**

19H30

Typesch Männer- a Fraeberuffer –  
Klischee oder Realitéit?

## INVITÉEN

Caroline André | Tessy Berkefeld |  
Deborah Bill | Nadine Dording |  
Marianne Pesch-Dondelinger |  
Martine Schummer | Beatrice Thévenet |  
Linda Wampach

**» Kultur- a Geschichtshaus  
'A Gadder'**

10 Rue de France, L-4446 Belvaux

ORG.: Kommissioun  
fir Chancëglächheet an Diversitéit

FREIDEN · VENDREDI

13

## VERANSTALTUNG

**Suessemer Pifffaass**

20H00 | 06.03., 07.03., 13.03., 14.03.

**» Hall Polyvalent Suessem**

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

ORG.: Entente Suessem

ENTRÉE 15 €

RESERVATION 59 40 33, facebook/pifffaass

SAMSDEN · SAMEDI

**14**

VERANSTALTUNG

## Suessemmer Pifffaass

20H00 | 06.03., 07.03., 13.03., 14.03.

» **Hall Polivalent Suessem**

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

ORG.: Entente Suessem

ENTRÉE 15 €

RESERVATION 59 40 33, facebook/pifffaass

MÄERZ · MARS

14

SONNDEN · DIMANCHE

**15**

VERANSTALTUNG

## Thé dansant

14H30–17H00

**Mam Jeannot Conter**

Kaffi, Kuch an Tombola  
De ganzen Erléis ass fir den Télévie

» **CIPA 'Résidence op der Waassertrap'**  
60, rue Waassertrap L-4408 Belvaux

ORG.: CIPA Résidence op der Waassertrap

MËTTWOCH · MERCREDI

**18**

CONCERT

## Klaus Hoffmann singt Brel

20H00

2020 bringt der Sänger Klaus Hoffmann, der als der legitime Brel-Interpret Deutschlands gilt, wieder einen Konzertabend mit Jacques-Brel-Chansons in deutscher Sprache auf die Bühne.

Begleitet von Hawo Bleich am Flügel werden Lieder der gesamten Schaffensbreite des belgischen Stars dabei sein. Von 'Les Bourgeois' über 'Amsterdam', 'Marieke' und 'Ne me quitte pas' bis hin zu 'Les Marquises' u.v.m.

„Ich werde den Zustand Brel, sein Feuer, seine Liebe und Leidenschaft zeigen“, so Hoffmann. „Dabei entsteht in mir und auf der Bühne etwas Einzigartiges, Eigenes. Jacques Brel war einer meiner Lehrmeister: theatralisch, pathetisch, lyrisch. Sein Werk erdet mich, seine Flamme brennt noch immer!“.

» **Artikuss**

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Gemeng Suessem  
TICKETEN [www.luxembourgticket.lu](http://www.luxembourgticket.lu)

SONNDEN · DIMANCHE

**22**

VERANSTALTUNG

## Floumaart

09H00–17H00

» **Festikuss**

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Dëschtennis Zolwerkknapp



SONNDEN · DIMANCHE

**29**

VERANSTALTUNG

## Ouschterbazar

11H30

**Menu – Präis 32 €**

Duo vu Spargelen  
Fierkelshämmchen  
Gratin Dauphinois  
Glacéiert Muerten  
Dessert & Kaffi

Musek vu Blue Night  
Keramik an Ouschterdekorationen

» **CIPA 'Résidence op der Waassertrap'**  
60, rue Waassertrap L-4408 Belvaux

ORG.: CIPA Résidence op der Waassertrap  
UMELDUNG 59 49 40 1 bis den 23. Mäerz



GEMENG SUESSEM



© Claude Pisicelli

VERANSTALTUNG

**Fréier wor alles ...**

20H00

**Eng satiresch Chronik vun de 60er Jore bis haut** Vun a mam Jhemp Hoscheit a Jules Arpetti.

» **Artikuss**

3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre

ORG.: Gemeng Suessem

TICKETEN [www.luxembourgticket.lu](http://www.luxembourgticket.lu)

▼ ABRËLL · AVRIL



VERANSTALTUNG

**Sportleréierung**

19H00

Sportifs méritants 2019

» **Artikuss**, 3, rue Jean Anen Soleuvre

ORG.: Sportskommissioun Gemeng Suessem



VERANSTALTUNG

**Ouschtereeërsich**

10H00

» **Suessemer Schlass**

ORG.: Gemeng Suessem



VERANSTALTUNG

**Grouussen Télévie Dag**

Centre de promesses am KUSS mat flotten Aktivitéiten iwwert de ganzen Dag.

**Weider Infos S. 14**


» **KUSS** 3, rue Jean Anen L-4413 Soleuvre  
ORG.: Gemeng Suessem

CONCERT

**Gala Concert**

20H00

» **Hall Polyvalent Suessem**  
Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

ORG.: **Harmonie Concorde Sanem**

CONCERT

**Gala Concert**

20H00

» **Artikuss** 3, rue Jean Anen, SoleuvreORG.: **Harmonie de Soleuvre**

## Assemblées générales ordinaires

MÄRZ | ABRËLL

**04.03.** Biergerinitiative Gemeng Suessem a.s.b.l.  
19h00 » Boulodrome Belvaux Metzerlach

**08.03.** Le Guidon Belvaux  
17h00 » Boulodrome Belvaux Metzerlach

**13.03.** FräiZäit 99  
20h00 » Kulturschapp Éilereng

**19.03.** Senioren Gemeng Suessem  
15h00 » Kulturschapp Éilereng

**20.03.** LCGB Sektioun Gemeng Suessem  
19h00 » Parhaus Bieles

**26.03.** Entente Éilereng  
20h00 » Kulturschapp Éilereng

**01.04.** Spullweenchen Gemeng Suessem  
20h00 » Parhaus Bieles

**23.04.** Nikloswierk Éilereng  
19h30 » Kulturschapp Éilereng

**23.04.** Interesseverän Éilereng  
20h15 » Kulturschapp Éilereng



# Informatiounsblat

09. Dezember 2019 » Säit 41

13. Dezember 2019 » Säit 58

17. Januar 2020 » Säit 78

L

## GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Erleift d'Sëtzunge vum Gemengerot am Replay.

Just e puer Stonnen nom Enn vun der jeeweileger  
Sëtzung fannt Dir énnert

**suessem.lu/lb/seance-year/2020**

déi detailléiert Audio-Versioun vum Gemengerot.

F

## SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Suivez les séances du Conseil communal en Replay.

Retrouvez les fichiers audio des séances sous

**suessem.lu/fr/seance-year/2020**

quelques heures après la fin du Conseil communal  
respectif.



# Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

**lundi, 9 décembre 2019**

date de l'annonce publique

**02 décembre 2019**

date de la convocation des conseillers

**02 décembre 2019**

début: **14h05**

fin: **17h15**

## PRÉSENTS:

M. Engel Georges, président,  
M. Anen Gaston, Mme Asselborn-Bintz Simone, M. Bronzetti Denis,  
Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély Alain, Mme Faber-Huberty Chantal,  
M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, Mme Logelin Anne,  
M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Romeo  
Franca, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine,  
Mme Manon Greven, secrétaire

**ABSENT(S) EXCUSÉ(S): /**

**PREMIER VOTANT:** M. Haas Marc

Madame Tornambé-Duchamp Nadine n'a pas pris part  
au vote du point 8.

## — ORDRE DU JOUR

**1.** Correspondance et Informations.

## — BUDGET

**2.** Présentation du budget rectifié 2019 et du budget 2020.

» **Prise de connaissance**

## — ÉCOLOGIE

**3.** Résolution proclamant la crise climatique et appelant à un plan d'action immédiat et ambitieux pour limiter le réchauffement climatique à 1,5°C.

» **Vote unanime**

## — PROJETS

**4.** Mise en conformité de passages pour piétons et arrêts d'autobus dans la commune de Sanem. Devis estimatif détaillé: 100.000,- € (article budgétaire: 4/622/221313/19001).

» **Vote unanime**

**5.** Réalisation d'un abri vélo au service technique. Devis estimatif détaillé: 10.000,- € (article budgétaire: 4/130/221311/19007).

» **Vote unanime**

## — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

**6.** Actes de cession à titre gratuit:

**a.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec le sieur SASSEL et la dame CONRADY concernant une parcelle de terrain sise à Belvaux.

**b.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec les époux KROLAK-EVERAD concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

**c.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec les époux BEI-VIRGILI concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

**d.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec la communauté d'époux HEINEN-HENTGES concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

**e.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec la société à responsabilité limitée «IMMO DOMUS» et la société anonyme «SUNCO» concernant deux parcelles de terrain sises à Belvaux.

**f.** Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec la société anonyme «TAINO S.A.» concernant trois parcelles de terrain sises à Soleuvre.

» **Vote unanime**

**7.** Approbation d'un compromis de vente avec le sieur SIMOES DOS SANTOS et la dame PINTO LEAL concernant la vente de deux parcelles de terrain sises à Belvaux.

» **Vote unanime**

**8.** Approbation d'un contrat de bail avec le consortium d'époux TORNAMBÉ-DUCHAMP concernant une partie d'une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

» **Vote unanime**

**9.** Approbation d'un droit d'occupation avec la société anonyme «PROXIMUS Luxembourg S.A.» concernant une partie de terrain sans numéro cadastral sise à Soleuvre.

» **Vote unanime**

**— FINANCES****10.** Approbation du budget prévisionnel 2020 de « Epi-Sol Sanem ».» **Votes positifs:** 15

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cecchetti Myriam, Engel Georges, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Piscitelli José, Romeo Franca, Speck-Braun Patricia, Tornambé-Duchamp Nadine.

» **Abstentions:** 2

Cornély Alain, Faber-Huberty Chantal.

**11.** Approbation de l'annulation du remboursement de la dette de l'« EpiSol – Sanem » envers la Commune de Sanem pour l'exercice 2017 et 2018.» **Vote unanime****12.** Approbation de divers subsides

Numm	Objet	Montant deen déi Jore virdrun accordéiert ginn ass	Montant accordéiert
Fondation Autisme Luxembourg	Demande fir en Don	100,- CC 16.11.2018	100,-
Man to Human a.s.b.l.	Demande fir en Don	—	100,-
Padem a.s.b.l.	Demande fir en Don	—	—
SOS villages d'enfants monde a.s.b.l.	Demande fir en Don	—	—
Unity Foundation	Demande fir en Don	—	—
Kanner- Jugendtelefon	Demande fir en Don	—	100,-
Tukwataniise a.s.b.l.	Demande fir en Don	—	—
Fondation Chréschte mam Sahel	Demande fir e Subside	—	—
Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l.	Demande fir en Don	100,- CC 10.12.2018	100,-

» **Vote unanime****— CIPA – RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP****13.** Adaptation du prix des repas sur roues.» **Vote unanime****14.** Adaptation du prix des repas du jour.» **Vote unanime****15.** Ajustement du prix de pension.» **Votes positifs: 12**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Engel Georges, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Tornambé-Duchamp Nadine.

» **Abstentions: 5**

Cecchetti Myriam, Cornély Alain, Faber-Huberty Chantal, Piscitelli José, Speck-Braun Patricia.

**— OFFICE SOCIAL****16.** Approbation du budget rectifié 2019 + budget 2020 de l'Office social de Sanem.» **Vote unanime****17.** Avis concernant une décision du conseil d'administration de l'office social: Création d'un poste d'assistant social/assistant d'hygiène sociale (m/f) à plein temps à contrat indéterminée et sous le statut de l'employé communal groupe de traitement A2, sous-groupe éducatif et psycho-social avec effet au 1er janvier 2020 pour le besoin de l'ARIS/REVIS».» **Avis favorable****18.** Nomination de quatre membres au sein du Conseil d'administration de l'Office social**a.** Poste vacant 1**Est nommé:** Monsieur Dondelinger Henri**b.** Poste vacant 2**Est nommé:** Monsieur Merenz Norbert**c.** Poste vacant 3**Est nommé:** Madame Pütz-Seil Monique**d.** Poste vacant 4**Est nommé:** Madame Reuter-Bauler Carine**— CIRCULATION****19.** Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevins. Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de construction des résidences « Cappelli towers » dans l'avenue du Blues à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans la séance du 29 novembre 2019.» **Vote unanime****— PERSONNEL****20.** Mise en place d'un compte épargne-temps au profit de tous les salariés communaux, à partir du 1er janvier 2020.» **Vote unanime****— DIVERS****21.** Approbation d'un règlement communal fixant les modalités d'obtention d'une subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux.» **Vote unanime****22.** Prise de connaissance de statuts: Sport Climbing Zolwer.» **Prise de connaissance**

**23. Modification de la composition des commissions consultatives.**

Démissions:

N <sup>bre</sup>	Commission	Statut	Nom et Prénom	Fonction	Nationalité/ Parti/Association
1	scolaire	obligatoire	S GIOVANNELLI Roberto	membre externe	Conseil des Parents
2	scolaire	obligatoire	E REINESCH Laurent	membre externe	Conseil des Parents
3	scolaire	obligatoire	E ANDRE-LARIBI Yasmine	membre externe	Conseil des Parents

Nominations:

N <sup>bre</sup>	Commission	Statut	Nom et Prénom	Fonction	Nationalité/ Parti/Association
1	scolaire	obligatoire	S LEMAIRE-MULLER Marina	membre externe	Conseil des Parents
2	scolaire	obligatoire	E REYTER-KRISCHLER Mireille	membre externe	Conseil des Parents
3	scolaire	obligatoire	E DUHR Françoise	membre externe	Conseil des Parents

» Vote unanime

**24. Questions et divers.****— SÉANCE À HUIS CLOS****25. Présentation du Service de l'Agent municipal.**

» Prise de connaissance

## Gemeinderatssitzung Sanem

### Montag, 9. Dezember 2019

**BELES** – Zweiieinhalt Stunden dauerte die Gemeinderatssitzung am 9. Dezember 2019, in der die Vorstellung des rektifizierten Haushalts 2019 und die Budgetvorlage 2020 im Fokus standen.

Zu Beginn nutzte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) die Gelegenheit, seinen Kollegen Marco Goelhausen (LSAP) in seiner neuen Funktion als Gemeinderatsmitglied zu begrüßen. Im gleichen Zuge wurde Mike Lorang (CSV) als neuer Schöffe willkommen geheißen.

Dann folgte die Information über den National Energy Globe Award 2019, den die Gemeinde Sanem von der österreichischen Botschaft am vergangenen 21. November für den Bau der ersten Solarstraße einer Gemeinde erhalten hatte. Man könne sehr stolz darauf sein, so der Bürgermeister weiter, da dieser Preis zeige, dass man auf dem richtigen Weg sei und man weiter in innovative, ökologische Projekte investieren solle.



### BUDGET 2020

Traditionsgemäß präsentierte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) und Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) den rektifizierten Haushalt 2019 und das Budget 2020 gemeinsam.

#### Bürgermeister Georges Engel (LSAP):

“ Dir Dammen, dir Hären,

Wéi déi Jore virdru war och 2019 erém e gutt Joer. Vill ass realiséiert ginn, de Programm, dee mer eis ginn hunn, war korrekt a mir konnten d'Liewensqualitéit vun de Bierger duerch eng séllege Realisatiounen verbesseren. Leider hu mer et, wéi och all Joer, net gepackt, fir alles ze realiséieren, wat mer eis virgeholl hunn. Mee mir schaffen drun, émmer an émmer erém.

Eist ganzt Land profitéiert natierlech finanziell vun der gudder Konjunktur déi mer hunn an deemno d'Gemengen och. Niewent de positiven Effekter vu méi Moyenen, ginn et natierlech och eng ganz Partie negativ Begleeterscheinunge vun deem Wuesstem, déi Auswirkungen op eis Bierger hunn.

Eng, déi mer alleguer kennen, ass d'Verkéiersproblematik wou mer net némmen hei an der Géigend, mee am ganze Land enorm Problemer hunn, déi et ze léise gëllt. 2019 hu mer do jo eng gutt Nouvelle kritt, déi eis den Tram bis op Bieles soll bréngen. An och wann dat nach eng Rei vu Joren dauere wäert, ass dës Nouvelle eng gutt Nouvelle fir eis Gemeng.

Niewent der gudder Konjunktur muss ee soen dass d'Gemengefinanzreform och fir eis wierkt.

2019 ass sécherlech och d'Joer vum neie PAG vun der Gemeng, deen ass zukuntsorientéiert a koordinéiert, ekologesch a strukturéiert. D'Weiche fir eng gutt Zukunft fir eis Gemeng goufe gestallt.

2019 ass och d'Joer vu groussen Emotioune gewiescht, där gudder an där manner gudder.

Et kann een allgemeng soen, dass d'Gemeng gutt evoluéiert huet zu engem modernen Déngschtleeschtungsbetrieb.

Personalzuele weisen dat och aus: vu 603 op 623 Mataarbechter gekommen innerhalb vun engem Joer.

### POPULATIOUN

au 01.01.	2019	2020
Awunnerzuel	17.241	17.540 +299 Awunner

## PERSONAL

au 31.12.	2018	2019	
Fonctionnaires	77	79	
Salariés à tâche intellectuelle	192	203	
Salariés à tâche manuelle	334	341	
Total	603	623	+20 Leit

D'Entwicklung vun der Gemeng ass gutt.

Et ass de 15. Budget deen ech hei dierf virstellen. 2006 war deen éischten: Do hate mir en Iwwerschoss am Ordinäre vu 4,1 Mio. €. Budget Ordinaire: 31 Mio. €. Budget Extraordinaire: 17 Mio. €. Total: 48 Mio. €

2020 ass da vlächt mäi leschten: haut hu mer en Iwwerschoss am Ordinäre vu 16,1 Mio. €. Budget Ordinaire: 75 Mio. €. Budget Extraordinaire: 57 Mio. €. Total: 132 Mio. €

Dat sinn zwou verschidde Welten, och wat d'Personal betréfft: Enn 2005 waren 274 Leit agestallt, 2020 läit d'Personalzuel bei 623.

An de leschte 15 Joer ass ganz vill realiséiert ginn wat weeweisend fir eis Gemeng ass: Renovatioun vun alle Schoulen, Schoul Kannercampus, Artikuss, Sportshal Suessem, Ausbau vum Gemengegebai, en neit Altersheim, Servicer déi geschaf goufen.

D'Gemeng vun haut huet, strukturméisseg a wat d'Gerance ugeet, näischt méi mat der Gemeng vun 2006 ze dinn. An dach ass et déi selwecht Gemeng, d'Leit déi des Gemeng ausmaache sinn nach émmer zum Deel déi selwecht, an déi, déi bäikomm sinn, hu sech gutt intégréiert.

Vill Leit si bäikomm an eis Gemeng, och well se attraktiv ass, well d'Servicer gutt sinn a well mer eng aktiv Wunnengsbaupolitik gemaach hunn.

Dat gesät een och ganz gutt un den Zuele vun de Schoulkanner an de Kanner aus der MARE.

## SCHOUL

au 31.12.	2018	2019	
Schoulkanner	1.511	1.557	+46 Kanner

## MARE

au 31.12.	2018	2019	
Kanner – inscrits	993	1078	+85 Kanner
Kanner – planifiés	882	941	+59 Kanner

An der MARE sinn deemno haut ronn 70 % vun alle Schoulkanner ageschriwwen.

Mir hunn och nach émmer eis sozial Verantwortung geholl, souwuel beim Bau vun der Maison d'arrêt, wéi och bei villen anere Projeten an och an der Flüchtlingsfro, wou am Moment 304 Flüchtlinge bei eis an der Gemeng en Doheem fonnt hunn. Jo, d'Integratioun ass schwéier, mee dat soll eis net drun hënneren deene Leit, déi duerch Krich a Verfolgung fortgelaft sinn, eng nei Chance ze ginn. An dat kann d'Madamm Michel sech hannert hir brong Ouere schreiwen: Mir wäerte mat eiser Wëllkommenspolitik weiderfueren a si wäert et net färdeg bréngen, e Käil an eis solidaresch Gesellschaft ze dreiven. Dofir musse mer fir déi, déi hei liewen, gutt Rahmebedingunge schafen. Mir müssen d'Leit mathuelen an eisen Demarchen an zemoools déi, déi fäerten an d'Aarmut ofzerutschen, musse mer duerch e gudde sozialen Encadrement d'Gefill ginn, dass se net op der Streck bleiwen oder vergiess ginn.

Eis Demarche beim Budget war dëst Joer méi participativ. Och déi Jore virdru konnt een Amendement eraginn, dat hu verschidde Parteie jo och gemaach. Dëst Joer hu mer eis awer nach méi fréi drugesat, fir de Budget färdeg ze maachen an en dann an der Finanzkommissioun ze diskutéieren. An déser Demarche goufen et och Propose vun déi Gréng an déi Lénk, an och eng Rei méi technesch Froe goufe beäntwert. Déi Äntwerten hutt dir zougestallt kritt. Op déi politesch Froen an Amendementer kommen ech nach zeréck.

### Komme mer zu den Zuele vum Joer 2020:

D'Haaptrecetté si wéi émmer d'Dotatiounen vum Staat. Dëst Joer mat engem grousse Plus vu 15,57 % zu 2019, wat dann een Total vu ronn 54,5 Mio. € ausmécht.

## HAAPTRECETTEN (BUDGET 2019)

	Initial 2019	2020	Variatioun
Dotatiounen	45.683.549,58	52.778.888,96	15,53 %
ICC	1.467.547,07	1.713.515,15	16,76 %
<b>Total</b>	<b>47.151.096,65</b>	<b>54.492.404,11</b>	<b>15,57 %</b>

Déi Méirecetté kommen natierlech gutt wann een, wéi mir, esou vill Projete realiséiere wöll.

Am Ordinäre mécht dat da Recetté fir 91,7 Mio. € an Depense fir 75,5 Mio. €. Den Iwwerschoss am Ordinären, déi Sue mat deenen ee schaffe kann am Extraordinären, ass deemno 16,1 Mio. €, wat dee gréissten Iwwerschoss ass, dee mer an de leschte Joren haten.

## ORDINÄR

	Initial 2019	2020	Variatioun
ord. Recetten	79.478.328,65	91.701.953,65	15,38 %
ord. Depensen	68.286.962,00	75.529.121,14	10,61 %
<b>Boni</b>	<b>11.191.366,65</b>	<b>16.172.832,51</b>	44,51 %
+4.981.465,86			

Am extraordinäre Budget hu mer och fir 2020 erëm vill Sue virgesi fir z'investéieren. Ronn 57,5 Mio.€ stinn am Budget, wat 7% manner ass wéi fir 2019, mee trotzdem nach émmer op engem ganz héijen Niveau ass. Eise Mali am Extraordinäre Budget wäert dofir och zeréckgoen, ém 9% par Rapport zu 2019.

## EXTRAORDINÄR

	Initial 2019	2020	Variatioun
extr. Recetten	28.009.204,00	26.779.811,64	-4,39 %
extr. Depensen	61.719.932,71	57.428.771,69	-6,95 %
<b>Mali</b>	<b>-33.710.728,71</b>	<b>-30.648.960,05</b>	-9,08 %
+3.061.768,66			

Fir eise Budget am Equiliber ze halen, hu mer e Prêt agesat vun 1,5 Mio.€. Domadder hu mer eng Verschöldung vun 18,5 Mio.€. Enn 2020, wat dann eng Prokappverschöldung vun 1.039 € géing ausmaachen. Eng Explikatioun par rapport zum Tableau am Budget. Déi 13,7 Mio.€, déi als zweetleschte Posten do stinn, sinn d'Sue fir d'EDIFF déi mer fir de Staat geléint hunn, an déi mer och integral vum Staat rembourséiert kréien. Fir dass d'Rechnung korrekt par rapport zu deem ass, wat mir hei fir eis Gemeng investéieren, hunn ech déi natierlech erausgerechent. Dat anert wier jo och net richteg.

## EMPRUNTNEN

	Initial 2019	2020
Normalen Emprunt	6.999.000,00	1.500.000,00
EDIFF	14.630.415,00	-

Domadder hätte mer da fir de Budget 2020 ee Boni vu 449.442 €. D'Nathalie Morgenthaler wäert iech dozou nach méi Präzisiounen ginn.

Wat gouf resp. gëtt dann 2019 verschafft? Et muss ee jo wëssen, dass ee Budgetsjoer 15 Méint dauert, d.h. bis den 31.03.2020 kann nach op de Budget resp. de Rectifié vun 2019 gebucht ginn.

Wann een de Budget initial an de Rectifié 2019 hält, da si mer bei engem Réalisé vu 85,4%, wat en excellente Chiffer ass. Natierlech spille bei esou héijen Zommen och déi ganz grouss Projeten eng bedeitend Roll. Sou z.B. de Projet vum Kannercampus fir dee 16 Mio.€ am Budget stoungen, a bei deene mir och domat rechnen, se nach all ze verschaffen, an dann och fir 2020 nach eemol 14,7 Mio.€.

	2019
Budget initial 2019	61.719.932,71
Budget rectifié	52.707.887,66
Differenz	9.012.045,05
<b>Réalisé</b>	<b>85,40 %</b>
(Verglach mam Budget initial)	

Nach een interessante Chiffer ass de Ratio ordinär Depensen zu de Personalkäschten.

## PERSONALKÄSCHTEN

	Initial 2019	2020
Gesamtpersonalkäschten mat den neie Posten	39.892.200,00	46.396.700,00
Personalkäschten CIPA	8.707.000,00	9.464.020,00
<b>Total</b>	<b>31.185.200,00</b>	<b>36.932.680,00</b>

### Heizou e puer Explikatiounen:

Mir hu fir 2020 Personalkäschte vun am Ganze 46,4 Mio.€. Dat maachen 59,8 % vun den ordinären Depensen aus. Wa mer d'Altersheim, dat sinn 9,5 Mio.€, sou wéi all Joer erausrechnen, da si mer fir d'Personalkäschten ouni Altersheim bei 36,9 Mio.€. Dat ass par rapport zu 2019 eng considerabel Hausse vu 5,7 Mio.€.

### Zu dëser Hausse kënnt et aus folgende Grënn:

Mir wäerte supplementar Personalkäschten hunn, well mer zimmlech vill Personal wäerten astellen, haapsächlech um Kannercampus. Dat eleng wäerte 60 ETP sinn, fir eis MARE (eleng 25 Educateuren, 5 Aide-éducateurs, Käch, asw.), 15 Leit Botzpersonal, Conciergen, asw.

Zousätzlech wölle mer nach Salariéen astellen, am Ganze 94,5 ETP, do sinn déi 60 fir de Kannercampus mat dran.

Des Hausse vum Personal mécht 2,9 Mio.€ aus. Den Index deen 2020 erfält mécht 1 Mio.€ aus. D'Augmentatioun vun de Karriäre mécht ronn 1 Mio.€ aus. A mir hu Leit eréischt zum Schluss vum Joer agestallt, déi Paie kommen 2020 voll zum droen, wat dann de Rescht vun der Hausse vum Personalbudget ausmécht.

Ech hunn dëst Joer eng bëssen aner Präsentatioun vum Rectifié préparéiert, well dir gesitt dobaussen an der Gemeng jo wat geschafft ginn ass a kënnt dat am Budget och liesen. Ech hu mer geduecht et wier méi interessant iech ze zielen, firwat dass verschidde Posten am Budget net verschafft goufen a wat d'Ursaachen dofir waren.

Et muss ee wëssen, dass vill Firme fir de Schluss vum Joer Rechnungen ausstellen, fir Aarbechten déi am Laf vum Joer gemaach goufen. Dofir ass et wichtig den Datum bis den 31.3. mat ze consideréieren.

## RECTIFIÉ 2019 – DÉPENSES EXTRAORDINAIRES

### Wichtegst Domainer an deenen investéiert gouf:

Services généraux des administrations publiques	1.265.441,59
Protection sociale	4.271.405,00
Ordre et sécurité publics	130.000,00
Affaires économiques	1.312.002,25
Protection de l'environnement	3.621.914,55
Logements et équipements collectifs	12.021.092,70
Santé	87.196,72
Loisirs, culture et culte	4.704.007,46
Enseignement	25.294.827,39
<b>Total</b>	<b>52.707.887,66</b>

### Fir d'éischt déi Projeten, déi net esou gelaf si wéi mer dat wollten:

D'rue Grande-Duchesse Charlotte ass eréischt zum Schluss vum Joer an Ugrëff geholl gi well mer d'Permission de voirie eréischt du kritt hunn. Do hu mer eleng 2,8 Mio.€ net konntte verschaffen.

Wat d'Kanalaarbechte laanscht d'Schoul 2000 ugeet, bei deenen 1,460 Mio.€ virgesi waren, hu mer och den Accord vun der AGE net mat Zäite kritt, sou dass mer do och net ufänke konnten. Un dësem Projet hänkt och d'MARE an de Musekssall zu Zolwer, wou mer am Laf vum Joer nach Diskussiounen hate fir de Projet méi optimal ze gestalten. Des Diskussiounen an déi net ugelafe Kanalaarbechte bei der Schoul 2000 hu gemaach dass mer och hei d'Suen net konntte verschaffen.

Beim Musée Mathiko hu mer duerch Terrassementsarbechte staark Senkungen a Beschiedegunge kritt. Ier dat lo gekläert konnt ginn, hu missen Expertise gemaach ginn an deemno ass de Projet och gestoppt ginn. E misst awer elo Ufank 2020 erëm ugoen.

Wat d'Aarbechten un de Büroen am Gemengenhaus uginn, muss den Traffo vun der CREOS nach verluecht ginn. Dái Aarbechte sollen elo nach 2019 ugoen, sou dass mer 2020 mat de Büroen kënnten ufänken.

Wat de Reamenagement vu verschidde Stroosse ugeet, do hu mer och just 180.000 vu 600.000 € émgesat, well mer nach op eng Partie Permissions de voirie waarden.

Dat alles zesumme si bal 8 Mio.€, déi onofhängeg vun eiser Volontéit net konntte verschafft ginn.

Wat de Wunnengsbau ugeet, sou konntte mer mat de Famill Berchem eng Eeenegung fanne fir d'Zären um Knapp ofzekafen an och déi Terrainen déi ugrenzen. Dat ganzt fir 500.000 €, sou dass dat fir d'Gemeng eng gutt Transaktioun ass, déi mer och gutt gebrauche kënnten.

Déi grouss Poste wou awer vill geschafft gouf sinn natierlech de Kannercampus mat 16,1 Mio.€, d'EDIFF mat 8 Mio.€, d'Hal zu Suessem mat 3,3 Mio.€ an d'MARE zu Suessem mat 3,8 Mio.€. Dat zesumme maachen 31,2 Mio.€ aus, wat ronn 59 % vun eisen Ausgabe fir 2019 waren.

”

.....

### Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV)

“

Fier ech elo ufänken, wéilt ech gäre vun der Geleeënheet profitiéiere fir all eise Servicer e grousse Merci ze soe fir déi gutt Zesummenarbecht, a virun allem dem Service des finances fir hire wäertvollen Asaz an déser intensiver an ustrengender Zäit, an hinnen och e Merci fir hir grouss Disponibilitéit.

Mir haten eis jo virgeholl éischter mat de Budgetspréparatiounen unzefänke fir der Finanzkommissioun an dem Gemengerot och éischter Zuele kënnen ze presentéieren an doduerch och nach Geleeënheet an Zäit ze kréien, zesummen driwwer ze kucken an ze diskutéieren. Dat ass leider net émmer komplett machbar, well mir selwer vun externen Acteuren ofhänken, é.a. de Syndikater, déi hir Zuelen zum Deel eréischt vill méi spéit eraginn hunn.

13.12.2019	vote des budgets par le Conseil communal
09.12.2019	présentation des budgets par le Collège des bourgmestre et échevins au Conseil communal
06.12.2019	arrêt des travaux budgétaires
03.12.2019	présentation des budgets à la Commission des finances et au Conseil communal
22.11.2019	délais pour la remise de questions et de propositions
12.11.2019	présentation des budgets à la Commission des finances
05.11.2019	remise des documents à la Commission des finances
21.10.2019	explications relatives aux crédits sollicités par les services communaux
30.09.2019	(7 - 10 réunions)
04.09.2019	remise des documents avec les crédits sollicités par les services communaux
08.07.2019	présentation de la situation des budgets/comptes à la Commission des finances
01.04.2019	remise des documents aux services communaux

Timeline

### Hei e klengen Historique wéi dëse Budget entstanen ass:


- Den 1.4. hunn eis Servicer all néideg Dokumenter an d'Instruktioune vun eisem Service des finances kritt.
- Den 8.7. war eng Presentatioun vun de Konten an der Finanzkommissioun.
- De 4.9. war den Delai fir eis Servicer fir hir Budgetsprévisionen eranzeginn. Hinnen en décke Merci fir hir Disziplin. Et huet am Groussen a Ganze gutt geklappt, och wann et déi éischte Kéier eng grouss Émstellung war, well deen Delai déi Jore virdru bal e Mount méi spéit war.
- Vum 30. September un huet de Schäfferot déi 3 éischte Wochen am Oktober dann déi eenzel Servicer gesinn, fir iwwert hir Proposen ze diskutéieren.
- De 5.11. huet d'Finanzkommissioun eng éischte Versioun vum Budget 2020 zougestallt kritt.
- Den 12.11. ass de Budget an der Kommissioun virgestallt ginn.

- Bis den 22.11. konnt all Fraktioun Froen an/oder Suggestiounen eraginn.
- Den 3.12. hunn d'Finanzkommissioun an de Gemengerot déi, bis op minimal kleng Ännérungen, lescht Versioun virgestallt kritt.
- Kuerz drop ass de Budget definitiv festgehale ginn an dem Gemengerot och esou zougestallt ginn.
- Haut ass dann d'Budgetspresentatioun hei am Gemengerot, éier e Freiden driwwer debattéiert an ofgestëmmt gëtt.

An der Finanzkommissioun war d'Fro jo opkomm, ob mir Artikel fir Artikel duerchhuelen. De Budget war e puer Mol an der Kommissioun, en ass do a groussen Zich an op Nofro awer och am Detail duerchgeholl ginn, esou dass ee ka soen, dass den Informatiounsloss sech doduerch mat Sécherheet verbessert huet.

Och ass de participative Charakter ervirzehiewen. D'Fraktiounen konnten dem Schäfferot nämlech nei resp. besser Iddie mat op de Wee ginn. Op déser Plaz wéilte mir och deene Merci soen, déi dat gemaach hunn. Natierlech kann een net all Usiichtspunkt deelen, awer déi Punkten déi eis wichtig erschéngt hunn, hu mir och opgegraff. De Buergermeeschter wäert am Detail drop agoe firwat verschidde Virschléi net zeréckbehale gi sinn a firwat anerer selbstverständlech net op daf Ouere gestouss sinn.

Komme mir elo zu der Präsentatioun vum uerdentleche Budget, woubäi och Verglänner mam Budget rectifié vun 2019 gezu wäerte ginn.



Dëse Slide weist ganz einfach d'Evolutioun vun den uerdentlechen Ausgabe vum Budget initial vun 2019, dem Budget rectifié vun 2019 an der Previsioun fir 2020.

Schlussendlech sinn 2019 1,98 % manner ausgi gi wéi ufanks geplant, d.h. 66.933.008 € amplaz vun 68.286.962 €, mä fir 2020 ass eng Progressioun vun 12,84 % par rapport zum Rectifié 2019 virgesinn, d.h. 75.529.121 € sollen dann ausgi ginn.

Dës Ausgaben erklären sech gréisstendeels duerch zousätzlech Personalkäschten, sief dat duerch Astellungen op vakanten oder neie Posten. Mä dozou méi, méi spéit.


Service ordinaire	2019 initial Dépenses	2019 rectifié Dépenses	2020 initial Dépenses	% (pr Budget rectifié 2019)
1 Services généraux des administrations publiques	16.949.118	16.233.061	18.357.234	13,09%
2 Protection sociale	14.437.684	14.327.299	17.176.140	19,88%
3 Ordre et sécurité publique	1.170.750	1.134.532	1.077.999	-4,98%
4 Affaires économiques	2.395.846	2.680.489	2.674.070	-0,24%
5 Protection de l'environnement	5.549.242	5.271.237	5.521.672	4,75%
6 Logements et équipements collectifs	7.465.236	7.444.166	7.932.436	6,56%
7 Santé	10.796.890	10.627.390	11.557.300	8,75%
8 Loisirs, culture et culte	4.793.995	4.665.065	5.846.820	25,33%
9 Enseignement	4.728.200	4.549.768	5.385.450	18,37%
	<b>68.286.962</b>	<b>66.933.008</b>	<b>75.529.121</b>	12,84%

Budget ordinaire – dépenses

Hei gesitt dir d'Ausgaben, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature, nach èmmer de Budget 2020 par rapport zum Rectifié 2019 gekuckt.

Déi gréisste Variatioun a Prozentsätz ausgedréckt, fënnt ee beim Kapitel "Loisirs, culture et culte", e Plus vu 25,33% déi ronn 1,2 Milliounen ausmaachen. Dës Zomm setzt sech haapsächlech aus Paie fir eis Sportshalen (woubäi déi Suessemmer an de Kannercampus nei sinn) a Kulturzentren zesummen. Dann ass och do eng hallef Milliouen fir d'Kulturjoer Esch2022 dobäi, fir déi d'Recetten allerdéngs eréischt am PPF (Plan pluriannuel de financement) stinn.


Déi zweet gréisst Variatioun ass am Kapitel "Protection sociale" ze fannen, dat sinn d'Paie vun eiser Maison Relais.



Dépenses ordinaires 2020

Op dësem Grafik gesitt dir nach eng Kéier d'Evolutioun vum Budget 2020 par rapport zum Rectifié 2019 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Komme mir elo zu den uerdentlechen Einnamen.



Recettes ordinaires 2019/2020

Hei fannt dir déi graff Entwécklung vun eisen uerdentlechen Einnamen aus dem Budget initial vun 2019, dem Budget rectifié vun 2019 an der Previsioun fir 2020.

Am Rectifié 2019 si 7,5% méi erakomm (am Ganze 85.440.699 €) wéi am Initial 2019 geplangt (79.478.329 €). Fir 2020 gesi mir 7,33% méi uerdentlech Einname vir wéi am Rectifié 2019, d.h. am Ganzen 91.701.954 €.


Service ordinaire	2019 initial Recettes	2019 rectifié Recettes	2020 initial Recettes	% (pr Budget rectifié 2019)
1 Services généraux des administrations publiques	48.684.341	53.661.549	56.130.404	4,60%
2 Protection sociale	9.523.038	9.690.568	11.333.949	16,96%
3 Ordre et sécurité publique	303.000	0	1.705.392	
4 Affaires économiques	2.057.440	2.363.886	2.262.790	-4,28%
5 Protection de l'environnement	4.325.800	4.301.150	4.745.150	10,32%
6 Logements et équipements collectifs	2.983.700	3.165.800	3.405.800	7,58%
7 Santé	10.373.670	10.800.465	10.846.465	0,43%
8 Loisirs, culture et culte	182.040	220.536	209.190	-5,14%
9 Enseignement	1.045.300	1.070.877	1.062.814	-0,75%
10 Codes techniques		165.868		
	<b>79.478.329</b>	<b>85.440.699</b>	<b>91.701.954</b>	7,33%

Budget ordinaire – recettes

Dëst ass d'Tabell mat den Einnamen, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature, nach émmer de Budget 2020 par rapport zum Rectifié 2019 gekuckt.

Mir hunn hei déi gréisste Variatioun beim Kapitel "Ordre et sécurité publique", déi mir net konnten a Prozenter dohinner schreiwen, well soss de Grafik op der nächster Säit explodéiert wär. Mir klammen nämlech vun o op 1.705.392 €. Et handelt sech hei ém d'Einnamen am Kader vun eisem Service de secours. Mir kréien déi ganz Remboursementer, déi mir säit dem 01.07.2018 zegutt hunn, esoubal ewéi d'Konventioun vun der Reprise vum CIS SaDiff duerch ass. 1.090.000 € sinn den Droit de superficie vum Terrain wou den Asazzenter dropsteet. Dat wat mir fir d'Gebai selwer kréien, steet an den ausseruerdentlechen Einnamen.


Da falen och nach d'Paien dorënner, déi mir fir d'Personal vun eise SEAen (Services d'éducation et d'accueil), also eiser Maison Relais vum Staat erëmkréien. Do kréie mir 75% vun eise Personalkäschte vum Staat erëm, ausser bei der Kannerbuerg, do huet d'Konventioun déi 100% bääbehalen. De Code o ass de Restantenetat, deen nämmen am Rectifié erëmfannen ass.



Recettes ordinaires 2020


Op dësem Grafik gesitt dir nach eng Kéier d'Evolutioun vum Budget 2020 par rapport zum Rectifié 2019 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Wéi gesot, konnt hei déi drëtt Rubrik net visuell duergestallt ginn.



Évolution DO/ICC + FCDF

De Stréch 4 symboliséert d'Entwicklung vun eisen uerdentlechen Ausgaben. De Stréch 3 ass den Total vum Stréch 1 an 2. De Stréch 2 ass de "Fonds de dotation globale des communes" (FDGC) mat 52.778.888 €, an de Stréch 1 steet fir den "Impôt commercial communal" (ICC) deen 2020 mat 1.713.515 € verbucht ass.



	Compte 2018	Rectifié 2019	Initial 2020
1 Solde ordinaire	18.215.880,20	18.507.691,17	16.172.832,51
2 Dépenses ordinaires	59.865.720,71	66.933.007,95	75.529.121,14
3 Recettes ordinaires	78.081.600,91	85.440.699,12	91.701.953,65

Slide 10: Budget ordinaire

Op dëser Grafik gesäßt een déi uerdentlech Einnamen, Ausgaben an de Boni aus dem Compte 2018, dem Rectifié 2019 an dem Budget 2020.

Am Compte 2018 hate mir e Boni vu 18.215.880 € am uerdentlech Budget Rescht behalen, am Joer 2019 stinn am Rectifié 18.507.691 € Boni an am Budget 2020 ass en Iwwerschoss am uerdentlechen Deel vu 16.172.832 € geplant.

De Schéiereffekt ass och hei erëm present, well d'Ausgabe méi séier klamme wéi d'Einnamen an den uerdentleche Boni doduerch méi kleng gëtt. Definitiv Zuelen an en definitive Bilan kënnen awer eréischt am Ament vum Compte genannt resp. gezu ginn.

<b>120 - Coord. administrative</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Delmarko-vacant	8 mois	0,5	23.100,00 €
Kremer, Romeo-vacant	8 mois	2	92.200,00 €
Inform. C1 SI	8 mois	1	54.700,00 €
Réd. vacant GREVEN	8 mois	1	68.100,00 €
Rédacteur DUTA	8 mois	0,25	17.100,00 €
Rempl exp vacant	8 mois	1	54.700,00 €
Coordinateur B1	8 mois	1	91.400,00 €
Ouvrier (Conciergerie)	8 mois	1	41.500,00 €
Apprentis	4 mois	3	29.700,00 €
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,05	1.400,00 €
<b>Total 120</b>		<b>10,8</b>	<b>473.900,00 €</b>

<b>130 - Coord. technique</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Exp.techn. ST_PROJ B1	8 mois	1	64.000,00 €
Exp techn. SUPI B1	8 mois	1	64.000,00 €
Exp. admin. SR_RESP C1	8 mois	1	52.600,00 €
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,275	7.400,00 €
Volantes 4	4 mois	3	39.100,00 €
<b>Total 130</b>		<b>6,275</b>	<b>227.100,00 €</b>

<b>242 - Maison Relais</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
ADMIN C3	4 mois	0,25	5.000,00 €
Éducateurs	4 mois	25	570.000,00 €
Aide-éducateurs	4 mois	5	70.000,00 €
Ouvriers (MARE)*	4 mois	5	122.300,00 €
Agents de nettoyage 10 Kannerc.	5 mois	7,5	160.800,00 €
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,25	6.700,00 €
Concierge A4 SRBAT 1	5 mois	1	26.900,00 €
Artisan Concierge H3 SRBAT 1	5 mois	0,4	10.900,00 €
<b>Total 242</b>		<b>44,4</b>	<b>972.600,00 €</b>

<b>260 - Précarité sociale</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
C1 - Office social (THILL)	6 mois	1	32.900,00 €
<b>Total 410</b>		<b>1</b>	<b>32.900,00 €</b>
<b>Total 410</b>		<b>1</b>	<b>58.000,00 €</b>

<b>621 - Places publiques</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Jardinier DAP SREN - 1	9 mois	0,8	39.100,00 €
Ouvrier SREN - 1	9 mois	0,8	35.500,00 €
<b>Total 621</b>		<b>1,6</b>	<b>74.600,00 €</b>

Personnel - nouveaux postes demandés pour 2020

Op deenen nächsten 2 Sliden, déi dir no der leschter Finanzkommissioun och zougestallt krut, gesäßt een am Detail wat fir eng Personalposte fir 2020 budgetiséiert sinn. Et handelt sech hei ëm verschidde Posten déi 2019 fräi bliwwen sinn, an awer och ëm e Koup nei Posten.

<b>622 - Circulation</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Ouvrier A3 SRIN - 1	9 mois	1	44.100,00 €
<b>Total 622</b>		<b>1</b>	<b>44.100,00 €</b>
<b>626 - Cimetières</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Jardinier DAP SREN - 1	9 mois	0,2	9.800,00 €
Ouvrier SREN - 1	9 mois	0,2	8.900,00 €
<b>Total 626</b>		<b>0,4</b>	<b>18.700,00 €</b>
<b>734 - Maison de retraite</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Ergo (75%)	12 mois	0,75	78.900,00 €
Aide-soignants	12 mois	3	162.400,00 €
Aides socio-familiaux	12 mois	2	67.800,00 €
Salariés accueil hébergement	12 mois	4	167.500,00 €
<b>Total 734</b>		<b>9,75</b>	<b>476.600,00 €</b>
<b>822 - Halls sportifs</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,075	2.000,00 €
Concierge A4 SRBAT 1	5 mois	2	53.800,00 €
Artisan Concierge H3 SRBAT 1	5 mois	0,8	21.700,00 €
Electricien DAP SRBAT - 1	9 mois	0,3	14.500,00 €
Ouvriers polyvalents loge	5 mois	3	64.000,00 €
<b>Total 822</b>		<b>6,175</b>	<b>156.000,00 €</b>
<b>831 - Centre culturels</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,05	1.400,00 €
Electricien DAP SRBAT - 1	9 mois	0,3	14.500,00 €
<b>Total 120</b>		<b>0,35</b>	<b>15.900,00 €</b>
<b>833 - Musées</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Cipriani-vacant	12 mois	0,5	29.900,00 €
<b>Total 833</b>		<b>0,5</b>	<b>29.900,00 €</b>
<b>910 - Enseignement fond.</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Chef d'équipe SRNE	6 mois	0,30	8.000,00 €
Agents de nettoyage 10 Kannerc.	5 mois	7,5	160.800,00 €
Concierge A4 SRBAT 1	5 mois	2	53.800,00 €
Artisan Concierge H3 SRBAT 1	5 mois	0,8	21.700,00 €
Electricien DAP SRBAT - 1	9 mois	0,4	19.400,00 €
<b>Total 910</b>		<b>11,00</b>	<b>263.700,00 €</b>
<b>TOTAL</b>		<b>94,25</b>	<b>2.844.000,00 €</b>

Dir gesitt och hei fir wéi vill Méint se agesat gi sinn a wéivill se deemno genee wäerte kaschten. Et ass natierlech och un den Index geduecht ginn a fir e puer betraffe Persounen ass och d'Ofschafe vun der 80-80-90 Reegel a Betrucht geholl ginn.

Am Ganze schwätze mir vu 94,25 ETP (Equivalent temps plein), déi ronn 2,8 Millioune wäerte kaschten.

**Calcul des coûts – Augmentation de l'indice – Personnel existant**

Incidence Budget rectifié 2019	Incidence Budget initial 2020 hors nouveaux postes
Total rémunérations	40.467.959,90 €
Total indice	0,00 €
<b>Différence indice 1.088.817,50 €</b>	

**Calcul des coûts pour évolution des carrières du personnel**

Budget rectifié 2019	Budget initial 2020
Total rémunérations	40.467.959,90 €
	Total rémunérations 46.396.700,00
Différence rectifié 19 - budget 20	5.928.740,10 €
Différence coûts indice	1.088.817,50 €
Différence personnel engagé 19	1.081.400,00 €
Différence postes vacants & nouveaux	2.844.000,00 €
<b>Reste évolution des carrières 914.522,60 €</b>	

**Personnel – nouveaux postes demandés pour 2020**

D'Paie klammen dat nächst Joer insgesamt èm ronn 5,9 Millioune par rapport zum Budget rectifié 2019. D'Neiastellunge maachen dobäi, wéi scho gesot, ronn 2,8 Milliounen aus, den Index sengersäits bal 1,1 Milliounen. Den normale Verlauf vun de Karriär mécht ronn 915.000 € aus an d'Neiastellunge vum leschte Joer bal 1,1 Milliounen.

Den Index, dee fir Enn 2019 geplant war an elo awer viraussichtlech eréischt am Januar 2020 wäert erfalen, wäert schlussendlech eng 100.000 € manner am Rectifié vun dësem Joer ausmaachen.

Den Totalkäschtepunkt vun de Paie läit 2020 bei ronn 46,4 Milliounen.

Déi meesch Posten a Sue vun den Neiastellunge, nämlech 1,3 Milliounen, ginn am neie Kannercampus gebraucht, woubäi verschidde Paien do op 6 resp. 5 Méint, anerer nëmmen op een Trimester gerechent sinn. Mir brauchen am Kannercampus net manner wéi 60 ETP (Equivalent temps plein). Dorënner falen allméiglech Karriären, mir schwätzen do esouwuel vum technesche wéi och vum edukative Personal. Dës deelen sech dann och op déi dräi Gebaier op: d'Schoul, d'Maison Relais an d'Sportshal.

Komme mir elo am Detail zur Maison Relais, well d'Schoulpersonal leeft jo ènnert dem Staat.

Beim edukative Personal wäre mir op 34 ETP fir den Encadrement vun de Kanner z'assuréieren. Doriwwer eraus hu mir nach

4 Posten (1,5% vum Total vun de Präsenztonnen) duerch d'Inklusioun zegutt. Dann hu mir duerch Bestëmmunge vun der Education plurilingue (0,75€ pro Präsenztonn bei Kanner téschent 1 a 4 Joer) nach i weideren ETP-Posten zegutt. Sou kíime mir dann op 39 edukativ ETPen. Duerch deen neie Ratio d'encadrement missten dat 35 Educateurs diplômés (m/w) a 4 Aide-éducateur (m/w) sinn.

Am non-scolariséierte Beräich rechne mir am Ufank mat 50 Kanner. Dëst sinn alles Kanner, déi nach net bei eis ageschriwwen waren. Dowéinst mussen do 15 Posten nei geschaf ginn. Et wäerten och Educatricen (m/w) aus der Zolwer Kannerbuerg dohinner wiesselen. An deem Fall musse mir déi nei geschafe Plazien dann an der Kannerbuerg asetzen.

Am scolariséierte Beräich brauchen net all déi erfuerderlech Posten nei geschaf ze ginn. Hei ginn, duerch d'Changementer vun de Schoulsecteuren, verschidde Kanner vum Roude Wee a Bieles-Post an de Kannercampus. Et gëtt gerechent, dass eng 75% vun de Kanner, déi am Kannercampus an d'Schoul ginn, och do d'Maison Relais wäerte benotzen. Heiduerch ginn eis Strukturen zu Bieles deelweis entlaascht an een Deel vum Personal ka mat op de Belval wiesselen. Da kommen nach eng Rei Kanner dobäi, déi nei an dëse Quartier plënnernen an eng 25 Kanner, déi nei vun der Escher Gemeng wäerten dobäi kommen.

Am Budget hu mer 10 ETP Educateur diplômé (m/w) fir de scolariséierte Beräich virgesinn. Dëst wäre 4 ganz nei Posten a 6 Posten, déi momentan als CDD-Poste bestinn an déi scho fir 2020 budgetiséiert sinn. Déi 6 Leit hunn an de Virstellungsgespréicher Perspektiven an Aussicht gestallt kritt, fir CDI-Kontrakter ze kréien. Zousätzlech géife mir 4 Aide-Educateur (m/w)-ETPen ausschreien.

Beim Kichen- an Transportpersonal ginn eis Iwwerleeungen an eng änlech Richtung. Deelweis ka Personal vum Roude Wee op de Belval wiesselen. Mir schafen 2 diploméiert Käch, 2 Hellefskäch an 1 Ouvrier polyvalent.

Am administrative Beräich hu mir eis nach d'Méiglechkeet opgehalen, mat engem 25%-Posten e bestoenden 30-Stonnen-Kontrakt op 40 Stonnen/Woch auszebauen.

Am Resumé missten dann ETPen (m/w) nei geschafe ginn:

— Educateur diplômé	25 (wouvun der 6 en CDD-Posten hunn)
— Aide-Educateur	4
— Administratioun	0,25
— Kichen/Aarbechter	5

Dir gesitt, dass de Kannercampus eng ganz nei Erausfuerderung fir eis Gemeng ass.

Als Ofschloss komme mir dann zu eiser Scholdesituatioun:

*	Situation au	Solde	Habitants	Par tête d'habitant	Recettes ordinaires	Annuités	dont capital	dont intérêts	% des RO
C	31/12/2003	10.737.789	14.000	767	30.745.549	1.123.289	623.778	499.511	3,65%
C	31/12/2004	12.026.200	14.100	853	30.753.093	1.219.762	785.840	433.922	3,97%
C	31/12/2005	11.864.926	14.150	839	31.385.621	1.348.450	901.633	446.817	4,30%
C	31/12/2006	10.134.306	14.250	711	37.829.538	1.371.220	924.790	446.430	3,62%
C	31/12/2007	9.229.567	14.400	641	38.637.746	1.426.041	933.570	492.471	3,69%
C	31/12/2008	8.261.743	14.450	572	41.198.864	1.462.302	967.278	495.024	3,55%
C	31/12/2009	7.224.739	14.564	496	40.347.301	1.336.244	1.019.175	317.069	3,31%
C	31/12/2010	11.043.823	14.708	751	45.176.931	1.389.025	1.210.326	178.699	3,07%
C	31/12/2011	13.969.104	14.870	939	48.637.544	1.146.136	962.044	184.092	2,36%
C	31/12/2012	15.169.532	15.071	1.007	52.614.937	1.134.561	883.469	251.092	2,16%
C	31/12/2013	19.649.966	15.282	1.286	54.630.040	1.118.029	1.019.596	98.433	2,05%
C	31/12/2014	18.368.801	15.628	1.175	58.916.876	1.400.457	1.288.294	112.163	2,38%
C	31/12/2015	17.055.636	15.939	1.070	61.675.187	1.384.251	1.312.046	72.205	2,24%
C	31/12/2016	15.721.864	16.112	976	66.675.576	1.366.672	1.333.363	33.309	2,05%
C	31/12/2017	14.355.192	16.371	877	68.665.158	1.357.142	1.336.338	20.804	1,98%
C	31/12/2018	13.183.615	17.241	765	78.081.601	1.337.265	1.317.677	19.588	1,71% sans EDIFF
R	31/12/2019	18.687.701	17.540	1.065	84.863.742	1.710.985	1.700.050	21.240	2,02% sans EDIFF
R	31/12/2019	32.887.893	17.540	1.875	85.708.072	2.451.003	2.231.396	229.912	2,86% avec EDIFF
I	31/12/2020	18.488.483	17.540	1.054	90.857.654	1.721.578	1.699.218	22.360	1,89% sans EDIFF
I	31/12/2020	32.258.453	17.540	1.839	91.701.954	2.565.692	2.336.386	229.305	2,80% avec EDIFF

#### Emprunts

Op den 31.12.2019 hu mir eng Gesamtschold vu 18.687.701 €. Mam Emprunt vun der EDIFF vu 14.630.415 €, dee mir jo integral hu missten huelen, well den Inneministère eis dat jo esou imposéiert hat, ass eis Schold dann elo insgesamt 32.887.893 €. D'Prokappverschöldung ass bei eisen aktuelle 17.540 Awunner op den 31.12.2019 also 1.065 €. Vollstännegkeetshalber nennen ech iech och nach d'Zuele mam Emprunt fir d'EDIFF Gebai, woubäi mir déi Sue jo integral vum Staat erëmkréien. D'Prokappverschöldung mam EDIFF-Gebai bei eisen aktuelle 17.540 Awunner op den 31.12.2019 ass deementspreichend 1.875 €. Ouni Awunnerprevision, d.h. mat der aktueller Awunnerzuel, hätte mir Enn 2020 dann eng Prokappverschöldung vu maximal 1.054 € ouni EDIFF-Gebai a vu maximal 1.839 € mam EDIFF-Gebai. Dës Zuele wäerte mat Sécherheet nach erofgoen, well mir bis dohin e puer Honnert Awunner wäerte bakiréien.

Fir ze gesinn ob eng Gemengeschold nach vertriebar ass, muss ee kucke wéi vill d'Annuitéité par rapport zu den uerdentlechen Einnamen ausmaachen. Dëse Prozentsaz soll énner 10% leien an dierf net méi wéi 20% sinn. An eisem Fall leie mir ouni eng Previsioun vun der Awunnerzuel, also mat der aktueller Awunnerzuel vu 17.540, op den 31.12.2020 bei 1,89% ouni EDIFF a bei 2,8% mat der EDIFF, eng ganz gesond Situatioun also.

De Gaston Anen wäert e Freiden d'Positioun vun eiser Partei nach méi genee duerleeën. Mir investéiere ganz vill an eis Bierger an dëst Joer ganz speziell an eis Kanner, wëllen de Leit hëlfen am Logement Fouss ze faassen, investéieren an eis Stroossen an an all d'Reseauen déi drënner leien, fir némmen déi Beispiller ze nennen. Eis Gemeng gëtt gutt fir déi nächst Joren opgestallt, esou dass se laangfristeg d'Erausfuerderunge vun der Zukunft meeschtere kann.

Dëse Budget ass eiser Meenung no ee ganz realisteschen. Et stinn némme Projeten dran, déi mir och reell gedenken 2020 an Ugrëff ze huelen. Et ass keng "Augenwischerei" dobäi. Natierlech kommen och émmer Imprevuen, op déi mir net onbedéngt selwer Afloss hunn, mee eisersäits wölle mir op alle Fall all déi Saachen och esou an Ugrëff huelen, esou wéi se do stinn.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

”

### Bürgermeister Georges Engel (LSAP):

“

Zum Budget 2020 dann hei nach folgend Informatiounen an Zuelen. Am Ganze gi 57,5 Mio.€ investéiert. Ech ginn hei just op déi grouss Projeten an:

- 1,8 Mio.€ an eis Gemengebüroen hei am Haus
- 150.000 € an eis Vël'ok Statiounen
- 1 Mio.€ an d'MARE bei der Schoul 2000 an 100.000 € an d'Etude fir eng nei MARE zu Suessem
- 400.000€ fir eng nei MARE zu Éllereng
- 195.000€ fir eng Holzhackschnitzelanlag an 190.000€ fir de Gaart am roude Wee an 150.000€ fir Aarbechten am Matgesfeld
- 300.000€ fir e Gîte um Arrêt Belval
- 125.000 + 150.000 € fir nei Velosweer
- am Ganze 7,1 Mio.€ an eist Kanalnetz mat Projeten an der Déifferdangerstrooss, an der rue Aessen, bei der Schoul 2000, an der rue A. Einstein, an e groussen Invest um SIACH mat 2,9 Mio.€
- do fir d'rue Grande-Duchesse Charlotte eleng am Ganzen 2,651 Mio.€
- 210.000€ fir eng Spillplaz pour tous um Belval
- 300.000€ fir d'Plaz beim Centre culturel Metzerlach
- am Ganzen 3,5 Mio.€ an eis Stroosseninfrastruktur, oder dat wat domat verbonnen ass, mat der Cité Grand-Duc Jean, der Einsteinstrooss, der rue de l'Industrie, a nach weidere Stroossen
- am Ganze 4,3 Mio.€ an eise Waasserreseau an dat wat domat verbonnen ass
- Gefierer, 2019: 487.983,03€, 2020: 938.000,00€

Mir sichen nach émmer no engem zousätzlechen Trainingsterrain fir eis Fussballveräiner, do sti mol 100.000€ am Budget. D'Vestairé vum FC Belval kréien eng nei Entlüftung, an d'Tribünen zu Bieles an zu Suessem ginn an d'Rei gesat.

Wa mer dann erém ukommen, sollen och 1,4 Mio.€ fir de Mathiko ausgi ginn.

Da bleiwe wéi scho gesot nach 14,750 Mio.€ fir de Kannercampus um Belval a 4 Mio.€ fir d'EDIFF, wou awer alles fir de September 2020 fäerdeg muss sinn. A fir dass een och uerdentlech Schoul kann hale brauche mer en Equipement fir d'Schoul vun 2,150 Mio.€.

Bleift nach de soziale Wunnengsbau an alles wat een dorënner versteet:

Do hu mer eise Budget considerabel gehéicht: vu 6,35 Mio.€ fir 2019 gi mer dëst Joer op bal 8,9 Mio.€ an d'Lucht, eng Hausse vun 2,55 Mio.€, vu ronn 40% par rapport zu 2019. Mir kommen hei och enger Demande vun de Gréngéno, déi dëst an engem Amendement schonn d'lescht Joer gefrot hinn.

Bis virun 3–4 Wochen hate mer nach ee Budget, deen e Minus vu ronn 10 Mio.€ hat. Duerch eng Rei vun Transaktiounen, duerch weider Gespréicher mat eise Servicer an duerch Aspuerunge fir d'nächst Joer hu mer de Budget awer an den Equiliber bruecht ouni e weidere Prêt ze maachen. Dës Aarbechten am Virfeld hinn et eis dunn erlaabt, e weidere Prêt unzegoen, dee mer maache fir um Wunnengsmaart weider aktiv ze ginn. Mir wäerten deemno zousätzlech zu den Immobilien, déi mer iwwer Droit de préemption ugebuede kréien, nach méi selwer Gebaier, Haiser an Terrainen ugoe fir ze kafen. Dat kënne mer elo och verstärkt maachen, well mer ee Service logement hinn an déi zousätzlech Ressources humaines hinn, fir dëst korrekt kennen ze maachen. Ech soen émmer dass ee Budget lieft, bis quasi zum Schluss. Dëst ass alt erém ee ganz gutt Beispill heifir.

Zu den Amendementer vun déi Lénk Folgendes:

Déi Lénk hu proposéiert dass mer de Subside vun der MARE, déi elo zu Suessem steet, sollen ufroen an déi Suen dann op eng Rei vun anere Projeten verdeelen. Si rechne mat 2 Mio.€, wat largement ze vill ass, well et 10.000€ pro Stull gëtt an et maximal 150 Kanner sinn.

Mir hinn hei schonn e puer Kéiere gesot, dass mer dëst net géinge maachen, well mer soss keng Sue fir déi nei Struktur, déi mer zu Suessem bauen, géinge kréien. Dat wölle mer also net.

Da bleiwen déi eenzel Projeten, déi si proposéiere fir déi Suen z'investéieren. Et kann een net einfach mat onrealisteschen Zuelen schaffen, fir sech da lieb Kind ze maachen.

Mir wöllen 57 Mio.€ ausginn, déi mer hei am Interêt vun eise Bierger wöllen investéieren. Well just dofir maache mer et: fir d'Liewensqualitéit vun eise Leit, déi hei wunnen, schaffen a liewen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

”

Sowohl die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum Budget als auch die Abstimmung erfolgten in der nächsten Sitzung am 13. Dezember 2019.

### GEMEINDE SANEM ERKENNT KLIMAKRISE AN

Bürgermeister Georges Engel (LSAP) ging anschließend zum nächsten Punkt der Tagesordnung über. Dabei handelte es sich um die Resolution zur Anerkennung der Klimakrise. Diese Deklaration, die weltweit bereits von Städten wie San Francisco, Konstanz und Basel angenommen worden sei, rufe zu einem unmittelbaren Aktionsplan auf, um die Erderwärmung auf

1,5°C zu begrenzen. Auch wenn man in unseren Breitengraden vielleicht noch weniger stark vom Klimawandel betroffen sei als andere Regionen in der Welt, sei es allein aus Solidarität wichtig, auf die Aktualität dieses Problems aufmerksam zu machen, so der Bürgermeister. Weiterhin unterstrich er, dass die Gemeinde Sanem ihre Bemühungen zum Klimaschutz noch einmal verstärken und die Bürger vermehrt zu diesem Thema sensibilisieren werde.

Gemeinderat Gaston Anen (CSV) stellte die Resolution danach in seiner Funktion als Präsident der Umweltkommission näher vor. Es gehe darum, als Gemeinde einen Anteil am Aktionsplan zu leisten und dabei über das aktuell Vorhandene hinauszugehen. Der Text besagt, dass man zunächst einmal anerkennen müsse, dass man sich in einer Klimakrise befindet. Um dem rasanten Klimawandel Einhalt zu gebieten, müssten sofort ambitionierte Maßnahmen ergriffen werden. Zudem dürften sich die klimatischen Veränderungen nicht nur auf bestimmte Teile der Bevölkerung auswirken. Auch als Gemeinde spüre man den Klimawandel und deshalb müsse man sich auch vermehrt für globale Maßnahmen einsetzen. In Zukunft müsse die Gemeinde bei allem, was sie unternehme, drei Hauptpunkte im Fokus behalten: die Reduzierung der Treibhausemissionen, die Verhinderung des Abwälzens der Klimaprobleme auf sozial Schwächere der Gesellschaft und die Information der Bürger. Die Gemeinde müsse vor allem als Vorbild dienen, auch wenn es finanzielle Auswirkungen habe. Man befindet sich aber schon auf dem richtigen Weg, wie z.B. in den gemeindeeigenen Maison Relais, wo man mit biologischen, lokalen und saisonalen Produkten kochte.

Déi Lénk-Rätin Myriam Cecchetti begrüßte diese Resolution, die eine Weiterführung vom Klimapakt sei, den die Gemeinde bereits vor Jahren unterschrieben habe. Daraufhin sei ein Climateam gegründet worden, das sich auch jetzt mit diesem Dokument auseinandersetzen und konkrete Pläne ausarbeiten werde. Sie erinnerte daran, dass die Vermeidung von unnützen Produkten das Wichtigste sei. Danach spielten auch Nachhaltigkeit und Recycling eine erhebliche Rolle. Als Idee für eine erste Aktion verwies sie auf ein Plakat, das vor einigen Jahren im Rahmen der Emwältwoch mit Einwohnern ausgearbeitet worden sei. Auf diesen ständen die Vorstellungen der Teilnehmer, wie Sanem im Jahre 2020 aussehen sollte. Es könnte also sehr interessant und spannend werden, dies mit den heutigen Tatsachen zu vergleichen und festzustellen, wo es noch Handlungsbedarf gebe. Zudem wünsche sie sich mehr messbare Aktionen, bei denen man Daten und Informationen bekäme, mit denen man später beweisen könnte, wie sehr sich die Arbeit ausgezahlt habe. Außerdem forderte sie, dass den Vereinen aufgrund von Subsidien mehr Anreize geboten werden sollten, um ihre Veranstaltungen umweltschonender zu gestalten. Zuletzt erinnerte sie daran, dass die Sensibilisierung von Kindern sehr wichtig sei und Aktionen in den Schulen mit Nachdruck wiederholt werden

sollten. Anschließend wurde die Resolution einstimmig angenommen. Gleches Votum gab es auch bei den Projekten und Immobilientransaktionen.

Im Rahmen diverser Baustellen profitiere die Gemeinde von der Gelegenheit, um für insgesamt 100.000 € Fußgängerüberwege und Bushaltestellen PMR-konform (personnes à mobilité réduite) umzubauen, so Georges Engel (LSAP). Es handele sich um folgende Stellen: rue de Niederkorn und rue d'Esch in Sanem, und rue d'Ehlerange in Zolver. Für einen neuen überdachten Fahrradunterstand im Service Technique würden 10.000 € benötigt.

Des Weiteren wurde auch eine Konvention mit der Firma Proximus S.A. verabschiedet, die das Bodenrecht (droit d'occupation) regelt, da sich die Treppe, die zur Antenne heraufführt, auf öffentlichem Terrain befindet. In diesem Zusammenhang fragte Gemeinderätin Myriam Cecchetti (déi Lénk) nach, ob sich die Wogen in diesem Dossier mittlerweile geglättet hätten. Sie sei der Meinung, dass es niemals so weit gekommen wäre, wenn der Mobilfunkanbieter eine bessere Kommunikationspolitik betrieben hätte. Ihr Parteikollege Jos Piscitelli (déi Lénk) fügte hinzu, dass der aufgebrachte Artikelverfasser mittlerweile ein konstruktives Gespräch mit dem Service Écologique gehabt habe und dieses positiv verlaufen sei. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) konnte nur informieren, dass bislang noch kein Commodo-Incommodo-Antrag eingereicht worden sei und man nun abwarten müsse.

## BUDGET DER EPICERIE SOLIDAIRE UND KOMMUNALE FINANZEN

Jérôme Ney, Geschäftsführer der Epicerie solidaire, stellte im Folgenden den provisorischen Haushaltsplan 2020 vor. Er rechne aufgrund der Zahlen dieses Jahres mit einem Umsatz von insgesamt 1.055.900 €, und dies aus drei verschiedenen Einnahmequellen. Von den Verkäufen in der Epicerie erwarte man sich 580.000 €, auf dem Restaurant/Catering-Posten stünden 275.000 € und das neue Projekt im Bouldrome solle rund 200.900 € einbringen. Der meiste Erfolg zeige sich im Restaurant und beim Catering, in diesen Bereichen sei man besonders gefragt. Die höchsten Ausgabeposten stellten die Personalkosten und die Tilgung von Schulden dar. Schlussendlich fange das Projekt endlich an, leichte Gewinne zu verzeichnen.

Nachdem Georges Engel (LSAP) sich bei der Epicerie solidaire für die gute Arbeit bedankt und zu den positiven Zahlen beglückwünscht hatte, erhielt déi Gréng-Gemeinderätin Chantal Faber-Huberty das Wort. Sie bedankte sich ebenfalls für die ausführliche Präsentation und freute sich über den Erfolg der Epicerie. Da ihre Fraktion aber noch immer auf eine Antwort vom Arbeitsministerium auf ihre Frage bezüglich der Personaleinstellungen warte, müsse sie leider ihre Enthaltung

ankündigen, wünsche aber weiterhin viel Glück für die Zukunft des Projektes. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) konnte hierzu mitteilen, dass im Januar deswegen eine Unterredung im Ministerium stattfinden werde.

Gemeinderätin Myriam Cecchetti (déri Lénk) ging in ihrer Funktion als Präsidentin der EpiSol noch einmal darauf ein, dass man einem Projekt stets eine Anlaufzeit von fünf Jahren zugestehen müsse. Die Epicerie bestehe nun seit fünf Jahren und man habe bewiesen, dass das Konzept funktioniere. Man sei stolz auf die Vorreiterrolle und auf den bislang erreichten Erfolg. Sie bedankte sich beim Schöffenrat für die Unterstützung bei der Realisierung des zweiten Projekts im Boulodrome, bei welchem man auch optimistisch in die Zukunft schaue. Allerdings stelle der Platzmangel an beiden Orten ein Problem dar und man hoffe auf baldige Lösungen. Mit 15 Ja-Stimmen und 2 Enthaltungen seitens der déri Gréng wurde das Budget der Epicerie angenommen.

Danach gab Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) alle wichtigen Erläuterungen zur Annullierung der Schuldenrückzahlung der Epicerie solidaire an die Gemeinde. Die Konvention mit der EcoSol asbl und der Kooperative EpiSol regele, wie die Gemeinde sich an diesem solidarwirtschaftlichen Projekt beteiligt. Zu Beginn des Projektes hätte die Gemeinde der Epicerie 687.000 € für Investitionen und Funktionskosten vorgestreckt. Anstelle einer monatlichen Miete für die Lokalitäten müsse die Epicerie ab dem Jahre 2017 der Gemeinde jedes Jahr, aber nur im Falle eines erreichten Bonus, 15.000 € zurückstatten. Da die Jahresbilanzen 2017 und 2018 negativ ausgefallen seien, würden die Rückzahlungen nun offiziell vom Gemeinderat erlassen. Außerdem werde die Konvention angepasst, um die Frist zur Einreichung des Budgets vom 01.10 auf den 01.12 zu verlängern.

Ressortschöffin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) ging dann zu den Preisanpassungen im CIPA Résidence Op der Waassertrap über. Sowohl der Preis für ein Tagesmenü vom „Essen auf Rädern“-Dienst als auch das Menü vor Ort im Restaurant für externe Besucher sei von 10,50 € auf 11,50 € erhöht worden. Gemeinderat Jos Piscitelli (déri Lénk) beklagte sich, dass solche Erhöhungen immer schmerhaft seien und er wünsche sich, dass auch im CIPA soziale Preise beibehalten werden. Man müsse den Menschen helfen, die sich nicht mehr regelmäßig ein warmes Mittagessen leisten können. Das werde selbstverständlich in Betracht gezogen, so die Schöffin, bevor dieser Punkt einstimmig verabschiedet wurde.

Bei der Anpassung des Pensionspreises für ein Doppelzimmer im CIPA waren sich die Gemeinderäte dann wiederum uneinig. Schöffin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erklärte, dass bisher ein verheiratetes Paar nur 90 % des normalen Tarifes gezahlt habe, und dies aus historischem Grund. Im vorherigen Altenheim in Zolver habe ein Paar zusammen nur ein Zimmer bewohnt. In der neuen Einrichtung in Belval verstehe man unter einem Doppelzimmer zwei Einzelzimmer, meist

mit einer Verbindungstür. In Zukunft würden daher 100 % des Betrags (nur bei neuen Verträgen) verrechnet, insgesamt 4.855,78 € pro Monat. Sowohl Gemeinderat Jos Piscitelli (déri Lénk) als auch DP-Rätin Patricia Speck-Braun monierten das in der Finanzkommission angeführte Argument des Kostendeckungsprinzips, sähen keinen aktuellen Grund für diese Erhöhung und enthielten sich deshalb bei der Abstimmung.

## OFFICE SOCIAL

Der Präsident des Sozialamtes Jean-Pierre Schlessier präsentierte anschließend das rektifizierte Budget 2019 und den Haushaltsentwurf 2020 des Office social. Für das kommende Jahr 2020 rechne man mit Ausgaben von 2.020.450 € und Einnahmen von 2.017.450 €, also mit einem Bonus in Höhe von 18.779 € im ordinären und 839.670 € im extraordinaire Teil.

Danach unterrichtete er über die Entscheidung des Verwaltungsrats bezüglich der Schaffung eines Sozialarbeiter-Postens ab dem 01.01.2020. Abschließend folgte die Nominierung von 4 neuen Mitgliedern im Verwaltungsrat. Dieser erneuere sich alle drei Jahre, dieses Mal mit Henri Dondelinger, Norbert Merenz, Monique Pütz-Seil und Carine Reuter-Bauler.

Es folgte die Verabschiedung eines Reglements bezüglich der Ausgleichssubvention für Kommunalgebühren und Winterkosten, auch Gromperegeld genannt. Bislang seien nur die Höhe des Hilfetrages und die Empfängerbedingungen in einer Gemeinderatssitzung 2016 festgehalten worden. Es sei eine Anpassung der Unterstützung gefolgt, wobei sie von 60 % auf 70 % erhöht worden sei. Nun gebe es also ein eigenes Reglement, das mit allen anderen Gemeindeverordnungen auf einer Linie sei. Ein neuer, wichtiger Punkt siehe vor, dass die Antragsteller, die fristgerecht ihre Anfrage einreichen (bis zum 31.03), eine Subvention für das vergangene Jahr erhalten können, wenn sie mindestens 6 Monate in demselben Jahr in der Gemeinde gewohnt haben.

## 3 ANFRAGEN VON DÉI LÉNK-GEMEINDERÄTIN MYRIAM CECCHETTI

Die erste Frage bezog sich indirekt auf die neue Klima-Resolution, welche zu Beginn der Sitzung gestimmt worden war. Im Zusammenhang mit zwei interessanten Zeitungsartikeln zum Ökozenter Hesper und dem Recyclage-Buttek in Kehlen schlug sie vor, ein ähnlich tolles Projekt gemeinsam mit dem SIVEC anzugehen, wo dann z.B. Elektrogeräte repariert und recycelt werden könnten. Schöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) konnte bestätigen, dass diese Idee bereits umgesetzt worden sei und bilaterale Konventionen mit dementsprechenden Firmen unterschrieben worden seien.

Die zweite Frage betraf die Télémie-Veranstaltung auf dem Scheierhaff in Zolver. Die déi Lénk-Rätin bat darum, sich im Vorfeld ernsthafte Gedanken wegen des Verkehrs und der Parksituation zu machen, da neben der Spendenaktion an gleichem Ort und Stelle ein zweites Groß-Event der UGDA stattfinden werde. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) berichtete über eine Unterredung mit der Centre de promesses-Präsidentin Franca Romeo, bei welcher man über dieses Thema gesprochen habe. Man sei sich der Situation bewusst, dass zwei Großveranstaltungen dieser Art an einem Ort natürlich eine Herausforderung seien, andererseits jedoch auch Synergien freigesetzt werden könnten. Der Télémie-Tag sei organisatorisch nur im Festkuss und im Hof möglich, und man werde mit Shuttle-Bussen und dem öffentlichen Transport-Angebot eventuellen Problemen entgegenwirken.

Zuletzt kam déi Lénk-Rätin Myriam Cecchetti auf die Sanierung der Kor und das Flusspartnerschaft-Abkommen zurück. Sie berichtete über eine positive und lobenswerte Unterredung bei der Kronospan. Man sei ernst genommen worden und man habe viele Erklärungen erhalten.

In der geschlossenen Sitzung wurde abschließend der Service de l'Agent municipal vorgestellt.

.....



Audiodatei der Gemeinderatssitzung  
[WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2019](http://WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2019)



## Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

**vendredi, 13 décembre 2019**

date de l'annonce publique

**06 décembre 2019**

date de la convocation des conseillers

**06 décembre 2019**

début: **17h00**

fin: **19h03**

### PRÉSENTS:

M. Engel Georges, président,  
M. Anen Gaston, Mme Asselborn-Bintz Simone, M. Bronzetti Denis,  
Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély Alain, Mme Faber-Huberty Chantal,  
M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, Mme Logelin Anne,  
M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Romeo  
Franca, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine  
Mme Manon Greven, secrétaire

### ABSENT(S) EXCUSÉ(S): /

PREMIER VOTANT: M. Gierenz Steve

**— ORDRE DU JOUR****1.** Correspondance et Informations.**2.** Attribution du titre de citoyen d'honneur de la Commune de Sanem à Monsieur Jean-Claude Juncker.**» Vote unanime****— PROJETS****3.** Réaménagement de différentes rues 2016-2019. Devis supplémentaire détaillé : 180.000 € (article budgétaire : 4/624/221313/16004).**» Vote unanime****4.** Acquisition de matériel informatique pour les besoins des écoles fondamentales de la Commune de Sanem. Devis estimatif détaillé : 15.000 € (article budgétaire : 4/910/223500/99001).**» Vote unanime****— CIRCULATION****5.** Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevins.**» Néant****— FINANCES****6.** Approbation du budget rectifié 2019.

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	85.440.699,12	17.379.950,84
Total des dépenses	66.933.007,95	52.707.887,66
Boni propre à l'exercice	18.507.691,17	—
Mali propre à l'exercice	—	35.327.936,82
Boni du compte 2018	31.745.815,93	—
Mali du compte 2018	—	—
Boni général	50.253.507,10	—
Mali général	—	35.327.936,82
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-35.327.936,82	+35.327.936,82
Boni présumé fin 2019	14.925.570,28	—
Mali présumé fin 2019	—	—

**» Votes positifs: 12**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Engel Georges, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Tornambé-Duchamp Nadine.

**» Votes négatifs: 2**

Cecchetti Myriam, Piscitelli José.

**» Abstentions: 3**

Cornély Alain, Faber-Huberty Chantal, Speck-Braun Patricia.

**7. Approbation du budget initial 2020**

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	91.701.953,65	26.779.811,64
Total des dépenses	75.529.121,14	57.428.771,69
Boni propre à l'exercice	16.172.832,51	—
Mali propre à l'exercice	—	30.648.960,05
Boni du compte 2019	14.925.570,28	—
Mali du compte 2019	—	—
Boni général	31.098.402,79	—
Mali général	—	30.648.960,05
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	-30.648.960,05	+30.648.960,05
Boni présumé fin 2020	449.442,74	—
Mali présumé fin 2020	—	—

**» Votes positifs: 12**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Engel Georges, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Tornambé-Duchamp Nadine.

**» Votes négatifs: 2**

Cecchetti Myriam, Piscitelli José.

**» Abstentions: 3**

Cornély Alain, Faber-Huberty Chantal, Speck-Braun Patricia.

**— DIVERS****8.** Modification de la composition des commissions consultatives**» Néant****9.** Questions et divers**» Néant**

.....

**» Votes positifs: 12**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Engel Georges, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Tornambé-Duchamp Nadine.

**» Votes négatifs: 2**

Cecchetti Myriam, Piscitelli José.

**» Abstentions: 3**

Cornély Alain, Faber-Huberty Chantal, Speck-Braun Patricia.



## “ DÉI GRÉNG: BEGRÜNDUNG DER ENTHALTUNG BEIM BUDGET 2020

So wie wir es bereits bei den Budgets 2018 und 2019 gehandhabt haben, wollen wir als Oppositionspartei das Budget nicht einfach aus Prinzip ablehnen, sondern das Abstimmverhalten ist immer das Resultat einer eingehenden Analyse unsererseits.

Der Schöffenrat hat den Parteien in diesem Jahr erstmals die Gelegenheit geboten, schon im Vorfeld anlässlich der Vorstellung in der Finanzkommission, Änderungsanträge zum vorliegenden Budget einzureichen, was unserer Partei denn auch getan hat.

Da die Wohnungsnot in Luxemburg, bedingt vor allem durch die geografische Lage und die ökonomische Entwicklung des Landes, wie gewusst sehr groß ist, ist es auch die Pflicht der Gemeinden in diesem Bereich eine viel proaktivere Politik als bisher zu betreiben. Deshalb sind wir der Meinung, dass unsere Gemeinde sich für die nächsten Jahre ein ambitioniertes Programm geben sollte, um im sozialen und bezahlbaren Wohnungsbau eine führende Rolle zu spielen. Der neue Pacte Logement 2.0 der Regierung wird die Gemeinden bei solchen Projekten in Zukunft auch unterstützen.

Wir begrüßen es deshalb ausdrücklich, dass der Schöffenrat unserem Vorschlag durch eine substantielle Erhöhung der vorgesehenen Kredite für sozialen Wohnungsbau (sei es durch den Kauf eigener Wohnungen zum Vermieten, sei es in Zusammenarbeit mit den Partnern SNHBM oder Fonds de logement) entgegengekommen ist, auch wenn wir uns eine noch entschiedenere Vorgehensweise gewünscht hätten.

Wir hoffen natürlich auch, dass die vorgesehenen Summen nicht nur im Budget figurieren, sondern dann auch tatsächlich in konkrete Projekte investiert werden. Wir werden also im Laufe des Jahres genau hinschauen.

In den Bereichen Mobilität (siehe Mobilitätsplan 2030) und Umwelt (siehe Ausruf einer Klimakrise im Gemeinderat) vermissen wir höhere Kredite für Umsetzungen von konkreten Maßnahmen im kommenden Jahr.

Wir begrüßen, dass die Budgetartikel betreffend „Eis Epicerie“ endlich, so wie wir es schon länger fordern, der Konvention zwischen Schöffenrat und „Eis Epicerie“ Rechnung tragen und somit Schritt für Schritt für mehr Transparenz in diesem durch öffentliche Gelder finanzierten Projekt gesorgt wird.

Da einerseits das vorliegende Budget an sich viele positive Punkte beinhaltet und der Schöffenrat unseren Wünschen im Bereich Wohnungsbau wenigstens zum Teil entgegengekommen ist, da aber andererseits einige Bereiche unseren Wünschen und Vorstellungen nicht genügend entsprechen, haben wir uns bei der Budgetvorlage 2020 des Schöffenrates enthalten.

”

## Gemeinderatssitzung Sanem

### Freitag, 13. Dezember 2019

**BELES** – Am Freitag, den 13. Dezember 2019 kamen die Sanemer Gemeinderäte zum Jahresabschluss ein letztes Mal zusammen. In der zweistündigen Sitzung standen die Stellungnahmen der einzelnen im Rat vertretenen Parteien zum Haushaltsentwurf 2020 im Vordergrund.

#### **JEAN-CLAUDE JUNCKER WIRD BESONDERE EHRE ZUTEIL**

Unter Punkt 2 der Tagesordnung schlug Bürgermeister Georges Engel (LSAP) im Namen des Schöffenrats vor, den ehemaligen Premierminister und Präsident der Europäischen Kommission Jean-Claude Juncker zum Ehrenbürger von Sanem zu ernennen. Dieser habe vom 15. Oktober 1956 bis zum 16. Juli 1979 in der Gemeinde gewohnt und habe unter anderem die Grundschule im Roude Wee in Beles besucht, nebst Weggefährten wie Gemeinderat Marco Goelhausen. Er habe seit 1974 als Mitglied der CSV und unter anderem seit 2014 als Präsident der EU-Kommission vieles im Land, in Europa und der Welt erreicht, ohne jemals seine Wurzeln zu vergessen. Diese lägen in der Gemeinde Sanem. Engel (LSAP) betonte, dass Juncker ihn stets mit „Hier kommt mein Bürgermeister“ begrüßt habe. Der ehemalige Premierminister geselle sich mit seiner Ernennung zu den bisherigen vier Ehrenbürgern der Gemeinde - Camille, Marcel, Léon und Pierre Cigrang des Logistikunternehmens Cobelfret -, welche der damalige Gemeinderat in den 80er Jahren geehrt habe, da sie zwei ihrer Schiffe auf die Namen Belval und Belvaux getauft hatten. Der Bürgermeister gab zu Protokoll, dass er Jean-Claude Juncker bereits per Telefon über das Vorhaben unterrichtet habe, und es für diesen eine große Ehre sei, die er sehr gerne annehmen werde. Bei der anschließenden Beschlusserläuterung wurde die Rolle Junckers als erster Vorsitzender der Euro-Gruppe hervorgehoben, sowie seine fast 19-jährige Amtszeit als Premier Luxemburgs. Nach der einstimmigen Annahme erklärte Georges Engel (LSAP), dass man diese Ernennung zum Ehrenbürger Anfang 2020 gebührend feiern werde.

Bei den beiden folgenden Punkten ging es um Gemeindepunkte. Adis Sabotic vom Service Technique gab Erklärungen zum Kostenvoranschlag, welcher für Straßenarbeiten im Jahr 2019 zusätzlich bewilligt werden müsste. Die Mehrkosten seien auf unvorhergesehene Arbeiten zurückzuführen, die während der Baustellenphase erledigt werden mussten, so Sabotic. Im Vergleich zum Voranschlag von 2017 würde die endgültige Abrechnung mit rund 180.000 € zusätzlich zu Buche schlagen. Zu den großen Posten, die zur Überschreitung geführt hätten, zählten die Anpassungen einiger Fußgängerüberwege für Menschen mit eingeschränkter Mobilität in der Rue de Hussiany in Beles, adaptierte Fräsanbeiten am Asphalt welche zu einer schnelleren Durchführung geführt hätten, Kanalarbeiten am Eingang des Friedhofs in Zolver, Kanalanpassungen im Coin du Lohr in Sanem und Anpassungen des Straßenniveaus im Bypass der Rue d'Esch in Ehleringen. Der Kostenvoranschlag wurde ohne Gegenstimme angenommen, genau wie der folgende, bei dem es um den Kauf von informatischem Material für schulische Zwecke ging. Die Gemeinderäte stimmten dem Kauf von 6 Computern und 8 Laptops für die Schulen Scheierhaff, Sanem und Roude Wee in Höhe von 15.000 € zu.

#### **VIELSCHICHTIGER RÜCK- UND AUSBLICK IM RAHMEN DER HAUSHALTSDEBATTE**

Der Rest der Sitzung drehte unter den Punkten 6 und 7, die man, so der Bürgermeister, traditionell zusammen abhandle, um den berichtigten Haushalt des Jahres 2019 und den neuen Haushaltsentwurf für 2020. Für jede Fraktion – der Reihe nach déi Lénk, CSV, déi Gréng, DP und LSAP - bezog ein Rat ausführlich Stellung zu den Gemeindefinanzen.



## STELLUNGNAME VUN DÉI LÉNK ZUM BUDGET 2019 / 2020

**Suessemer Gemengerot  
vum 13. Dezember 2019**

**Demokratie & Matbestëmmung /  
Soziales & Soziokulturelles /  
Mobilitéit & Klimawandel**

“ Dir Dammen an dir Hären,  
Léiwe Schäfferot,

Virop wollte mer all deene Leit Merci soe, fir hir vill Aarbecht bei der Opstellung vun désem Budget. Dobai welle mär awer och dem Schäfferot selwer Merci soen, dass mär den Entworf vum Budget dës Kéier effektiv éischter krute wéi all déi Jore virdrun an dass d'Finanzkommission an domadder och mär am Virfeld d'Méiglechkeet a méi Zäit hate, fir Froen an Ännervirschléi era kënnen ze ginn - och wann eis Proposen, ofgesi vum "Logement à prix réduit (social)", net dee gewënschten Nidderschlag am Budget fonnt hunn.

Dofir beschränkt sech eis Ried dëst Joer och net némmen op dat philosophesch an ém d'Form vun der Elaboratioun an der Exekutioun vum Budget, also ärer Aart & Weis fir Politik ze maachen - an dat notamment wat d'Demokratie & d'Matbestëmmung ubelaangt - mä et geet och em eenzel inhaltlech Punkten, haapsächlech an de Beräicher, Soziales & Soziokulturelles esou wéi Mobilitéit & Klimawandel,

Wat d'Matbestëmmung ugeet, do gesäßt een hei un eenzelen, dach émstriddene Projet'en am sozialen-, kulturellen- a sportleche Beräich, déi de Schäfferot ganz eleng ausschafft huet, a mär eréisch als fäerdegt Produkt, fénnef Deeg virum Vott am Gemengerot - als "à prendre ou à laisser" - virgeluecht kruten, zu engem groussen Deel oniwverluecht, ouni Wäitsicht an / oder fehl geplangt goufen. Donieft goufen aner Iddie a Projet'en am Alleingang carrement refuséiert, resp. et gëtt einfach keng Decisioun geholl.

— Esou wéi bei der neier Maison Relais mat Precoce zu Suessem, déi huet musse « provisoresh » aus dem Buuedem gestampt ginn, well keng resp. eng komplett Feelaschätzung vun der demographescher Evolutioun an eiser Gemeng gemaach gouf an d'Finanzement heivunner effektiv licht Onorthodox ass.

- An dat net némme, wéinst dem méi héije Mietzénn vun de Container vu ronn 125.000 Euro, déi, vis-à-vis vun engem legale Leetzéns op enger Bank, an de Sand gesat goufen, mä och nach, duerch deen angebleche Provisorium vun 8 Joer - un dee mär elo no der Bamplanzaktiouen virun der Maison Relais, wou an 8 Joer d'Afaarte vun deenen do geplangten Haiser sollten hikommen, iwverhaapt net méi gleewen.
- Duerch dëse Provisorium, léist d'Gemeng, eiser Rechnung no, Subside vum Staat vu ronn 2 Mio. € luppen, déi mär bei engem Käschtepunkt vum Bau vu ronn 3,3 Mio. € a virun allem vum Terrain vu ronn 1,5 Mio. €, ze gutt gehat hätten.
- Och wa mär bei der Präsentatioun vum Budget dëse Méinde gesot kruten, dass de Staat maximal "némmen" 30.000 € pro "chaise", also an eisem Fall, bei 150 Kanner, ronn 1,5 Mio. € géif bái steieren, esou froe mär eis, firwat dass de Schäfferot, weider refuséiert dëse Subside unzefroen. D'Argument, dass de Staat dann an 8 Joer näischt méi bei enger neier Struktur géif báileeën - insofern, dass déi al dann iwverhaapt ofgerappt gëtt - kënne mär net novollzéien. Zemoools sech dach awer d'Fro opdrängt, firwat dass dës 8 Joer dann eigentlech net subventionéiert solle ginn?
- Mär haten an eisen Ännervirschléi am Budget 2 Mio. € an d'Recettes extraordinaires agesat a proposéieren dann elo hei 1,5 Mio. € an och nach eng Kéier wat mer domadder géife maachen. Do dernieft fuerderen mär de Schäfferot dann och nach eng Kéier dringenst op, dofir ze suergen, dass déi Suen do eiser Gemeng net verluer ginn.
- Recettes extraordinaires:**  
**1/242/ Maisons-relais / Foyers scolaires:**  
1.500.000 € - ( ) Prise en charge de 50% du coût de la construction et du terrain de la Maison Relais & Précoce à Sanem par le Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.
- Bei der neier Sportshal zu Suessem, wou mer ganzer 1,8 Mio. € hu mussen nostëmme, well de Projet, wéi mer gesot kruten, vun 2015 un evoluéiert & gelieft huet..., an an der Tëschenzäit dann och d'Besoin'e vun de Veräiner erausfonnt goufen an et sech schlussendlech dann och erginn huet, dass eng Tribüne net esou schlecht wier, vue dass een sech wärend de Mätscher wuel kaum Zuschauer um Terrain kéint virstellen. Iwwregens hu mär vun Ufank un dorobber higewisen. Leider musse mer an dësem Fall och dovunner ausgoen, dass eis am Nachhinein d'Subside vum Staat op dësen 1,8 Mio. Zousazkredit verluer gaange sinn.
- Zur neier Sportshal zu Suessem gehéiert och déi Al Buvette vum Fussball, déi elo onbedéngt an onnéidegerweis soll ofgerappt ginn, obwuel se nach an engem besseren Zoustand

- ass, wéi déi zwou al Buvette vun Eilereng a vu Bieles zesummen, an déi allebéid trotz dem Neibau vun deenen hiren Duschen awer weider toleréiert goufen a weider ginn.
- De Problem an der Suessemmer Sportshal ass, dass **déi nei Buvette mat anere Veräiner - a Manifestatiounen, ganz oft, zur selwechter Zäit - musse gedeelt ginn**, resp. vum Fussball net ka benotzt ginn. Déi Situations ass fir kee vun de Veräiner an der Hal an um Terrain gënschteg.
  - **Fir den Ofrëss vun désem Gebäi, dat iwwregens vum Fussball selwer opgericht gouf**, ze rechtfäerdegen, gouf een, an eisen Aen dach, **onrealistesche Chiffer vun 250.000 € avancéiert**, dee, wéi mer am viregst Gemengerot gesot kruten, fir eng nei Heizung wier, déi fir eng dach relativ kleng Surface vu +/- 80m<sup>2</sup>, inklusiv woarm Waasser, keng 10.000 Euro dierft kaschten.
  - Déi al Buvette ass e statescht onofhängegt Gebai, dat net direkt mat den Duschen, déi ofgerappt musse ginn, zesummen hänkt an all Käschten, **déi dëse Bau weider viabel sollen halen, belafen sech am héchste Fall** (a firwat net och erém an eege Regie vum Veräin), **eiser Aschätzung no, tëschen 30.000 an 80.000 Euro** (ofhängegt dovunner, op een e Stéck vun der Reserve bääbehält oder net).
  - Mär mengen och net, dass **dës Zuelen onrealistesch sinn**, esou wéi mer dat e Méinde virgehäit kruten a mär wëllen eis domadder, esou wéi och mat eisen anere Propositiounen net "Liebkind" maachen. **Et ass einfach e Sakrileg (an Zäite wou mer vu Ressourcéverschwendung schwätzen) e Gebai an esou engem gudden Zoustand ofzerappen**, wat am Endeffekt och nach derzou géif bäidroen fir de "soziokulturelle Fridden" tëschen de Veräiner an der neier Sportshal ze erhalten.
  - D'Erhale vun der Buvette, **verhënnert och net de Bau vun deem Haus, dat op där éischter Parzelle do virgesinn ass**. Mär schwätzen hei vun e puer m<sup>2</sup>, déi dem Gaart vun deem Haus do verluer ginn an deen dann nach emmer largement méi grouss ass, wéi de Gros vun de Gäärt an de Projet'e "Geesserwee", "Ënnert dem Dréisich" a virun allem "Metzerhéicht".
  - Dofir proposéiere mär dann och weider hei an den Dépenses extraordinaires 10.000 € fir d'Heizung a 70.000 € fir de "**maintient en état de l'ancienne buvette au terrain de football à Sanem**".

**Dépenses extraordinaires:**

**4/821 Terrains de sports** - Constructions à usage propre - sur sol propre **80.000 €** - Nouvelle chaudière gaz hybride air/eau (standard & condensation) **pour les besoins en chauffage et en eau chaude (10.000 €)** et - Aménagements pour le **maintient en état de l'ancienne buvette au terrain de football à Sanem (70.000 €)**.

- Wat "**onrealistesch Zuelen**" ubelaangt, do kéint een nach soen: Dass mer allen Eeschtes op eis **Fro zum Ausbau vun der WSA** geäntwert kruten, dass déi **220 Mio. € vum Staat & déi 67 Mio. Dollar** vun der US Regierung (déi den Här Trump méttlerweil fir seng Grenzmauer mat Mexico schonn erém zeréck gezunn huet) just **fir eng eenzeg Hal um Site** solle gebraucht ginn, weist dass mär entweder fir naiv gehale ginn (déi Luxus Hal géife mer nämlech gäre gesinn), dass de Schäfferot net alles weess oder dass mär net alles gesot kréien. Egal wéi, ass dat schonn e bësse komesch a problematesch zu gläich.
- **Klammer op:** An och wann déi vermeitlech Militär Frëndlechkeet, déi an désem Dossier onverkennbar ass, elo net direkt am Budget erém ze fannen ass, an et eis Intentioun och net ass, fir dass eist Militärlager soll zougemaach ginn, esou sollt een awer wëssen, dass d'US Air-Force Base vu Ramstein, fir déi d'WSA jo bekanntlech als e vun de "Supplier" gëllt, als Haapt-Relais an Europa, iwwer Glasfaser mam Nevada verbonnen ass, vu wou aus d'US Dronenugrëff am Noen Osten gesteiert goufen... (Source: **ProSieben Sendung zu Fakten: Soldaten** Staffel 4 • Episode 2 • **26.11.2019 • 21:50** <https://www.prosieben.de/tv/10-fakten/video/42-to-fakten-soldaten-ganze-folge>) **Klammer zou.**
- Dass bei **verschieden Alleingäng vum Schäfferot, Chifferen onrealistesch agesat ginn, beweist den Architekten-Concours vun iwwer 40.000 €**, mat festlech designéiertem Gewënner, fir eng nei **Maison Relais mat neiem Musekssall zu Zolwer**, deen ouni d'Wësse vum Gemengerot, lancéiert gouf an deen elo, wéi et schéngt, **an der Poubelle gelant ass**, well op emol, wéi mer dat kierzlech op enger öffentlecher "Ënnerwee bei iech" Versammlung zu Zolwer gewuer gi sinn, erausfonnt ginn ass, dass den Terrain hannert der Schoul 2000 an engem Hang géif leien an een dofir déi zwee Gebaier (Maison Relais & Museksall) awer vläicht ganz gutt och an engem eenzeige Gebai kéint verbannen.
- Wat **d'Veräinshaus an d'Kaplounshaus zu Bieles** ubelaangt, och do deet de Schäfferot sech schwéier eng Decisioun ze huelen an e Projet ze lancéieren. D'Lescht Joer waren nach 300.000 € am Budget an dëst Joer stinn der nach just 50.000 € dran. **Wéini kréien déi Bielesser Veräiner dann elo endlech hiert Veräinshaus mat Festall?** Ob dat elo am Duerf soll sinn oder um Matgesfeld oder wou soss och émmer. **Huelt einfach méi Leit mat an d'Boot fir déi Decisioun do ze huelen**, an da fanne mer alleguer zesummen déi adequat Léisung.
- Dat gëllt och fir dat Gebai fir Formatioun asw..., fir dat elo **am Kader vum Projet Matgesfeld 100.000 € als Frais d'Etudes** agesat goufen. Mär bezweifelen - kuckt een déi aktuell Evolutioun vum Projet - dass dat alles an däri Envergure, mateneen um Matgesfeld ze kombinéieren ass, a proposéieren dofir och weider, fir dee Montant am Budget erém op 300.000 Euro erop ze setzen an ze kucken **wou a wéi**

**een en neit Veräinshaus kéint bauen, oder ob a wéi een dat aalt soll / kann reamenagéieren.**

**Dépenses extraordinaires:**

**4/690/ Autres logements et équipements collectifs -**

Constructions à usage propre - sur sol propre

**50.000 €** (Proposition Budget 2020) - **Réaménagement ou réaffectation** du „Verainshaus“ à Belvaux,

+ **250.000 € = 300.000 €** (montant autorisé Budget 2019) - **ou construction d'un nouveau "Veräinshaus"** pour les sociétés de Belvaux

- An deem Zesummenhang a mat deenen Iwwerleeungen do hu mer och e Budgets-Artikel proposéiert fir sech zu **1/3 un de Käschten** vun 120.000 € (laut Devis vun der Société avicole vu Bieles), also mat **40.000 €**, fir deen an der Zuuchtanlag zu **Bieles** vun Ufank un virgesinnenen **Depot mat Konferenz-a Showroom asw...** ze bedeelegen - och wann de Schäfferot hei carrement dergéint schéngt ze sinn.
- Dëse Veräin, dee **mat senger Aktivitéit fir d'Erhale vun der Biodiversitéit bäidréit, verdéngt et och heibäi énnerstëtzzt ze ginn.** De Moment huet en esouguer Schwieregkeete fir e Sall fir seng nächst Expo zur Verfügung gestallt ze kréien. Eis Gemeng sollt frou sinn, dass et esou Veräiner gëtt, déi **eng pedagogesch Aarbecht am Senn vun Bewosstsinnbildung géintiwwer dem Erhale vun der Natur an hirer Vilfalt agéieren.**

**Dépenses extraordinaires:**

**4/410/ Agriculture, sylviculture, viticulture**

Subside pour la Société avicole de Belvaux dans le cadre de la construction et aménagement d'une station d'élevage à Belvaux

**40.000 €** - Participation (d'un tiers) aux frais de la **construction d'un Show- & Conference room avec Dépôt sur le terrain de la station d'élevage à Belvaux .**

- Wat weider de **sozio-kulturelle Volet** ubelaangt, do proposéiere mär fir **d'Suessem Schlass**, net méi laang op eng Iddi vum Staat ze waarden, mä selwer mat 30.000 Euro fir eng sérieux **"Etude et Recherche de développement pour l'utilisation publique d'une partie du Château de Sanem"** aktiv ze ginn a mam Accord vum Staat, 200.000 € an **d'"Travaux d'entretien et d'aménagement"** z'investéiere, fir elo schonns en Deel vun de Reimlegkeete kënnen ze benotzen, éier alles verfällt an et herno nach méi deier gëtt.
- Dëst misst natierlech iwwer eng **Konventioun mam Staat** gereegelt ginn, esou dass eisen Invest net émsoss wier, zemoools et net eist Gebai ass. Iwwregens krut ech gëschter gesot, dass **den Dag vun der Kapellchen niewendrun net méi dicht wier**, well e puer Leeë géife feelen. Ech fäerte ganz wa mär do náischt énnerhuelen, da gëtt de Schued och do méi grouss.

**Dépenses extraordinaires:**

Constructions à usage propre - sur sol d'autrui

**30.000 € Frais d'études** et frais de recherche et de développement pour l'utilisation publique d'une partie du **Château de Sanem**

**200.000 € Travaux d'entretien et d'aménagement de locaux** pour l'utilisation publique d'une partie du **Château de Sanem**

Zum Thema **Mobilitéit an defakto och Klimawandel** kann ee soen, wann een d'Leit gären op den **öffentlechen Transport** hätt, da muss een dësen optimiséieren,

- a well mer wëssen, wéi schwéier, dass et ass fir sech als Gemeng am Syndikat TICE duerch ze setzen, fir d'Linnen un d'Besoin'e vun eisen Awunner unzepassen, hu mer eis gefrot op **een dem TICE net eng méi grouss Subventioun sollt proposéieren, fir esou eis Linne besser ze koordinéieren, resp. am grousse ganze komplett z'iwwerschaffen** - wat batter néideg wir...
- Kuckt een hei z.B. nämmen **d'Gare vu Käerjeng / Suessem**, do kommen a béis Richtungen **3 Busser** (**d'Linnen 3, 13 a 14) mateneen un, resp. fueren mateneen do fort.** An de Spëtzestonnen sinn et der esouguer 4, well dann d'Linn 15 quasi permanent a Verspéléitung ass.
- Donieft sinn **dës Bussen och net mat den Zich koordinéiert**, déi de Leit da virun der Nues fort fueren, an déi mussen da bis zu enger halfe Stonn op den nächste Bus, resp. op den Zuch waarden... **Dofir huelen déi dann och den Auto a ploen sech fir op der Gare - resp. am Agang vum Bësch niewendrun - eng Parkplaz ze kréien** oder si fueren direkt mam Auto op hir Destinatioun.
- 2019 stoungen am ordinäre **Budget rectifié fir den TICE: 1.856.127,35 €. Fir 2020 sinn der nach "just" 1.684.920,76 virgesinn.** Wann d'Optimisatioun an d'Koordinatioun vun eise Linnen un de Suen hänkt, wouvu mer ausginn, dann ass dat do net de richtege Wee.

**Dépenses ordinaires:**

**3/441/ Transports routiers** - Participations à caractère général

? € Transports routiers - **Subventions d'exploitation aux entreprises publiques - TICE**

1.856.127,35 (Budget rectifié 2019) 1.684.920,76  
(Proposition Budget 2020)

- Nieft der TICE Subventioun, hu mer dëst Joer **160.000 € an eise Ruffbus investéiert**, dee jo op Ofrruff an der ganzer Gemeng an op fënnef fix Plazen an d'Nopeschgemenge fiert. Dat allerdéngs **némme vu Méindes bis Samschdes téschen 09:00 an 19:00 Auer.** Als Folleg vun enger Ëmfro bei den Utilisateuren, huet de Schäfferot (net zulescht dës Woch nach op de Rentnerfeieren) ugekënnegt, dëse Service unzepassen. Dofir gouf dann elo och

kuerzfristeg de **Budget fir 2020** vun **160.000 €** op **175.500 €** gehéicht. Mär froen eis allerdéngs wéi esou eng Verbesserung mat némme **15.500 Euro soll ausgesinn**.

- Muss een do dernieft net awer **eng sérieux Analyse maachen**, inwiefern een als **Gemeng net selwer, resp. mat Esch an / oder Déifferdeng zésummen och an e City-Bus soll / muss investéieren?**
- Wat d'**Optimiséierung** vun de **Buslinne vum TICE** nach ubelaangt, do hate mer jo eng **Propositioun vu 50.000 € fir d'Amenagement, resp. d'Deplacement vun Arrêt'en, resp. Bushaischercher** gemaach, well der eng Partie op Plaze sti wou se net effizient kenne genotzt ginn. An zwar:
- den **Arrêt Lohr zu Suessem, a béis Richtungen**, déi sech Allenzwee ganz am Ausgang vun der Uertschaft befannen, anstatt beim Ausgang vun der Rue du Lohr, wou se dann och besser genotzt géife ginn
- den **Arrêt Zentrum zu Suessem, Richtung Käerjeng**, dee virun der Kräizung fir an d'Nidderkuerer Strooss ass, esou dass d'**Linn 14 vun Nidderkuer aus kommend, net do hale kann** an d'Leit d'Méiglechkeet net hunn op engem an **deem selwechten Arrêt all méiglech Busse fir op d'Gare kënnen ze huelen**. Wann een z.B. op den 3 (13 oder 15) um Arrêt Zentrum waart, an deen ass och némmen e puer Minuten a Verspéléitung, da fiert de 14 engem laanscht Nues ouni dass een dee kann huelen an dann ass den Zuch fort - oder émgekéiert, et spekuléiert een, dass de 14 bei Arrêt Kierch an der Nidderkuerer Strooss pünktlech ass, da kann een den 3 (13 oder 15) beim Arrêt Zentrum net huelen.
- den **Arrêt Centre zu Eilereng, Richtung Aessen**, deen hannert der Kräizung fir op Monnerech ass, esou dass d'**Linn 17 vun Esch aus, net do hale kann** an d'Leit bis op den Arrêt Schoul musse mat fueren; esou kéint een dann och,
- den **Arrêt Schoul zu Eilereng (a béis Richtungen)** no der Schoul, Richtung Monnerech amenagéieren, esou dass d'Leit méi no beim Accès vum Trëppel- a Véloswee fir an d'Zone ZARE Est (dee jo elo och mat 150.000 € am Budget stéet), kéinten eraus an era klammen
- an den **Arrêt Escherstrooss zu Eilereng**, a béis Richtungen, méi no bei den Accès vum Trëppelwee fir an d'Zone ZARE Ouest verleeën, och wann dësen nach émmer net beschéldert ass.

#### Dépenses extraordinaires:

**4/441/ Transports routiers** - Infrastructures publiques - sur sol d'autrui  
**50.000 € - Aménagement / Déplacement d'arrêts / d'aubettes sur le territoire de la commune (Arrêts Centre et Accès ZARE Ouest & Est à Ehlerange et Arrêts Zentrum et Lohr à Sanem).**

- Wat d'Problemer mam **öffentlechen Transport an de Parking Résidentiel am ZARE** ubelaangen, wou mär jo scho méi wéi eng Interventioun hei am Gemengerot gemaach hunn, hu mer 50.000 € proposéiert fir eng Etüde, resp. e Projet ze lancéieren, en **Vue vun enger Navette mat Park & Ride - eventuell och a Verbindung mam neie Parking "op Sommet"**. E Méinde krute mer verséchert, dass am Syndikat ZARE heiru géif geschafft ginn.

#### Dépenses extraordinaires:

**4/470/ Développement économique (ZAC, ZARE, ...)**  
**50.000 €** - Apport d'investissement pour **Frais d'études** et frais de recherche et de développement pour un **Park & Ride avec Navette vers les Zones Zare**.

- Nodeems, dass d'**Vélo's an d'Foussgänger-Pist am Agang vum Tippeewee** bis bei de Park Metzerlach 2019 fir 88.783,20 € verlängert gouf, hate mär elo hei am Budget, wéi och schonns virdrun am Gemengerot, proposéiert, fir 2020 emol 100.000 € z'investéieren, fir dës Pist dann elo och **weider duerch de Park, iwwert d'Gewan hannert dem Boulodrome, bis an d'Bieleser Strooss zu Esch, bei den Agang "Belval Université" ze féieren**.
- Dass dës Zomme net duer geet fir déi ganz Pist ze finanzíéieren, dat wësse mer, mä mär mengen et sollt een sech eeschtlech domadder befaassen, also **eng "Etüd" maachen a schonn emol kucke fir déi néideg Servituden op den Terrain'en hannert dem Boulodrome ze kréien**, fir herno kënnen doriwwer ze fueren.

#### Dépenses extraordinaires:

**4/449/ Autres systèmes de transport**  
**100.000 €** – Prolongation de la piste cyclable entre le parc Metzerlach et la rue de Belvaux à Esch (Entrée Belval Université) le long du Boulodrome.

- Hei wollte mer drun erënneren, dass mer am Kader vum Art. 31 vum neie PAG: "Servitudes couloirs et espaces réservés", proposéiert haten, fir och am **PAP NQ, Dispositiounen bázifügen, déi et erlabe fir och an deenen neie Projet'en, Emprisen kënne virzeschreiwen**: "pour permettre l'installation d'un réseau étouffé de chemins piétonniers et cyclables entre les quartiers et entre les localités de la commune, permettant aussi de joindre les communes adjacentes".

Wat de **Klimawandel** u sech ubelaangt, do hu mer, ofgesi vun deenen **250.000 €**, déi jo all Joer fix am **Budget fir de Klimapakt** virgesi sinn, absolut kee **Montant fonnt**, weder bei den extraordinaire- nach bei den ordinären Ausgaben, **fir zousätzlech KONKRET Mesuren** an dësem Beräich émzesetzen.

- Dass sech bei der Redaktiouen vun der “**Resolution communale contre la crise climatique**”, déi mer e Méinden hei am Gemengerot gestëmmt hunn, op déi, vun deenen dräi vum Klimabündnis virgeschloene Versiounen, mat deene klengsten ambitiéisten Zieler baséiert gouf, kënne mer à la rigueur nach verstoen; mär verstinn allerdéngs net, **firwat dass hei elo net schonn direkt fir 2020 deen néidege Budget fir KONKRET Mesuren** (esou wéi déi géint den Einweg-Plastik z.B., op déi ech nach ze schwätzen kommen) **zur Verfügung gestallt gouf** an doduerch e weidert Joer verluer geet.
  - Hei kënnt een onweigerlech zur Konklusioun, dass **dës Resolutioun am Endeffekt och näischt aneres ass, wéi eng vun deene villen Absichtserklärunge mat abstrakte Stéchpunkten**, déi am Allgemengen iwverall dorëmmer gemaach ginn - a wou d’Leit fir d’éischt emol zur Kees gebiede ginn, siehe ugekënnegt CO<sub>2</sub> Steier hei zu Lëtzebuerg - fir dann herno emol ze kucke wat dann am Endeffekt wierklech konkret ka realiséiert ginn.
  - Dofir hu mär proposéiert fir wéinstens **100.000 € ze liberéieren**, fir elo schonns können **d’Elaboratioun vun engem Konzept & engem Masterplang fir KONKRET Mesuren um Gemengeplang** auszeschaffen an déi dann och esou séier wéi méiglech émzeseten.
  - Well wéi huet de Pierre Jans an engem RTL Commentaire déser Deeg, den Antoine de Saint-Exupéry aus dem faméise Rapport vum Weltklimarot zitéiert? “**Pour ce qui est de l’avenir, il ne s’agit pas de le prévoir, mais de le rendre possible.**” (– Antoine de Saint Exupéry, Citadelle, 1948)
- Dépenses extraordinaires** (Création d’un nouvel article):
- 4/552/ Mesures contre le changement climatique - Frais d’études et frais de recherche et de développement 100.000 € - Elaboration d’un concept / d’un masterplan de mesures concrètes contre le changement climatique.**
- Zum Klimawandel gehéiert och **d’Erhale vun eise Bëscher**, déi, net zulescht och wéinst der Dréchent am Summer an den erhéichten Temperaturen am Wanter, zu 50% krank sinn. Wa mer Bësch soen, dann denke mär natierlech **och un deen zu Suessem / Käerjeng**. Mär hunn den Terme **Contournement** am Budget just, zesumme mat “CPU, contournement, Facebook, campagne image de marque” bei de “Frais relations publiques” énner dem Artikel “**3/120/ Coordination administrative**” fonnt.
  - Den **Aarbechtsgrupp Contournement** huet festgehalen, dass en **2. Vott en vue vun engem Recours vun der Gemeng**, dann eréischt soll geholl ginn, wann den APD (den Avant Projet définitif) vum Ministère publizéiert

gött. Et wier also némmen normal **dass hei dann och e Budget virgesi wir**, am Fall wou den Aarbechtsgrupp an och den Gemengerot sech fir e Recours géing ausschwätzen. Dofir proposéiere mär am Artikel **3/120/ d’Honoriaires de consultation externe et d’expertise** ém **10.000 €** ze hiewen.

#### **Dépenses ordinaires**

**3/120/ Coordination administrative** - Honoriaires de consultation externe et d’expertise  
**95.000 € + 10.000 € = 105.000 €** - Frais d’experts et frais d’études (avocats, géomètres, ingénieurs, experts en immobilier, huissiers, ...).

Zum Thema **Soziales** kënnt een net derlaantscht fir iwwert de **Wunnengsbau** ze schwätzen.

- Och wann an der éischter Versioun vum Budget 2020, énner **“Logements à prix réduit (social)”, 1 Mio. € fir “Achat de Terrains”, 175.000 € fir “Acquisition de 2 Appartements”** (am PAP Walerwiss zu Eileren) an 1. Mio. € fir “Acquisition de Logements” agesat waren, an déi lescht genannte Mio. **kuerzfristeg op 4,5 Mio. € gehéicht gouf** - wat mär absolut begréissen - hate mär doriwwer eraus proposéiert fir de Rescht vun eisen 2 Mio. €, voire elo nach 1,5 Mio. € u Subsidie, déi mär vun der neier Maison Relais zu Suessem era kréischen: also nach 600.000 € (a keng **1,1 Mio. € méi**), fir de **Kaf vun Terrains’en**, déi nach NET am Perimeter leien, anzesetzen. Des Terrain’en kéint een da spéiderhin tauschen oder direkt fir sozialen-, resp. abordable Wunnengsraum émklasséieren an amenagéieren –
- esou wéi een dëst ganz gutt mat deenen **Terrain’en**, déi **säitlech laanscht de Kulturschapp zu Eilereng** leien, hätt kënne maachen, anstatt dass déi iwver Nuecht e Verméige wäert gi sinn, well se fir de private Marché mat an de Perimeter era geholl goufen.

#### **Dépenses extraordinaires:**

**4/612/ Logements à prix réduit (social) - Terrains 600.000 € (1.100.000 €) - Achat de terrains (hors périmètre) en vue d’aménagement ultérieur.**

- Mär wëssen net genee **fir wat fir eng Logementer déi 4,3 Mio. €**, déi jo awer quasi iwver Nuecht nach agesat goufen, **solle gebraucht ginn**, ausser dass mer e Méinde bei der Präsentatioun vum Budget gewuer goufen, **dass dése Chiffer, mat engem Prêt vun 1,5 Mio. €**, deen an dësem Zesummenhang soll opgeholl ginn, gebraucht ginn, **fir um Wunnengsmaart weider aktiv ze ginn** an deemno zousätzlech zu den Immobilien, déi der Gemeng iwver den Droit de préemption ugebueden ginn, nach méi Gebaier, Haiser an Terrain’en selwer ze kafen.

- Dat misst dann awer scho méi detailléiert an konzeptuell si, wann een esou Acquisitiounen op där enger Säit, mat engem **Prêt vun 1,5 Mio. € an op där anerer Säit, mat enger Subventioun vun 3.225.000 € vum Staat iwver de “Pacte logement” wëll finanzéieren.**
- Hei sollt een sech intensiv Gedanke maachen, wéi een esou Prêt'ën kann notze, fir als Gemeng (resp. an engem Syndikat) als Bauträger selwer aktiv ze ginn a sozial MIET-Wunnengen ze bauen, fir déi een, laut dem alen a, wéi virgesinn, laut dem neie Pacte logement 2.0, **Subventioun fir d'Berodung an d'Planung, 50% fir Terrain'en déi ee keeft a 75% fir d'Baue vum Staat kritt.** Rechent een dann nach dee moderiéerte Loyer'e mat dran, deen ee spéider era kritt, dann amortiséiere sech esou Prêt'e ganz séier. Am Gemenge-PPF (Plan pluriannuel de financement) kann ee **ganz fiabel an interessant Simulatiounen iwwert d'Finanzement vun esou abordable Miet-Wunnengen** maachen.
- Dës Gedanken a Berechnungen hätt een sech kënnen zesummen an enger pluridisziplinär **“Commission de développement et d'aménagement communal”** maachen, déi mär vun Ufank un an dëser Gemeng verlaangt hu. Esou hätt een d'Chifferen an d'Zieler, wat den abordable Wunnraum an eiser Gemeng ubelaangt, méi konkret a realistesch kënnen definéieren. Mä et ass ni ze spéit fir et gutt ze maachen a mär si gäre bereet an esou enger Kommissioun mat ze schaffen.
- Dat wier och d'Plaz fir zesummen iwwer **Taxen, resp. eng gestaffelt Erhéigung vun der Grondsteier op Broochland oder Wunnengen, déi net als Haaptwunnsätz gëllen, mä zu Spekulatiounswecker genotzt ginn**, ze diskutéieren. Dës weider Recette kéinten dann och genotzt gi, fir de Kaf vu Bauland an de Bau vun abordable Wunnengen. Mär hunn am Budget 2020 keng substantiell Erhéigung vun de Recetten hei këinne fannen, esou dass mer dovunner ausginn, dass dat fir de Schäfferot net zur Debatte steet.
- Wa mer vun Taxe schwätzen, da komme mer aus Aktualitéitsgrënn och net derlaanscht fir iwwer **der Chambre des Salariés** fir Etüd iwwer d'Präisser an den Alters- a Fleegeheimer an dem Betreit Wunnen ze schwätzen. Dëse leschte Méinden, huet de Gemengerot nach majoritär (d'ganz Oppositioun huet sech geschlossen enthalen - wat e Novum zanter der neier LSAP / CSV Majoritéit ass) de Präis fir Koppelen, déi vun elo un an **eisen CIPA / REWA erakommen, em 10%, op 2 x 2'427,89 € de Mount, also op 4'855,78 € gehéicht huet.**
- Liest een d'Etüd vun der CSL, da fënnt een eraus, dass den **Duerchschnëttspräis an engem CIPA hei am Land (ouni Zousazleeschungen fir « convenience personnelle », wéi Telefon, Télé, privat Wäsch, zusätzlecht Botzen, Parking,**

Gedréngs, Iessen um Zémmer, Coiffeur, Péducure...), fir **en Eenzelzémmer bei 2.452 € läit.** Hei leie mär am REWA némme 24 € drënnner. Dat kënnen 22 % vun de Rentner a 76 % vun de Rentnerinnen sech net leeschte, well hir Rent énner dësem Duerchschnëttspräis läit.

- An där Etüd kann een sech dann och nach dee **komplizéierte Berechnungsmodus, an awer och de spéidere Remboursement, vum “Complément accueil gérontologique” (GERO) mat deem sougenannten “Täschegegeld”** ukucken. Do gesäßt een, wat ee vum FNS kritt, wann een net alles selwer ka bezuelen, oder besser gesot, wat ee soll kréien - well dat läit ganz oft énner den offizielle Montant'en. Trotzdeem gëtt sech émmer op dése “Complément” beruff, wann et drëms geet fir eng Präiserhéijung ze rechtfäerdegen.
- Dofir ginn elo och **manner héich Pensiounspräisser, resp. Präisser déi un de Revenu ugepasst si**, gefrot. An eisem Walprogramme hate mär och schonn dra stoe, fir ze préiwen inwiefern een esou e gestaffelte Präis kéint aféieren. Och dat ass eng Diskussioun, déi een zesumme sollt féieren.
- Énner Soziales an och aus Aktualitéitsgrënn, wollte mer awer op dëser Plaz och nach eng Kéier op 30 Joer Kannerrechter zu Lëtzebuerg opmiersam maachen an énnersträichen dass **et wichtig ass MAT de Kanner a net eleng FIR d'Kanner ze plangen** an dass déi Moyens'en déi et de Moment an de Schoule scho gëtt net duer ginn. Wa mer responsabel Citoyen'en wëllen hunn, da musse mer d'Kanner mat abezéien a mat bestëmme loassen un deem wat mär plangen. Si hunn e Recht dozou.
- **E gutt praxisorientéiert Beispill, wéi een dat kann émzesetzen, ass de Kannerbureau Wooltz ([www.kabu.lu](http://www.kabu.lu)).** Dëse Projet geet wäit iwwer e Kannergemengerot eraus an hei kéint een sech drun inspiréieren fir « Best practice » Beispiller émzesetzen, a **firwat net och an d'Richtung vun engem Suessemer Kannerbureau goen** - vu dass mer jo och eng kannerfréndlech Gemeng sinn.

Dat gëtt mer eng gutt Iwwerleedung fir zum Schluss nach eng Kéier op d'Thema **Demokratie & Matbestëmmung** anzegoen.

- Am leschte Gemengerot hate mer eng kuerz Reflexioun doríwwer, **wéini a wiem, dass een nei Projet'e soll virstellen...**
- **Wéini?** Natierlech ganz am Ufank, scho bei der Iddi a bei der Planung vun engem Projet an duerno beim APS (also beim Avant Projet Sommaire) an net eréischt zum Schluss beim APD (Avant Projet définitif), wa schonn déi leschte Steckdous decidéiert ass
- **a Wiem stellt een e Projet fir?** Natierlech esou ville Leit wéi méiglech déi dovunner concernéiert an direkt

interesséiert sinn an dozou gehéiert mat Sécherheet och de Gemengerot.

- Bei der Visitt vun der neier Sportshal zu Suessem am November, hu mer matkritt, dass **de Schäfferot eng länger Debatte iwwert den Numm vun där Sportshal** hat, dee mär jo dann héchstwarscheinlech eréischt, mat vollem Suspense (esou wéi beim KUSS), de 14. Januar 2020 bei der offizieller Ouverture wäerte gewuer ginn.
- Och wann dat hei elo keen direkten Nidderschlag am Budget huet, froe mer eis, **firwat zum Däiwel, freet de Schäfferot net einfach méi Leit**, wou da méi Iddi'en a mat Sécherheet och ganz gutt Proposen wäerten derbai eraus kommen - an och wann da vläicht zum Schluss den Numm net alléng vum Schäfferot kënnt.
- Dat do erénnert eis dach awer **un den neie Logo mat der neier Charte graphique** vun der Gemeng, déi och am Alleingang ausgeschafft ginn ass a mat vollem Suspense devoiléiert gouf an déi sech ganz wuel am Budget eréngespigelt huet. **Dobäi gëtt des Charte graphique am Endeffekt quasi iwwerhaapt net gebraucht**, kuckt een (nach èmmer) d'Publikatiounen an d'Invitatiounen déi vun der Gemeng kommen.
- Do dernieft gëtt dann och nach eng **Publicités-Campagne fir eis Gemeng finanzéiert**, wou virun allem de Schäfferot an d'Scène gesat gëtt, an dat mat deem dach zimmlech afallsräichen Numm "**Suessem je t'aime**".
- Dëst ass esou néideg wéi, erlaabt mer deen Ausdruck, wéi e Krabb, a mär froen eis, ob een net besser hätt **dës Suen ze huele, fir eng Sensibilisatiouns-Campagne, géint z.B. dee virdru schonns erwäanten Einweg-Plastik**, ze lancéieren.
- Doriwwer eraus kéint een dann och nach **d'Locatioun vun de Spullween rembourséieren a genuch Iess-Geschier a Material fir an eis Säll kafen**, esou dass een dann och d'Locataire kéint unhale, fir bei hire Manifestatiounen a gemengeneegene Gebaier keen Einweg-Plastik a Einweg-Geschier méi ze gebrauchen.
- Mär hunn an deem Senn **eng Resolutioun verfaasst, déi mer elo hei offiziell deposéiere**, fir am nächste Gemengerot, de 17. Januar 2020 kënnen doriwwer ze diskutéieren an ofzestëmmen.
- **Firwat mengt de Schäfferot eigentlech, dass hien alles eleng misst decidéieren** a geheim hale, bis 5 Deeg virum Vott am Gemengerot, insofern dann iwwerhaapt e Vott virgesinn ass?
- Kéint et vläicht sinn dass de Schäfferot et ustrengend a méi komplizéiert fénnt, wann aner Meenunge mat ugeholl

an/oder berécksichtegt musse ginn? A wann dat de Fall ass, wat seet dat dann iwwer de Schäfferot an och iwwer de Buergermeeschter aus? **Wat genee ass dann d'Verständnis vun Transparenz a Biergerbedelegung** wann emol net de Gemengerot mat Zäiten iwwer sämtlech Decisiounen informéiert, geschweig denn mat abezu gëtt?

- Här Buergermeeschter, där sidd deen dee sech an der Chamber dofir agesat huet, fir dass d'Députéierten a virun allem **d'politesch Fraktiounen méi Moyen'en kréien fir sech am Virfeld an d'Projet'en vun der Regierung anzeschaffen**, an hei, wou dir an der Regierung sëtz, zuweilen d'Regierung sidd, dréck der d'Mataarbecht a d'Matbestëmmung, zemoools wann se net vun äré Leit kënnnt, zimmlech wäit ewech vun iech.
- **Dozou gehéiert och d'Kritik, déi der absolut net zouloosst a mat perséinlechen Attacken erwiedert an d'Leit zur Schneek mat, wann se et woen ären Handlungen ze widderspriechen oder an ären Aen onbequem Froe stellen...** (siehe Punkt "PAP Metzerhéicht" am viregte Gemengerot).

#### "Wir wollen mehr Demokratie wagen!"

Die Regierung kann in der Demokratie nur erfolgreich wirken wenn sie getragen wird vom demokratischen Engagement der Bürger. Wir haben so wenig Bedarf an blinder Zustimmung wie unser Volk Bedarf hat an gespreizter Würde und hoheitsvoller Distanz. Wir suchen keine Bewunderer **wir brauchen Menschen die kritisch mitdenken, mit entscheiden und mit verantworten**. Das Selbstbewusstsein dieser Regierung wird sich als Toleranz zu erkennen geben. Sie wird daher auch **jede Solidarität zu schätzen wissen die sich in Kritik äussert. Wir sind keine Erwählte wir sind Gewählte**. Deshalb suchen wir das Gespräch mit allen die sich um diese Demokratie mühen."

huet de **Willy Brandt als éischten SPD Bundeskanzler a sénger Regierungserklärung, den 28. Oktober 1969**, also quasi genee viru 50 Joer schonn, am däitsche Parlament gesot...

- **Mär géifen eis wënsche wann där och e bësse méi Demokratie, Matbestëmmung a Matverantwortung géift woen** - hei am Gemengerot an, erlaabt mer, als ale Weggefährte a fréiere Komerod, iech dat mat op de Weeze ginn, och, a grad, an ärer wichteger an net einfacher Funktioun als neie Fraktionschef vun ärer Partei an der Chamber.
- Hei an der Gemeng geet et dofir och net eleng duer, dass de Schäfferot sech periodesch, ènner dem Moto "**„Ennerwee bei iech“**", mat de Bierger an eise véier Uertschaften trefft. An och wann dat e gudden Usaz ass, esou huet sech awer erausgestallt, dass de Gros vun dësen Treffen sech dorobber beschränkt huet, dass d'Leit gewise kruten, wat de Schäfferot alles gelescht huet a nach wëll leeschten a bei vermeintlecher Kritik seng Positioun mat Vehemenz verdeedegt huet.

- Hei misst een sech iwwerleeën, ob ee verschidden **Treffen net a méi enger lockerer, geselleger Form** an anerer zu méi spezifische Problemer a Projet'en soll organiséieren.
- Fir eis selwer waren dës Treffen nawell awer interessant, **well do si mär Saache gewuer ginn, déi mär nach net wossten an déi dár schonns decidéiert hat**, ouni eis z'informéieren, geschweig denn mat anzebauen, wéi deen uewe genannte Réckzuch vum Architekte-Concours fir déi nei Maison-Relais mat Musekssall zu Zolwer.
- De **26. Januar 2018**, hu mer hei am Gemengerot an enger **“Charte communale d’information et de participation citoyenne”** nach e puer gutt Iddien a Méiglechkeeten fir eng besser Biergerbedeelegung eragereecht, déi mer zesumme sollten unhuelen. **Deemools wollt de Schäfferot déi Charte fir eng nächst Gemengerotssëtzung iwwerschaffen** an dann zur Ofstëmmung erëm virbréngen...
- Mär waarden haut, no zwee Joer, nach èmmer dorop a mär denken, dass **de 50. Joresdag vum Willy Brandt senger Auso: “Wir wollen mehr Demokratie”**, de richtegen Zäitpunkt wier, fir erëm un des Charta ze erënneren an **depositieren se dann och elo hei nach Kéier offiziell**, fir am nächste Gemengerot, de **17. Januar 2020** kënnen doriwver ze diskutéieren an ofzestëmmen.

Dat do war vlächt e bësse vill beieneen u Matbestëmmung a Virschléi a mär missten elo eigentlech och **gespaant sinn op d’Antwerte vum Schäfferot an op déi Ännertungsvirschléi vun eis, déi elo awer vlächt nach mat iwverholl ginn**, mä well mer eis dës Kéier och net vill méi erwaarde wéi d’lescht Joer (wou ech leedeglech mat enger hannerhälteger Komik-Figure aus dem Asterix verglach gouf), kann ech iech elo schonns soen, dass mär dee Budget hei net wäerte mat stëmmen.

Merci fir d’Nolaschteren.

Fir déi Lénk,  
Jos Piscitelli



## “ CSV SUESSEM STELLUNG NAM ZUM BUDGET 2020

Vir d'éischt wölle mir als CSV-Fraktioun e grousse Merci ausspriechen un all déi Leit vum Gemenepersonal, déi bei der Opstellung vun dësem Budget matgewierkt hunn.

A besonnesch de Leit aus dem Finanzbüro dee sech d’Zäit geholl huet fir detailléiert Erklärungen ze gi. Merci fir hir Amabilitéit an hir Héllefsbereetschaft.

Positiv fanne mir dat des Kéier de Budget, wann och natierlech némmen de provisoireschen, schonn e puer Woche virdrun an d’Finanzkommissioun komm ass. Och, vun der Oppositioun gëtt dat bestëmmt luewenswäert erwänt, well si och esou d’Méiglechkeet hunn am Virfeld Klarifikatiounen ze froen. Wat weist dat wann een aus der Oppositioun an d’Majoritéit kennt een net onbedéngt déi Verbesserungswënsch, déi d’Matschaffen vun der Oppositioun erliichteren, vergësst.

Ech wéll, fir unzefanken, kuerz op de Budget Rectifié 2019 agoen.

Am Ordinaire sinn d’Recetten em 18,5 Milliounen méi héich ewéi d’Depensen, an am extraordinaire d’Depense em gutt 35 Milliounen € méi héich wéi d’Recetten. D’Erklärung hunn eis d’Madame Morgenthaler an den Här Engel ginn well do d’Depensen vum Schoulcampus Belval an der EDIFF zesummen knapp 25 Milliounen € ausmaachen. An dat si jo Suen déi mir zum Deel nees erëmkréien.

De Budget rectifié 2019 ass eis jo e Méindeg presentéiert ginn an u sech ass näischt bázefügen.

Komme mir elo zum Budget 2020.

Dee gesäßt e Boni vun ronn enger hallwer Milliouun vir.

Den Ordinaires ass vun der Finanzschäffin presentéiert ginn. Hei ass bekanntlech de Spillraum kleng, well de gréissten Deel vun den Depensen net kompressibel ass. Sou maachen d’Gesamtkäschten fir d’Personal méi ewéi 50% vun den ordinäre Recetten aus (46,4 Milliounen vun 91,7 Milliounen). De Posten wäert och an Zukunft nach weider klammen well, zum Beispill, kommen um Kannercampus Belval, deen am September 2020 seng Dieren opmécht, 60 nei Posten dobäi.

” Ech wäert just e puer Punkten aus dem Budget ervirsträichen. Et gëtt u sech keen „onwichtegt“ Kapitel am Budget. Aus Zäitgrënn a fir vill Widderhuelungen ze evitéieren just e puer Punkten erausgegraff:

Bei de Maison Relaisen a bei der Foyeren leeën mir grousse Wäert op d’Qualitéit vum Iessen. Zenter e puer Méint gëtt no den Normen vun dem Projet vun der SICONA « Natur genéissen - mir iesse regional, bio a fair» vun eise Servicer geschafft. Dofir sinn 840 000 € virgesinn. Fir eis den absolut richtege Wee an entsprécht och dem Geeschtf vun der Resolutioun iwwert d’Klimakris déi mir leschte Méindeg gestemmt hunn.

An der Mobilitéit, stécht d’Subventioun fir d’Exploitation vum TICE mat ronn 1,7 Milliounen ervir, grad ewéi 240 000€

weider Investissementer beim TICE. Weider Bushäisecher gi fir 55 000€ gebaut.

De VelOK wäert 110 000€ kaschten an d'Reamenagéieren vun de bestoende Vëlosweeër: 125 000€.

D'Gestion des déchets kascht 3,1 Milliouen.

Gestioun vum Ofwaasser: Wa bei der Gestioun vum Ofwaasser am Ordinaire 2,3 Milliouen Recette géintiwwer knapp 2 Milliouen Ausgaben sti, sou sinn am Extraordinaire ronn 7,1 Milliouen virgesinn. Och 2019 war sou eng Zomme virgesinn et konnten awer eng Rei vun Aarbechten net gemaach ginn, an am Rectifié steet nëmmen d'Zomme vun 3,1 Milliouen. Vill vun deenen programméierten Aarbechten konnten net gemaach well déi néideg Autorisatiounen net do waren – wou d'Gemeng net d'Schold dofir huet! Als Beispill war an der rue de Differdange zu Zolwer schonn iwwert d'Ofwaasserkanalisation déi erneiert soll ginn schonn 2007 geschwat ginn...

4,1 Milliouen vun deene 7,1 si fir technesch Installatiounen virgesinn. Sou wäerten e.a. Kanalisationsaarbechten stattfannen an der Déifferdengerstrooss zu Zolwer fir eng  $\frac{1}{2}$  Milliouen, an der Escherstrooss zu Bieles fir 100 000€, an der rue Grande-Duchesse Charlotte zu Bieles fir 800 000€, an der rue Aessen an der rue de Sanem zu Zolwer fir 500 000€, vun der rue de la Croix Richtung Brillbach fir 1,8 Milliouen, an an der rue Einstein zu Bieles fir 150 000€. Och fir d'Hellgebaach an d'Rouerbach zu Suessem si nach 100 000€ ageschriwwen vir d'Iwwerschwemmungsgefördere an de Gréff ze kréien. Bal 3 Milliouen si virgesinn fir de SIACH, Kläranlag zu Péiteng.

Waasser: de Budget weist do eng Depense vun 4,3 Milliouen, identesch mat der Previsioun fir 2019, den Budget rectifié 2019 weist awer nëmmen Depense vun 2,8Mio un. Eng Rei Aarbechten konnten aus diverse Grënn nach net gemaach gi, vill vun deene Projetsën ware schonns virun e puer Joer vum Gemengerot gestemmt gi. Déi selwecht Remark ewéi bei den Ofwässer ass hei ubruecht. Waasserleitungen wäerten ënner aneren an der rue Grande-Duchesse Charlotte zu Bieles, a e puer Stroosseen an der Cité 2000 zu Zolwer an an der rue Einstein zu Bieles nei gemaach ginn.

**Wann mir dëst opzielen, ass fir ze weisen dat hei **Waasser an Ofwaasser zesummen ronn 12 Milliouen am Extraordinaire ausmaachen an dëst laangfristeg a wichteg Projetsën an Investissementer fir d'Zukunft sinn.****

Vir den Naturschutz gi mir knapp 650 000€ aus. Dat sinn e.a. d'Aarbechten déi vum SICONA gemaach ginn (110 000€), 40 000€ fir Terrain, d'Subsiden fir elektresch Geräter AAA respektiv Vëloen (40 000€), Projeten am Kader vum Klimapakt (110 000€) respektiv am Kader vum Klimabündnis (13 000€),

en Energiekonzept vir eis Gemeng (42 000€) an Acquisitiounen am Kader vum Klimapakt (160 000€).

Bei de Spillplazzen, respektiv éffentleche Platzen wëlle mir d' « aire de jeu accessible pour tous » déi am Park Belval gebaut gëtt ervirhiewen - 210 000€. Weider ass e Reamenagement ronderëm dem Centre Culturel Metzerlach fir 300 000€ virgesinn.

Verkéier: d'lescht Joer ware schonn 50 000€ virgesinn fir elektronesch Panneauen, déi di reell Zäite vun de Bussen ugginn. Dat verschiift sech elo em 1 Joer a mir hoffen déi éischt Panneau am Laf vun 2020 ze gesinn. Mise en conformité vun de Zebrasträifen gëtt weidergefuer: 100 000€. Den Entretien vun e.a. de Verkéiersluuchten an dem Marquage sti mat 160 000€ am Budget.

Am Artikel Tourismus appreaciéiere mir besonnesch de sentier historique des mineurs (50 000€) an de Baumwipfelpfad (100 000€). E Gîte gëtt nieft der Gare Belval-Réiden (300 000€) amenagéiert.

Sport gëtt jo och grouss geschriwwen an eiser Gemeng. Wa mir d'Depense Ordinaire an d'Depense Extraordinaire zesumme rechnen komme mir op déi stolz Zuel vun 2,5 Milliouen.

Och bei de Centre culturelles stinn 1,2 Milliouen am Budget.

Beim CIPA si 10,8 Milliouen Recetten géint iwwer 11,5 Milliouen Depensen virgesinn.

Vill Suen ginn an eis Schoulen an an d'Maison Relaisen investéiert. An de Maison Relaisen si 70% vun de Kanner ageschriwwen. Nieft dem Schoulcampus Belval, ginn och déi aner Strukturen net vergiess. Mir gräife just e puer Punkten eraus. De Schoulhaff bei der Schoul Roudeweé gëtt reamenagéiert grad ewéi d'Fassade déi do erneiert gëtt. D'Sanitaireinstallatiounen am Pavillon Scheierhaff gi nei gemaach. D'didaktescht Material ass èmmer um neiste Stand. Reng am Ordinairen belafe sech d'Ausgaben op 5,3 Milliouen.

Iwwert de Droit de préemption deen d'Gemeng huet fir Immobilien ze kafen, sinn och Sue virgesi fir weider Terrainen ze kafen. Sou steet als Total fir d' « acquisitions d'immeubles » 6 375 000€ a vir « acquisition de terrains » 2 820 000€ am Budget. Et ass e.a. virgesi fir Logementer vir 4,3 Milliouen ze kafen. 2 Appartementer am Lotissement Walerwiss an 3 am Lotissement Metzerhéicht wäerten an de Besëtz vun der Gemeng kommen. **Mir begréissen d'Hausse an dësem sozial wichtegen Ressort.**

Schued fanne mir just dat bei ville Projeten et laang, oft ze laang dauert bis se realiséiert si. Besonnesch bei de Kanalisationsaarbechten, dem Stroossebau an de Lotissementer, wou net seelen 1 Joerzéngt vergeet bis et gebaut ass. Et ass och

keen Trouscht ze wëssen dat et an de meeschte Fäll net d'Schold vun eiser Gemeng ass.

Global fanne mir dat d'Liewensqualitéit duerch déi vill Realisatiounen sech verbessert huet a sech och weider mat deem wat hei am Budget steet verbessere wäert. **An den nächsten Budgeten wäerte sécher nach méi Efforten gemaach gi, a musse gemaach gi, fir op d'Repercussionen vum Klimawandel ze reagéieren.**

Als CSV-Fraktiou, wéi dir aus dëser Analyse erausgehéiert hutt, si mir mat dësem Budget zefritten a kënnen eis domat identifizéiere. An dofir wäerte mir en och matstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren  
Gaston Anen  
CSV-Gemengerotsmember



## DÉI GRÉNG SUESSEM STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2020

**“** Kolleginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, Employéeën aus dem Service des Finances, där Dammen an Häre vun der Press.

Erlaabt mer fir d'éisch och e grousse Merci un d'Mataarbechter vun der Gemeng Suessem fir hir Hëllef beim Opstelle vum Budget vun 2020 auszespriechen.

Mär begréissen et, datt de Schäfferot eis dëst Joer d'Geleeënheet ginn huet, fir am Virfeld schonn, am Kader vun der Finanzkommissioun, eis Ännernungsantrag eranzereechen, wat mer dann och genotzt hunn, fir Proposen ze maachen.

Mär sinn net der Meenung, datt ee just anstänneg Oppositionum mécht, wann ee géint de Budget vun der Majoritéit stëmmt, mee datt et villméi d'Aufgab vun enger Oppositionspartei ass, fir konstruktiv matzeschaffen am Interessi vun alle Matbierger\*innen.

Mir « déi gréng » hunn eis och mat dësem Budget als Fraktioum sérieux an objektiv ausenanergesat. Vu datt mir fir eng zukunftsweisend a verantwortlech Gemengepolitik stinn, hu mir de Budget gewëssenhaft duerchdiskutéiert an analyséiert.

An dem Budget, deen d'Majoritéit eis hei virleet, si ganz vill Punkten déi mir énnerstëtzen. Dat sinn zum Deel émmer nach Projeten, déi mir als Gréng matinitiéiert hunn, mee mir énnerstëtzen awer och Projeten déi net op eiser Mësch gewuess sinn, wa mer der Meenung sinn, datt se gutt a richtege sinn.

Mär hu wéi d'lescht Joer schonn, virun allem am Beräich vum soziale Wunnengsbau gefuerdert, datt eis Gemeng do méi grouss Efforte mécht.

Et ass gewosst, datt d'Wunnengssituatioun zu Lëtzebuerg fir vill Leit dramatesch ass. Dëst ass zum Deel d'Resultat vun der geographescher Lag an der Gréisst vun eisem Land, wéi och der gudden ekonomescher Situatioun hei am Land. D'Regierung huet d'Wunnéngsnout bekanntlecherweis als eng grouss Prioritéit deklaréiert a mär sinn als Gréng der Meenung, datt mer och als **“** Gemeng eng grouss Verantwortung hunn an eis sollte fir déi nächst Joer e Plang mat konkreten Ziler ginn, fir iwwer länger Zäit do aktiv ze ginn.

Mir mengen, datt een an den nächste Joren nach méi an de Kaf vu Wunnengen soll investéieren, fir dës dann als sozialen oder bezuelbare Wunnraum ze verlounen a firwat net esouquer selwer oder mat Partner wéi der SNHBM oder dem Logementsfong neie Wunnraum ze schafen. De neie Pacte Logement 2.0 vun der Regierung wäert eis bei dëse Projeten an Zukunft och énnerstëtzen.

Mär begréissen et dofir op jiddwer Fall, datt de Schäfferot eiser Propose entgéint komm ass, andeems datt en d'Kreditter an de Beräicher sozialen an abordable Wunnraum par Rapport zur éischter Versioun vum Budget an d'Luucht gesat huet.

Och wann déi Erhéijung manner substantiell ausgefall ass, wéi mär dat wënschen, sou erkenne mer awer de Welle vum Schäfferot un, an dësem wichtige Beräich mat an déi Richtung ze goen.

Allerdéngs sinn Zuelen am Budget natierlech nach keng boer Mënz, dofir erwaarde mer och vum Schäfferot, datt déi Zommen déi am Budget virgesi sinn, och tatsächlich verschafft ginn, an dat mat enger richteger proaktiver Politik am soziale Wunnengsbau. Mär wäerten also am Laf vum Joer, mee virun allem och beim nächst Budget rectifié genee kucken, wat dann elo an der Realitéit émgesat ginn ass.

Mir vermëssen awer och eng Rei Saachen, déi mer als Gréng onbedéngt gären mat méi Nodrock an dësem Budget erëm géife fannen.

Am Laf vum aktuelle Budgetsjoer huet de Schäfferot säi Mobilitéitsplang 2030 virgestallt. Dësen ass an der Consultatioun mat den Oppositionsparteien an all den interesséierte Bierger a Biergerinnen opgestallt ginn. Et ass eng gutt Bestandsopnam

an e gëtt sécher och déi richteg Richtung fir d'Zukunft vun eiser Mobilitéit vir. Mär vermëssen an dësem Plang awer méi konkret Mesuren, wat sech och an der Proposition vum Budget 2020 erëmsspigel.

Änleches gëllt natierlech och am Ëmweltberäich. Déi gréng begrissen et äusseruerdentlech, datt de Suessemmer Gemengerot virun e puer Deeg eng Klimakris ausgeruff huet, d'Europaparlament schwätzt esouguer vu Klimanoutstand, mee et geet net duer fir eng Kris ze erkennen an unzéerkennen. Fir och op Gemengenniveau eppes dogéint ze énnerhuelen, dierf net némmen de gedde Wëllen op engem Blat Pabeier stoen. Et muss een och hei esou schnell wéi méiglech e Plang, e „Gemengeklimaplang“ ausschaffen, mat konkrete Mesuren, déi zu engem moosbare Resultat féieren an dofir muss een Suen an de Grapp huelen an zwar, eiser Meenung no, méi ewéi der am Budget 2020 virgesi sinn.

Mär sinn iwwersacht, datt de Budget 2020 keng finanziell Mëttele virgesäßt fir Projeten betreffend eng zukünfteg Notzung vun der Kierch am Metzerlach. Iddien dofir géifen et der dofir jo genuch, zum Beispill als kulturellen oder sozialen Espace, fir laïzistesch Zeremonien oder awer och ökumenesch an aner Gottesdéngschter. Op alle Fall hu mir kee Budgetsartikel wat dat ubelangt, font.

De Budget fir d'Gefirer ass em eng ronn 93% an d'Luucht gesaat ginn, wat quasi eng Verduebelung ausmëcht. Bei esou engem Investissement hoffe mär als Gréng natierlech, datt och hei weiderhinn d'Nohaltekkeet a d'Klima am Virdergronn stinn, wann de Notzungszweck dat erlaabt.

Gutt Betreiungs-, Schoul-, Sport- a Kultursinfrastrukture waren a sinn fir eis Gemeng ganz wichtig. D'Investissementer déi iwwert déi lescht Joren an all eisen Uertschafte gemaach goufe, weisen dat. Den Encadrement fir Jugendlecher, déi sech an hirer Fräizäit net fest an engem Veräin engagéiere wëllen, kéint awer nach verbessert ginn. En Treffpunkt zu Bieles, eng Antenn vun eisem Jugendhaus wier do villächst net vu Muttwëll.

Mär sinn och frou, datt d'Budgetsartikelen, déi Eis Epicerie betreffen elo mat der Konventioun, déi mam Schäfferot gemaach ass, konform gesat si ginn, sou wéi mer dat scho laang fuerderen, notamment, datt déi 15.000 € Remboursement am Budget stinn, quitt datt de Gemengerot, je no Situationsdecidéiere kann, op déi Suen ze verzichten.

Et ass effektiv esou, datt déi aktuell Finanzsituatioun keen Ulass zu grousser Suerg gëtt, an dat natierlech haapsächlech, esou wéi de Buergermeeschter dat a senger vläicht leschter Budgetsvirstellung e Méinde scho gesot huet, well mer hei am Land eng dynamesch wirtschaftlech Entwécklung hunn, vun där natierlech och d'Gemenge profitéieren.

Natierlech ass et esou, datt mer wéi an der Vergangenheit müssen d'finanziell Situationsam A behalen a vigilant musse sinn, wann nees méi schwierig Zäiten op eis duerkomme sollten.

Mär kënne mat dem proposéierte Budget liewen. An och wann eis déi eng oder aner Akzentsetzung net grad esou an de Krom passt, resp. eenzel Sachen eiser Meenung no feelen, wëlle mer dése Budget net einfach ofleenen.

Mär erkennen un, datt de Schäfferot eis a munche Punkten entgéint komm ass, dofir wäerte mir eis och dëst Joer beim Vott fir de Budget 2020 enthalen.

Dovun onofhängeg wäerte mir och aus der Oppositioun eraus all wichteg a richteg Projeten vun déser Majoritéit konstruktiv énnerstëtzten an awer och net zécken eis bemierkbar ze maachen, wa Weeér ageschloe ginn, déi mer fir falsch halen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Suessem, den 13. Dezember 2019

Alain Cornély

”



## DP SUESSEM STELLUNG NAM ZUM BUDGET 2020

“

Här Buergermeeschter, dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot.

Fir d'éischt wëll ech dem Personal aus der Gemeng Merci soen fir déi vill Zäit an Aarbecht déi si während deene leschten 12 Méint gelesen huet. E besonnesche Luef geet un de "Service des Finances", deen all eenzelne Posten énner d'Lupp geholl huet. Et ass némmen de Kollektiv vu jidder Eenzelnen, deen et eis erlaabt, unhand vun enger detailliéierter Budgetsvirlag, Virschléi respektiv Objektiounen kennen ze maachen.

Wéi och schonns an deene vergaangene Joren, énnerstëtzten ech als Member vun der DP grouss Projeten wéi de Kannercampus, de Centre Ediff, d'Sportshal an d'Maison-Relais souwéi d'Instandsetzung vun de Schoulgebaier, déi zur Entwécklung an dem Wuel vun eise Kanner an hiren Eltere bädroen.

De permanenten Ausbau vun de Stroossennetzer, Waasser- an Kanalisationsschlëss esou wéi d'Iwwerwaachung an d'Instandhaltung vu sämtleche Réseauen, ass vun eminenter

Wichtegkeet a schléit och dëst Joer nees kräfteg am Budget zu Buch.

Dat gëllt och fir dee weideren Ukar vun Haiser, Gebaier an Terrainen. Esou soll e Prêt vun 1,5 Mio Euro et erlaben, weider Immobilien unzeschafen fir esou de soziale Wunnengsbau an der Gemeng nach méi ze férderen. De Service Logement soll sech an Zukunft ém déi Transaktiouonen, an all dat wat derzou gehéiert, këmmeren. Dass d'Grondiddie no läit, ass sécher verständlech.

Am Numm vun der DP wëll ech awer drop opmierksam maachen, dass de Risiko besteht vum eegene Succès iwweranrant ze ginn. Wann dee massiven Aarbechtsopwand iwwerhand hëlt, muss natierlech weider Personal agestallt ginn. Dëst dierft de Kader awer net sprengen, et soll net d'Ziel vun der Gemeng sinn, eng eegen Immobilière ze schafen.

An ärer Budgetspresentatioun hutt Där Här Buergermeeschter de Verglach gemaach wéi eis Gemeng an deene leschten 15 Joer gewuess ass. Esou goung d'Zuel vun de Mataarbechter vun 274 op haut 623 Leit erop. Sécher, alles huet seng Vir- respektiv Nodeeler, mee wann ee fortschrëttlech wëll sinn, da spréngt een natierlech mat op den Zuch, wat a mengen Aen och richteg ass.

Eist Gemengegebai huet schonns ganz vill Joren um Bockel, ofgesinn vun esou much grousse Schéinheetskorrekturen oder wéi dem jétzegen Kellerausbau, deen einstweilen mat 1,8 Mio am Budget steet. A Realitéit gëtt d'Gebai net wierklech méi grouss a schonns guer net méi jonk. Ass et dofir net méi sénnvoll, ee ganz neit Gebai ze plangen an ze bauen, sief et um eegenen Terrain hei niewendrun oder op soss enger flotter a gutt zougänglecher Platz wéi z.B. am neie Quartier um Belval wou den Tram dann och nach geplant ass.

Ech begréissen och weiderhin d'Investissementer fir déi edukativ Zwecker. D'Nofro an de Maison-Relaisen gëtt émmer méi grouss. Esou ass et net vu Muttwëll, dass bei der Schoul 2000 zu Zolwer souwéi zu Éilereng a Suessem 1,5 Mio Euro fir d'Infrastrukturen am Budget 2020 virgesinn ginn. Jee éischter een déi Projet'en plangt an ugeet, émsou manner gëtt een iwwerrompelt wann et kuerzfristeg zu Enkpäss kënnt an et un deenen néidegen Gebailechkeiten feelt, wéi dat rezent de Fall zu Suessem war.

Erfreelech ass, dass sech am Duerfkär zu Éilereng esou lues eppes deet. Gespaant däerf ee sinn wann et ugeot mam Bau vun enger Rei Haiser, Appartementer, an eventuell engem klänge Commerce, déi zum Deel an der Walerwiss entstinn. Esou wäert an Zukunft, d'Duerf nach mat méi Liewe geféllt ginn. Wann dann och nach d'Paschtoueschhaus a Stand gesat, an de Verkéier mat Hëllef vun enger zoer Zone am Beräich vun der Schoul berouegt gëtt, da steet engem idylleschen Dierfchen näischt méi an de Féiss. All dat entsprécht genee deem, wat mär als DP schonns an eisem Walprogramm vun 2017 virgeschloen hinn.

Nodeems am Suessem Schlass, de Projet vun enger eventueller Hotelschoul nees ofgeflaacht ass, wär et interessant ze wëssen op nei Proposéen virleien?

D'lescht Joer hat ech de Virschlag gemaach, fir eng Buvette um Bielesser Gaalgebierg, déi ab Fréijoer bis an den Hierscht a Betrib wär, bei der Spillplaz op ze riichten, esou wéi se mol um Escher Gaalgebierg net wäit vun der Bëschschoul existéiert huert. D'Käschte géifen sech bestémmst mam Ertrag decken, wann ee weess wéi vill Läit sech an deene Méint um Bierg ophalen. Här Buergermeeschter, virun engem Joer hutt Där geäntwert och esou eng Idee gehat ze hunn respektiv z'ënnerstëtzen. Leider ass dës awer net am Budget 2020 zréck behal ginn. Kann et vlächt sinn, dass se iwwersi gouf?

Fir déi historesch Pied vun de Mineuren um Gaalgebierg sinn dëst Joer 150.000 Euro am Budget virgesinn, wat begréissenswäert ass. An deem selwechte Kontext hat ech d'lescht Joer gefrot wéi et ém d'Astandsetzung vun de Fitness Weeër a -Geräter steet, vu dass vill Nohuelbedarf néideg ass. Allerdéngs ass nach net vill geschitt. Schued, et wär awer sénnvoll, zemoools wou d'Kulturjoer 2022 virun der Dir steet.

Am Budget 2020 sinn e.a. och 150.000 Euro fir den Aménagement vum Wee duerch den Zare-Est bis an d'Monnerecher Strooss op Éilereng virgesinn. Zudeem gëtt och nach déi 2. Tranche vun 125.000 fir d'Erneierung vun de Vélospisten an Ugréff geholl wat sécher net vu Muttwëll ass. Am Kader vum neie Vélo'sgesetz wat dës Woch an der Chamber virgestallt gouf, wollt ech froen ob et méiglech wier, dass eis ee Relevé zougestallt gëtt, wou a wéi vill KM Vélospisten et aktuell an der Gemeng ginn?

Wéi schonns virun 3 Joer bemierkt, hunn ech nach émmer meng Bedenken um Erfolleg vum Knobel Musée MATIKO, "A Gadder" zu Bieles, wou d'Gemengenarchiven dann am Keller énnnerbruecht sollte ginn. Goufe fir 2018 eng 450.000 Euro fräi gemat fir de Chantier an Ugréff ze huelen, esou huet dësen net all ze laang dono misste gestoppt ginn, nodeems de Buedem bei den Aarbechten gerétscht war. E grousse Schued ass doduerch entstanen. Vu dass Expertisen gemaach goufen, ass jo unzehuelen, dass déi schëlle Firma de Schued iwwerhëlt. Wann dann Ufank 2020 de Chantier nees fräi geschalt sollt ginn an grad wou elo och eng nächst Tranche vun 1,4 Mio Euro am Budget virgesinn ass, stellt sech d'Fro, op déi selwecht Firma dann d'Vertraue kritt fir mat den Aarbechte weider ze fueren oder gëtt/däerf een op eng aner Firma zréck gräifen? Wéinst deem groussen Zäitverloscht kann een unhuelen, dass dee gesamte Käschtepunkt vum Projet vill méi deier gëtt wéi initial virgesinn. Gouf dat och beim Schuedenersatz mat a Betruëcht gezunn?

An der Cité Grand-Duc Jean goufen d'lescht Joer den Accès an d'Garagen vun den Awunner erneiert, wat och begréissenswäert ass. Leider goufen d'Trottoiren, déi an engem ganz schlechten

Zoustand sinn, net an Ugrëff geholl. Dëst Joer sinn insgesamt 3,5 Mio fir Stroosseninfrastrukturen virgesinn, an deem Pool ass och d'Cité Grand-Duc Jean. Et bleibt ze hoffen, dass Trottoiren dës Kéier erneiert ginn.

Am Kader vun der Verschéinerung vun den öffentleche Plazan an eiser Gemeng, sinn e.a. 300.000 Euro am Budget virgesinn fir d'Emgégend vum Kulturzentrum am Metzerlach z'aménagéieren. An deem Kontext wollt ech froen ob et net méiglech ass aartgerecht Beem a Planzen déi eisem Klima stand halen unzeplanzen, genee esou wéi een dat z.B. och entlaang eise Stroossen a Rond-point'en kéint virgesinn? Domat kéint ee vill Ierger a Geld spueren.

Obwuel bekannt ass, dass d'Metzerlacher Kierch op hiert Enn zougeet, ass an där leschter Zäit säitens de Bierger aus dem Roudewe grouss Opreegung entstanen wéi et geheescht huet d'Kanner kéinten hir éischt Kommunioun net méi an der Metzerlacher Kierch maachen, well dës nach Enn 2019 entweih géif ginn. An deem Zesummenhang wollt ech wëssen op dem Schäfferot schonns een definitiven Datum vun der Entweihung matgedeelt gouf oder op nach bis no de Kanner hirer Kommunioun gewaart gëtt?

Ass eis Gemeng am Besëtz vu Studentewunnungen, a wa jo, wéi vill sinn dat der? Wéi ass et mat der Nofro, gëtt et een Interessi säitens de Studenten?

Am Budget sti ca. 90.000 Euro fir Waasserspender. Wisou musse mär déi Spender hunn? Wou stellt sech de Problem? Dem Waasserwirtschaftsamt no ass eist Drénkwaasser vu gudden Qualitéit a ka rouege Gewëssens consomméiert ginn. Vill Läit wäre frou, wann se eist Krunnewaasser dierften drénken. Ech kann nach verstoen, wann een eng rar Krankheet huet, mee ganz oft hunn déi betraffe Leit hir Précautione getraff.

U wat kann et leien? Sinn d'Anlagen oder d'Leitungen esou al, dass se nach aus GALVAN sinn a sech mat der Zäit opléisen, bedéngt duerch déi thermesch Schocken, déi beim Hëtzen entstinn wann een op Nummer sécher geet, fir dass all d'Legionellen suppriméiert goufen? Dann déngen och d'Waasserspender näisch, wéll d'Waasserzufuer mat hirer Qualitéit bleibt émmer déi selwecht. An deem Fall, mussen d'Leitungen all erneiert ginn. Wann dat nët de Fall sollt sinn, géif ech gären dee wierkleche Grond wëssen? Et kann net sinn, dass ouni Grond muttwölleg Suen zur Fénster eraus gepucht ginn.

Déi nei Gemengereform huet sech schonns d'lescht Joer bei den Dotatiounen vum Staat mat 47.151.096,65 Euro positiv am Budget bemierkbar gemaach. Wann dann de grousse Plus vun 15,57% respektiv den Total vun 54.492.404,11 Euro bei den Dotatiounen fir 2020 gutt geschriwwen gëtt, dierft dat Jidderee

vun eis erfreeën. Am Allgemengen ass gutt geschafft ginn an dofir hunn ech am Numm vun der DP och déi meeschte Projeten matgedroen.

Wat d'Presentatioun vum Budget ubelaangt, sou ass a bleift et nach émmer schwiereg a kuerzer Zäitspan alles novezollzéien wéi vill vereenzelt Positiounen op deenen 282 Säiten vum Budget zesumme gehéieren. Wéi och schonns déi Jore virdrun erwänt, stellt sech d'Fro, op een de Budget mat deene verschiddenen Artikelen net besser strukturéiere kéint? Et ass quasi onméiglech d'Zesummenhang eraus ze filteren, wëssend dass mär als Conseillèren dësen Exercice nëmmen eemol am Joer virhuelen.

Deen héijen Investissement vu 57,5 Mio Euro fir 2020 dréit natierlech zur permanenter Entwicklung vun eiser Gemeng bei. Och wann d'Konjunktur hei am Land nach émmer gutt dréint, muss een trotzdeem virsiichteg sinn a bleiwen, am Fall wou d'Recetten net méi esou positiv zu Buch schloen.

Well eng ganz Rei vun de Projeten eise Virstellungen entspriechen, anerer awer nëmme bedéngt, hunn ech am Numm vun der DP Suessem entscheet, mech dëst Joer beim Vott vum Budget 2020 ze enthalten.

Villmoors Merci fir d'Nolauschteren.

Patricia SPECK-BRAUN  
DP - Gemengeconseillère

“



## LSAP SUESSEM STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2020

“

Léif Conseillèren,  
Léif Conseillers,

Am Numm vun der sozialistescher Fraktiou wölle mer emol fir d'éischt dem Buergemeeschter a senge Schäffen e grousse Merci soen awer och ee grousse Merci, geet vun eiser Säit aus un all déi Leit vum Gemengepersonal déi beim Budget matgeholfen hunn.

Deen Merci bezitt sech op all Projeten déi an de leschten Joeren an engem sozial gerechte Gedanken ausgeschafft an émgesat gi sinn. Natierlech och zousätzlech fir déi kommend Projeten déi an dësem Budget, sollten da gestëmmt ginn an och émgesat wäerte ginn.

Dësen Budget 2020 dréit natierlech d' 'Handschrëft vun der Lsap , et ass e Budget, vun der Kontinuitéit vun der Politik aus den leschte Joeren. De Budget baséiert sech op eng virsiichteg Politik, dass Finanzen nüt aus dem Rudder lafen, an och nüt fäert, déi néideg Projeten unzegoen di wichteg sinn, fir dass eis Gemeng sech weider entwéckelt an och weiderhin attraktiv bleibt am Senn vun eise Bierger. Et kann een behapten dass d'Gemeng gudd évoluéiert, Sie huet sech zu engem modernen Dingschtleeschungsbetrieb an deenen leschten Joeren entwickelt. De Moment schaffen 623 Leit op eiser Gemeng an fir 2020 kommen nach eng ganz Rutsch dobäi. + ou - 95 mam neien Kannerkampus an mam Belval deen sech weider entwickelt.

Deen neie Schäfferot bréngt et färdeg di Suen déi eiser Gemeng zur Verfügung stinn, mat Moderatioun, Virsiicht a Verantwortung esou anzesetzen, dass mer eise Verpflichtungen an allen Beräicher können no ginn.

Hei e puer Beispiller:

Eis Gemeng wissst èmmer méi, dofir ginn verschidden Transformationounen an eisem Gemengenhaus gemaach an och nei Büroen geschaf fir 2.025.000, och d' Informatik gëtt mat 105.000 euros ugepasst. Dobäi kommen nach verschidden Acquisitiounen, am ganzen stin fir d' Coordination Administrativ 2,2 Milliounen an dësem Budget.

De Bau vun enger Hal fir Holzhackschnitzel gëtt gemaach an och de Bau vun enger weider Struktur um Matgesfeld fir 495.000 euros.

Am sportlechem Beräich gëtt eng hallef Millioun fir sportlech Infrastrukturen investéiert. Verschidener gin moderniséiert an et gët och en Fitnessall fir d' Verainer vun der Gemeng fir 100.000 euros aménagéiert.

1.000.000 euros gin agesat fir Spillplaatzen, öffentlech Plaazen an verschidden greng Longen ze verschéineren oder nei ze gestalten.

Um sozio-kulturellem Plang gin 275.000 euros agesat fir verschidden Renovatiounen vun den Centres Culturel an och verschidde Säll di der Gemeng gehéieren.

Am erzéiereschen an am edukativen Beräich kënnnt de Projet um Belval-Sud a seng Endphase. Um Kannerkampus stin ronn 15 Milliounen fir d' Finitioun vum Bau vun der neier Schoul, Maison-Relais an Sportshal an 4 Milliounen fir d' Ediff. Wa mer vun Finitoun schwätzen, dat bedeut dass den ganze Site misst opérationnel sin fir di next Rentrée, dofir si jo och 2,2 Milliounen viirgesin fir de Kaaf vun Mobilier an Equipement. Dobäi komme nach verschidden aner Investitiounen an bestehend Schoulen. Dat wiärd dann ronn 21.500.000 euros vum ganzen Budget 2020 ausmaachen wat den Enseignement betréfft.

Et sin och schon zousätzlech 1.730.000 euros viirgesin fir d' Schaafung vun nei Maisons Relais zu Eilereng, Suessem an zu Zolwer mat engem neien Museksall.

Wat de Klimabündnis a speziell de Klima Pakt ubelaangt ginn erëm 265.000 eur fir an d' Protektioun vum Environnement investéiert.

An der Mobilitéit ènnerstëtte mer weider de Ruffbus, Night Rider an et stin och 150.000 eur am Budget fir nei Vel'OK Statiounen. Nei Vélospisten ginn geschaf oder gefleckt fir 125.000 eur. Den Développement vum éffentlechen Transport gëtt gefuerdert mat nei Bushaisercher an och Anzeigs Panneauen dass d' Leit wëssen wou den Bus drun ass.

Am Beräich Tourismus ginn och nei Fouss Weeér kreéiert oder gefleckt fir 785.000 euros, fir kënnen méi séier vun engem Punkt A op e Punkt B ze kommen. Do ass och e Bau vun engem Gite am Kader vun engem SudProjet an d' Schaaffung vun engem historeschen Sentier des Mineurs mat viirgesin. Fir de Bau vum neien Musée Mathiko zu Bieles stin 1,4 Milliouen am Budget.

Am Stroossennetz, dat heescht Erneierung vu Stroossem, Gestioun vun Park Aueren, Verbesserung laut Masterplan vun Passage Piéton mat neie Lutten Anlag, sinn 4,3 Milliounen, Gefierer inclus virgesinn. Do dran fanne mer och e Projet fir e neien System fir eng besser Gestioun vum Parking uewen beim Centre de Récréation um Gaalgebierg deen wi der wësst en immensen Succès kennt.

Endlech ass den Chantier an der Rue Grande-Duchesse Charlotte zu Bieles am gaangen an do stin + ou - 3 Milliouen am Budget (Kanal an Waasser Réseau abegraff).

Wa mer schon vum Kanal a vum Waasser Réseau schwätzen, betréfft den Invest vum Kanal ronn 7,2 Milliounen an deen vum Waasser ronn 4.350.000 euros. Dobäi kann een ernimmen dass d' Gemeng weider an Infrastrukturen investéiert an alles ènnerhëlt fir den Problem an eiser Gemeng vun den Iwwerschwemmungen besser an de Grëff ze kréieren.

Haut hu mer enger Awunnerzuel vun 17.540 Leit an wann een nach dobäi en verstännegen Wuestum rechent, wäert sech, op den 31.12.2020, eis Pro Kapp Verscholdung sech op 1.039 euros chiffréieren an dat ouni d' Ediff, dofir steet dann en zousätzlechen Prêt vun 1,5 Milliouen am Budget fir deen am Equiliber ze hun, also eng ganz gesond Situatioun.

Nach e puer Chifferen:

Duerch den Budget rectifié vum Exercice 2019 behale mer en présumentierten Boni vun ronn 15 Milliounen, dobäi kommen ronn 16,1 Milliounen Boni am Ordinaire vum Budget 2020, dat gëtt

en Total vun 31,1 Milliounen di mer kënnen am Sënn vum Bierger investéieren.

Am Extraordinären wäerten d' Recetten op 26,8 Milliounen géint 57,4 Milliounen Dépenses erop goen, wat en Mali vun 30,6 Milliounen wäert ausmaachen.

Schlussendlech giff den Exercice 2020 mat engem Boni dann vun ronn 450.000 eur ofschléissen.

Dir Dammen an dir Hären, mat dësem Budget kënne mär als LSAP behaapten "Mir investéieren fir d' Zukunft", mir énnerstëtzen déi entsprechend Investissementer an wäerten anengems en A behalen dass déi nêt aus dem Rudder lafen.

D'Lsap setzt e ganz groussen Akzent op dat Sozialt! Mir als Gemeng Suessem si mer eis wuel eiser sozialer Verantwortung bewosst, wat jo och ganz kloer aus dësem Budget erviir geet. Bei d' Maison Relais'en sinn nach émmer keng Waardelëschten, 70 % vun alle Schoulkanner sin ageschriwen, all eis Kanner kommen énnerdaach. Dobäi participéiere mer un d' Frais'n vum Bébé + deen vun Initiative Liewensufank an d'Liewen geruff gin ass.

Dofir wölle mer als sozialistesch Fraktioun dem Schäfferot e grousse Merci soen fir all déi Projeten déi am soziale Beräich selwer an och zesummen mam Office Social an anere Partner mëschter oder énnerstëtzt. Servicer di den Office Social ubidden wie zum Beispill Social Opportunities sin ganz wichteg an eiser Gemeng. Ouni ze vergiessen d'Servicen vun der Gemeng wi den Service Rase, en eegenen Cipa an fir den 3. Alter en Senior Plus.

Eis Gemeng wisiest émmer méi a muss gutt opgestallt ginn, weil jo émmer méi grouss Erausfuerderungen op se duer kënt, wie zum Beispill all di Réfugiéen, de Moment 304 Leit, di an eiser Gemeng de Moment wunnen an villäicht och e neit Doheem fannen. Natierlech dierfe mer och eis ege Leit aus der Gemeng, déi eis Hëllef brauchen, nêt vergiessen oder benodeelegen. Haut zu Dag sinn et émmer méi Leit di leider an d'Précaritéit falen. Eis Epicerie Sociale zu Zolwer di nêt méi ewech ze denken ass, spilt dofir eng ganz wichteg Roll an eiser Gemeinschaft. "D'Subvention compensatoire", fréier Grompere Geld genannt, ass op 70 % fir di manner gudd bemëttelt Leit.

Wat d'Wunneng s Problematik ubelaangt gesi der och hei an dësem Budget dass mer wiärten erém Haiser an Terrain opkafen fir 5.475.000 euros fir kënnen och di sozial Schwaach ze énnerstëtzen. Nach dobäi hu mer och 4.300.000 Milliounen virgesinn fir aner Acquisitiounen vun Terrains an Immeubel, wi zum Beispiel d'Serren zu Zolwer vum ale Betrieb vun der Giärtnerie Berchem.

Wie gesot, dësen Budget léisst keen op der Säit, et ass e Budget deem all Bierger ouni Ausnahm ze gudd kënnt. En Budget deen

dest Joer op enger méi partizipativer Basis opgestallt gouf, deen dest Kéier vill mi fréi présentéiert gin ass an weil all Parteien d'Méiglechkeet haten dest kéier mat ze finaliséieren.

E Budget wéi der héiert, deen 100 % an der Kontinuitéit ass an, deen an eisen Aen, esou wéi vum Buergermeeschter Georges Engel virgestallt gouf, "Sozial a fir eng gudd Liewensqualitéit" steet.

Dofir si mer frou, dass dëse Budget, deen vun der LSAP - CSV's Majoritéit opgestallt gouf an, wéi de Buergermeeschter, e Méindeg bei der Presentatioun vum Budget, un Hand vun deene sëlleche Projeten an deene leschten Joeren hei duer geluecht huet, och éngesat goufen, net némmen am Zeechen vum sozialen Engagement, der Kontinuitéit, der Konsolidatioun mä och vun der ekologescher Nohaltegkeet steet.

Mir wölle dann awer och schlussendlech vun der Geleeënheet nach eng kéier profitéieren, fir all deenen zoustännege Leit déi un dësem Budget mat vollem Engagement mat geschafft hunn, Merci soen an e grousst Kompliment maachen, wéil et och bestëmmt dést Joer nêt einfach war, fir d' Chifferen esou ze recherchéieren an z'évaluéieren, fir dass de Schäfferot déi richteg Décisiounen konnten huelen.

D'Fraktioun vun der LSAP ass dann och frou fir dëse Budget kënne mat ze droen a och mat ze stëmmen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren  
Denis Bronzetti

Anschließend ergriff Georges Engel (LSAP) das Wort, um auf die gestellten Fragen zu antworten. Er begann mit der Richtigstellung einer Zahl, die Jos Piscitelli (déi Lénk) im Rahmen der Kritik an der provisorischen Maison Relais Struktur in Sanem aufgeworfen hatte. Wenn man eine finanzielle Unterstützung beim Staat anfragen würde, so läge diese nur bei 10.000 € pro chaise, und nicht bei 30.000 €. Was den Bau der neuen Sporthalle in Sanem angehe, dem der Gemeinderat 2015 zugestimmt und bei dem man anfangs keine Tribüne vorgesehen hatte, so seien die nachträglich gestimmten Zusatzkosten von 1,8 Mio € nicht nur auf den Bau der Zuschauerränge zurückzuführen. Seiner Meinung nach hätten die Ausführungen von Piscitelli (déi Lénk) dies suggeriert, so Engel (LSAP). Dabei belieben sich die Kosten für die Tribüne auf 400.000 €. Es sei auch falsch, dass die Pläne für die Maison Relais in Zolwer im Papierkorb gelandet seien. Es habe lediglich eine Verzögerung gegeben, weil zeitweise Kostenersparnisse in Aussicht gewesen seien, die sich jedoch nicht bestätigt hätten. Er wehre sich gegen den Vorwurf, Projekte würden einfach zur Abstimmung gebracht, ohne irgendjemanden zu fragen. Engel (LSAP) fragte im Gegenzug, ob déi Lénk denn eine breite Befragung durchgeführt habe, was ihre Vorschläge für die Kleintierzuchtanlage, das Sanemer Schloss oder auch das Vereinshaus in Beles angehe?

Zum Thema Altersheim betonte der Bürgermeister, dass der Fonds national de solidarité 6 von 120 Menschen im gemeindeeigenen CIPA finanziell unterstütze, da diese sich die Pension sonst nicht leisten könnten. Mit Blick auf die Studie der CSL mahnte er zur Vorsicht, da man nur miteinander vergleichen könne, was auch gleich sei. Der Pensionspreis von 2427 € im CIPA REWA liege zwar etwas über dem einiger Servior-Einrichtungen, jedoch gebe es dort auch nicht die gleiche Ausstattung. Er wolle außerdem nicht, dass mit diesen Dingen Politik gemacht werde.

Bezüglich der Ausführungen von déi Gréng stellte Georges Engel (LSAP) klar, dass außer der Gemeinde Sanem keine andere Gemeinde einen derart konkreten Mobilitätsplan habe. Wann man welche Maßnahmen umsetze, hänge teils vom Staat und anderen externen Faktoren ab. Man werde sich aber nochmals zusammensetzen, um den Überblick bis 2030 zu analysieren und zu erörtern, was konkret umgesetzt werden solle. Was den Vorschlag zur Entweihung der Kirche im Metzerlach angehe, so könne man jetzt noch keine Aussage zum genauen Zeitpunkt machen, da der Vorschlag durch die dafür vorgesehenen Instanzen gehen und ein entsprechendes Dekret vom Bistum kommen müsse. Wegen der Ungewissheit sei auch noch kein Geld dafür vorgesehen. Der Bürgermeister wies darauf hin, dass die Zahl der Kinder, welche die Kommunion machen, rapide abnehme. Es gebe aber immer noch 4 Kirchen in der Gemeinde, wo diese stattfinden könnten. Er stimmte der Einschätzung von déi gréng zu, dass die Jugendarbeit verbessert werden könnte. Der Schöffenrat nehme Vorschläge gerne entgegen.

Als Antwort auf die aufgeworfenen Fragen der DP sagte Georges Engel (LSAP), dass der Bau eines neuen Gemeindehauses schon andiskutiert wurde. Es hänge aber unter anderem davon ab, was im und rund um das aktuelle Gemeindehaus alles geschehe. Vor 7-8 Jahren habe man noch von einem Bahnhof gesprochen, jetzt sei geplant, dass die Tram bis zur Gemeinde fahren solle. Es sei jetzt noch zu früh, etwas zu planen, da verlässliche Informationen fehlten. Auch was die Buvette auf dem Gaalgebierg angehe, gebe es nicht genügend Klarheit. Jetzt gebe man sich ein Jahr Zeit, um die Verkehrssituation zu verbessern. Beim Mathikko könne man geteilter Meinung sein, so der Bürgermeister. Im Moment stünden 500.000 € in der Schwebe, u.a. bedingt durch den Schaden und die längeren Prozeduren. Die Gemeinde wolle aber nicht warten, bis der Streit geregelt sei, da dies 2-3 Jahre dauern könnte. Zum Thema Wasserspender müsse man kucken, dass diese in den Schulen für den kindgerechten Gebrauch angepasst werden. Man wolle kein Geld zum Fenster hinauswerfen, sondern sichergehen, dass alles korrekt ausgeführt werde.

Myriam Cecchetti (déi Lénk) wollte daraufhin zu einigen Aussagen des Bürgermeisters Stellung beziehen. Sie sei in der Tat bei der Ausarbeitung des Projektes der Sporthalle in Sanem Mitglied des Schöffenrats gewesen, und schon damals sei es

nicht möglich gewesen, im Schöffenrat ein Entgegenkommen in Bezug auf die Buvette zu bewirken, obwohl dies eine Forderung der Vereine gewesen sei. Die geforderte Tribüne sei im Nachhinein doch mit eingeplant worden, was gut sei, jedoch habe dies unnötige Kosten verursacht, da der Architekt seine Pläne habe anpassen müssen, so Cecchetti (déi Lénk). Was die Bürgerbeteiligung betreffe, so müsse man definieren, was man darunter verstehet. Man müsse sich Kriterien geben. Man sei jetzt an einem Punkt angelangt, wo man als Gesellschaft den kooperativen Geist nutzen und die Bürger stärken müsse. Man müsse ihnen Plattformen zur Verfügung stellen, damit sie sich interessieren und einbringen könnten, und dies passiere nicht von heute auf morgen. Es sei auch nicht an der Opposition, dies umzusetzen, sondern es müsse gemeinsam auf den Weg gebracht werden. Im Falle der Kleintierzüchter habe man als Opposition reagiert, da diese im Schöffenrat kein Gehör gefunden hätten. Zu der Preisdiskussion bezüglich des CIPA-REWA unterstrich Myriam Cecchetti (déi Lénk), dass dies keine Attacke gegen den Schöffenrat sei, sondern ein allgemeiner Aufruf zu einer breiteren Diskussion darüber. Es stehe der Gemeinde nicht gut zu Gesicht, da sie alles finanziere und die Preise trotzdem für viele Leute zu teuer seien. Es müsse auf nationaler Ebene ein Dialog darüber stattfinden und andere Gemeinden sollten auch darüber nachdenken, eigene Alters- und Pflegeheime zu bauen, da das Problem in den nächsten Jahren noch größer werden würde und man nicht unendlich lange diskutieren könne, ohne zu handeln. Die Lösung sei ein pluridisziplinärer Ansatz.

Ihr Parteikollege Jos Piscitelli (déi Lénk) meldete sich abschließend auch noch einmal zu Wort und bemängelte, dass der Schöffenrat seiner Meinung nach Entscheidungen im Alleingang treffe und keine breite Diskussion zulasse. Er verwies auf die wesentlich billigeren Kostenvoranschläge für die Materialhalle der Vereine im Matgesfeld und für die Garage neben der École 2000, die er eingebracht hätte und durch welche diese Projekte doch noch hätten umgesetzt werden können. Im Zusammenhang mit der Buvette in Sanem würden erneut Zahlen kursieren, die nicht der Realität entsprächen. Es gehe ihm nicht um einen Rundumschlag, sondern er wolle eine breite Diskussion anstoßen, damit man daran denke, manchmal neue Wege zu gehen. Georges Engel (LSAP) stellte klar, dass ein Projekt immer eine Evolution durchlaufen würde und die Halle im Matgesfeld im Nachhinein teurer gewesen sei, als von Piscitelli (déi Lénk) angegeben.

Nach allen Ausführungen und Diskussionen wurden der berichtigte Haushalt 2019 und der Haushaltsentwurf 2020 mit den Stimmen der LSAP und CSV Fraktionen (12 Stimmen) verabschiedet. Auf Oppositionsseite gab es 3 Enthaltungen (déi gréng, DP) und 2 Gegenstimmen (déi Lénk).



Audiodatei der Gemeinderatssitzung

[WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2019](http://WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2019)



## Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

**vendredi, 17 janvier 2020**

date de l'annonce publique

**10 janvier 2020**

date de la convocation des conseillers

**10 janvier 2020**

début: **08h15**

fin: **10h15**

### PRÉSENT(S):

M. Engel Georges, président,

M. Anen Gaston, Mme Asselborn-Bintz Simone, M. Bronzetti Denis,  
Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély Alain, Mme Faber-Huberty Chantal,  
M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, Mme Logelin Anne,  
M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Romeo  
Franca, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine  
Mme Manon Greven, secrétaire

### ABSENT(S) EXCUSÉ(S): /

**PREMIER VOTANT:** M. Anen Gaston

Madame Logelin Anne n'a pas pris part au vote du point 13 et 14.

### — ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et Informations.

2. Approbation de rapports (15.11.2019; 09.12.2019 et 13.12.2019).

» **Vote unanime**

### — PROJETS

3. Travaux d'aménagement d'une nouvelle aire de jeux pour les besoins du foyer « Helgebach » à Sanem. Devis estimatif détaillé: 53.235,- € (article budgétaire: 4/242/2213II/20048).

» **Vote unanime**

4. Construction d'un chalet isolé avec terrasse couverte au Matgesfeld à Belvaux. Devis estimatif détaillé: 26.000,- € (article budgétaire: 4/542/222100/99001).

» **Vote unanime**

## — AMÉNAGEMENT COMMUNAL

5. Approbation du morcellement (réf. 2019/07) de la parcelle N°421/3397, section A de Sanem, au lieu-dit « Rue d'Esch » en vue de la réalisation d'un projet de construction.

» **Vote unanime**

6. Approbation du remembrement des parcelles N°225/3770 et 225/3769, section B de Soleuvre, au lieu-dit « Rue de Differdange » en 1 lot en vue de la démolition des immeubles existants à 247-249, rue de Differdange L-4438 Soleuvre et de la construction d'un immeuble résidentiel à 8 logements Approbation du budget rectifié 2019.

» **Vote unanime**

## — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

7. Approbation d'un acte de vente avec l'établissement de droit luxembourgeois « POST Luxembourg » concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain avec immeuble sis à L-4477 Belvaux, rue de la Poste, 58.

» **Vote unanime**

8. Approbation d'une convention avec l'établissement de droit luxembourgeois « POST Luxembourg » concernant la mise à disposition d'une partie de terrain en vue de l'implantation d'un abri bus dans la « Rue de Soleuvre » à Belvaux.

» **Vote unanime**

9. Approbation d'un acte de vente avec les dames FUG Fernande et GURSCHKE Fernande concernant l'acquisition de deux parcelles de terrain sises à Belvaux.

» **Vote unanime**

10. Approbation d'un acte de cession à titre gratuit avec les dames FUG Fernande et GURSCHKE Fernande et le sieur PAULUS Charles concernant la cession d'une parcelle de terrain sise à Belvaux.

» **Vote unanime**

11. Approbation d'un compromis d'échange avec le Syndicat des Eaux du Sud concernant des parcelles de terrain sises à Sanem.

» **Vote unanime**

12. Compromis de vente:

a. Approbation d'un compromis de vente avec les soeurs BERCHEM Josée et BERCHEM Cécile concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain à Soleuvre.

b. Approbation d'un compromis de vente avec le consortium d'héritiers BERCHEM concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain à Soleuvre.

c. Approbation d'un compromis de vente avec la dame BALTES Marie Josée concernant l'acquisition d'une parcelle de terrain à Soleuvre.

» **Vote unanime**

## — FINANCES COMMUNALES

13. Approbation de décomptes de projets.

Article	Libellé	Devis.	Dépense effective
4/621/221200/15001	Places publiques - Aménagement de la place située au coin rue du Knapp, rue Prince Jean à Soleuvre	70.000,00	67.972,90
4/621/222100/14008	Place publiques - Mise hors service de la fontaine d'eau place de la Mairie, Belvaux	120.000,00	96.077,21
4/621/223210/18037	Places publiques - Remplacement de la faucheuse du service environnement	50.000,00	47.911,51
4/623/221313/18056	Parking – Aménagement d'un parking pour le CIGL Sanem au 220 route de Differdange à Soleuvre	9.500,00	10.556,77
4/624/223210/18038	Voirie vicinale - Remplacement de la voiture de service du service IN	30.000,00	25.198,67
4/624/223210/18039	Voirie vicinale - Remplacement de la camionnette benne bâchée du service IN	55.000,00	44.343,00
4/630/222200/18022	Alimentation en eau - Acquisition d'un déshumidificateur pour le réservoir de Sanem	12.000,00	10.234,60
4/821/221311/17003	Terrains de sports - Mise en conformité de la piste d'athlétisme à Belvaux (caniveaux et système de chronométrage)	70.000,00	100.942,92
4/821/223210/18042	Terrains de sports - Acquisition d'un arâteau pour gazon naturel	22.000,00	19.188,00
4/822/221312/18023	Halls sportifs - Remplacement de l'éclairage du bassin de l'Acquausk à Soleuvre	25.000,00	15.677,06
4/822/221312/18024	Halls sportifs - Remplacement de l'installation détection incendie du hall de tennis de Soleuvre	15.000,00	12.066,87
4/831/221311/18028	Centres culturels et Salles de fêtes - Installation d'une détection incendie dans l'ancien bâtiment sapeurs pompiers d'Ehlerange	23.000,00	16.427,34
4/910/221311/17047	Enseignement fondamental - Renouvellement des radiateurs de chauffage du logement du concierge dans l'école Chemin Rouge à Belvaux	15.000,00	11.486,09
4/910/221312/18035	Enseignement fondamental - Mise en place d'un portail dans la cour de l'école Soleuvre Centre	15.000,00	7.956,00
4/910/223210/17046	Enseignement fondamental - Acquisition d'une voiture de service pour le service bâtiments	26.000,00	25.323,97
4/910/223210/18014	Enseignement fondamental - Acquisition de vélos pour le « Verkéiersgaart » à Sanem (Gadderscheier) pour les besoins de l'enseignement fondamental	15.000,00	14.389,08
4/910/223410/18030	Enseignement fondamental - Fourniture et montage de tableaux interactifs dans la nouvelle école de Sanem	32.000,00	31.680,11
<b>Total</b>		<b>604.500,00</b>	<b>557.432,10</b>

» **Vote unanime**

**14. Approbation de divers subsides.**

Numm	Objet	Montant deen déri jore virdrun accordéiert ginn ass	Montant accordéiert
Natur & Emwelt a.s.b.l.	Demande fir e Subside fir d'Joer 2020	—	—
UGDA a.s.b.l.	Demande fir en Don	—	—
Amnesty International Luxembourg a.s.b.l.	Demande fir e Subside fir d'Joer 2020	—	—
SCAP	Demande fir en Don	—	100,-

» Vote unanime

**— OFFICE SOCIAL****15. Nomination d'un membre au sein du conseil d'administration  
de l'Office social de Sanem.****Est nommé: Monsieur Denis Bronzetti****— DIVERS****18. Modification de la composition des commissions consultatives.**

Démissions:

Nbre	Commission	Statut	Nom et Prénom	Fonction	Nationalité/ Parti/Association
1	de l'Environnement	facultative	HOHNEKAMP Pierrot	membre expert	Commune de Sanem
2	des Sports	facultative	P LORANG Mike	membre politique	Commune de Sanem
3	des Sports	facultative	S LOGELIN Anne	membre politique	Commune de Sanem
4	des Bâtisses	facultative	E LORANG Mike	membre politique	Commune de Sanem
5	des Bâtisses	facultative	S DELMARKO-GREISCH Sylvie	membre politique	Commune de Sanem

Nominations:

Nbre	Commission	Statut	Nom et Prénom	Fonction	Nationalité/ Parti/Association
1	de l'Environnement	facultative	CLAUDE Tom	membre expert	Commune de Sanem
2	des Sports	facultative	P LOGELIN Anne	membre politique	Commune de Sanem
3	des Sports	facultative	S BERTEMES Michèle	membre politique	Commune de Sanem
4	des Bâtisses	facultative	E DELMARKO-GREISCH Sylvie	membre politique	Commune de Sanem
5	des Bâtisses	facultative	S ANEN Aurélie	membre politique	Commune de Sanem

» Vote unanime

**— PERSONNEL****16. Conversion d'un poste d'agent polyvalent – A3 en un poste  
d'artisan DAP – H3 de la CCT-SUD.**

» Vote unanime

**— CIRCULATION****17. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège  
des bourgmestre et échevins.**

Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation  
l'occasion des travaux de construction de maisons unifamiliales  
dans la rue de Hussigny à Belvaux, approuvé par le Collège des  
bourgmestre et échevins dans la séance du 20 décembre 2019.

Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à  
l'occasion des travaux de renouvellement du raccordement en eau  
et de gaz de la résidence n°35 rue de Belvaux à Soleuvre, approuvé  
par le Collège des bourgmestre et échevins dans la séance du  
10 janvier 2020.

» Vote unanime

**19.** Répartition du supplément du congé politique aux délégués dans les syndicats communaux.

» **Vote unanime**

**20.** Questions et divers.

**20. a:**

DÉI LENK

**“ UN DE SCHÄFFEROT  
VUN DER GEMENG SUESSEM  
13. DEZEMBER 2019**

Gemäss dem Artikel 13 vum émgeännerte Gemengegesetz vum 13.12.1988 an den Articlele 6 a 7 vum internen Uerdnungsreglement fir de Gemengerot, froe mär fir den Ordre du jour vun der nächster **Gemengerots-Sëtzung vum 17.01.2020 mat folgendem Punkt iwvert d'Charte fir méi Biergerbedelegung**, déi de Mouvement écologique ausgeschafft huet (an déi mer schonn eng Kéier fir d'Sëtzung vum 26.01.2018 era ginn haten), ze kompletéieren:

**Charte communale d'information  
et de participation citoyenne  
Proposition de délibération du conseil  
communal concernant la politique  
d'information et la participation citoyenne**

**Considérant**

qu'une bonne information et une large participation citoyenne

- constituent des éléments importants de la politique communale et sont essentiels pour une démocratie du 21<sup>ème</sup> siècle;
- permettent de renforcer le dialogue dans la commune, autant entre responsables politiques et citoyen(ne)s, qu'entre les différents groupes de la population et de promouvoir dans ce contexte les liens sociaux;
- permettent de profiter de l'expérience et du know-how des citoyen(ne)s notamment dans le cadre de la planification harmonieuse du territoire et de l'offre communale en matière de services et d'infrastructures;
- permettent, par l'expression et la compréhension mutuelle des différents points de vue, la recherche de solutions consensuelles respectivement la prévention ou la réduction de conflits d'intérêts éventuels et
- contribuent à faire émerger des groupes porteurs de projets innovateurs.

**Le conseil communal s'engage**

- à faire – au-delà des strictes obligations légales – de la participation citoyen(ne) une philosophie de base pour la gestion communale et à instaurer une réelle culture participative;

**en relation avec l'information des citoyen(ne)s**

- à assurer une politique d'information proactive, par le biais notamment
  - d'un site internet régulièrement actualisé et informant aussi largement que possible notamment sur les dossiers actuels dans la commune, les procédures publiques, les séances des conseils communaux et les activités des commissions consultatives – les documents disponibles étant rendus publics;
  - d'un bulletin communal paraissant régulièrement, informant de façon générale sur les dossiers politiques en cours et traitant les projets concrets avec, le cas échéant, les arguments des différents acteurs en cause;
  - d'un service d'information communal par courriel auquel les citoyen(ne)s peuvent s'abonner;
  - la désignation d'interlocuteurs à l'intention des citoyen(ne)s pour les divers dossiers;
  - de la mise à disposition des dossiers et études dont dispose la commune;
  - à répondre dans les meilleurs délais aux demandes d'information adressées par les habitants à l'administration communale et d'assurer la mise à disposition de copies de documents;

**en relation avec le soutien à l'émergence et au suivi  
de projets citoyens**

- à désigner un interlocuteur / une interlocutrice au niveau de l'administration communale au service de tout/e citoyen(ne) désireux/se de réaliser un projet au niveau local et nécessitant un soutien communal. La commune s'engage à soutenir dans la mesure du possible ces initiatives et projets citoyen(ne)s;

**en relation avec la participation citoyenne**

- à mettre en place des commissions consultatives et à y associer des citoyen(ne)s – ceci après publication d'un appel public – ainsi qu'un conseil communal pour enfants **et jeunes**;
- à assurer ainsi une large participation citoyen(ne), ceci autant pour des projets communaux ponctuels que dans le cadre de la planification du développement général de la commune. La commune s'engage à respecter dans ce contexte les critères de base pour une bonne participation citoyenne et assure:
  - les moyens financiers et humains nécessaires à la préparation, au déroulement et au suivi du processus

- de participation citoyen/ne;
- une modération indépendante du processus, en ayant recours, le cas échéant, à une personne- tierce qualifiée dans le domaine de la participation citoyenne;
- un cadre clair et adéquat pour le processus (finalités, choix approprié de la forme de participation, intervention à un stade précoce de la planification, transparence du suivi, ...);
- un respect – dans toute la mesure du possible – des résultats du processus participatif, tout en respectant les prérogatives du conseil communal;
- une démarche inclusive en associant les différents groupes de population par des méthodes appropriées;
- une continuité dans le processus participatif notamment par le biais d'une information relative à l'évolution du dossier, un échange continu entre les acteurs ainsi qu'à l'argumentation retenue par le conseil communal dans sa décision finale.

Merci am Viraus.

Mat beschte Gréiss,

Myriam Cecchetti

Conseillère déi Lénk

Jos Piscitelli

Conseiller déi Lénk

#### Réponse du Collège des bourgmestre et échevins :

Point reporté à une séance ultérieure

#### 20. b:

#### DÉI LENK

#### **“ UN DE SCHÄFFEROT VUN DER GEMENG SUESSEM 13. DEZEMBER 2019**

Gemäss dem Artikel 13 vum émgeännerte Gemenggesetz vum 13.12.1988 an den Articlele 6 a 7 vum internen Uerdningsreglements fir de Gemengerot, froe mär fir den Ordre du jour vun der nächster **Gemengerots-Sëtzung vum 17. Januar 2020** mat folgender “**Proposition de Résolution**” als Punkt ze kompletéieren:

**Resolutioun iwwert de Verzicht vun (Einweg-)Plastik an eise Gebaier,  
bei eisen Organisatiounen a bei de Veräiner hiere Manifestatiounen**

- Nodeems d'Émweltkommissiou hier **Emweltwochen 2013** énnert dem Motto **Drénkwaasser** gestalt hu fir Fläschen ze spueren;
- Nodeems de **Service Ekologik** schon 2015 eng Sensibiliséierungscampagne fir **Entreprise**, den « **Corporate Social Responsibility** » (CSR) am Kader

vum Klimapakt gestart huet;

- Nodeems d'Émweltkommissiou hier **Emweltwochen 2016** énnert de Motto „**Suessem schmaacht**“ gestalt hu fir de Plastik ze vermeiden;
- Nodeems de **Gemengerot** et fäerde bruecht huet d'**Cyclo-Cross Weltmeeschterschaft den 18. an 29. Januar 2017** zu Bieles bal komplett Einweg plastiksfräi ze organiséieren;
- Nodeems d'Émweltkommissiou hier **Emweltwochen 2017** énnert de Motto „**Matgesfeld**“ gestalt hunn (vum Buedem op den Teller);
- Nodeems d'Émweltkommissiou hier **Emweltwochen 2019** énnert de Motto „**Weg mit dem Plastik**“ gestalt hunn;
- Nodeems de **Gemengerot** a senger Sitzung vum 09/12/2019 d'« **Résolutioun communale sur la crise climatique** » gestëmmt huet a sech der Problematik vum Plastik an de Konsequenze fir eis Natur méi wéi bewosst ass,

**huele mär als Gemenegrot dës Resolutioun hei un,**

- fir nach méi bindend un d'Problematik erunzegoen. Mär mussen insgesamt, zesumme probéieren, d'Benotze vum Plastik ze énnerbannen, besonnesch awer dee vum sougenannten Einweg-Plastik.
- Et ass eng Flicht vun eis als Politiker ze hëllefen de Wee no engem, sou wäit wéi nemme méigleche, plastiksfräie Liewe virzezeichnen. Mär sinn eis bewosst, dass dat net vun haut op muer geet. Mär sinn eis awer och bewosst, dat mär schonn e laange Wee hannert eis hunn, wéi een dat schonn eleng bei der Opzielung vun den Aktioune hei virdru gesäit, a mär méi konsequent mat deene klenge Schrëtt weider musse kommen. Mär mussen hëllefen ze weisen, dass et och ouni Einweg-Plastik geet.
- Dofir sollte mär nieft de Campagnen déi mär schonn haten an déi mär nees missten opfrëschen (Drénkwaasser, CSR, Gäert) och nees Sensibiliséierungscampagne starten. Eng grouss Pist wär et op de sëlleger Fester a Veranstaltungen, déi vun eiser Gemeng, awer och mat oder vun eise Veräiner aus der Gemeng, organiséiert ginn an eng Onmass vu Leit Joer fir Joer unzéien, unzefänken.
- Dofir si mär als Gemengerot der Meenung, dass mär an enger éischter Phase eise Veräiner d'Méiglechkeet solle bidde gratis u Besteck, Zerwisser (Telleren, Tasen, asw.) a Glieser ze kommen. Des Materialie solle weisen, dass ee ganz op de Plastik verzichte kann andeems ee Bestecker, Zerwisser a Glieser spullt a nees benutzt. Dobäi soll d'Berodung esou wäit goen, dass och an engem Package ökologesch Spullmëttel mat zur Verfügung gestallt ginn. Dobäi sollt een och sensibiliséieren, dass ee Spulllompen an Handdicher esou verwennt, dass een déi herno wäsch a bei der nächster Kéier nees aus dem Schaaf an den Asaz hëlt.
- An enger zweeter Phase sollt een als Gemeng higoen an dofir suergen, dass bei de Manifestatiounen vun eise Veräiner déi sougenannte «Spullweenercher» gratis zur Verfügung

- gestallt kënne ginn. Dëst en Vue dovunner, manner Waasser ze verbrauche wéi bei der konventioneller Spull an eben och mat nohaltege Spullmëttel. Dat Ganzt an enger zweeter Phase, well een d'Sensibilisierungs-Campagne gutt vibereede muss a sech déi néideg Zäit muss losse fir sech eventuell wieder Spullweenercher a professionel Spullmaschinne an all eise Säll unzeschen.
- Als Motivatioun a wichtegt Zeeche fir d'Zukunft, sollten eis Veräiner dobäi och nach ee Label vun eiser Gemeng kréien. Esou ee Label sollt een Numm hunn an der Organisatioun zougedroe ginn, wann dat Material agesat gëtt. Dee Label kéint zum Beispill «Zero Plastic Events» heeschen oder «Nature Friendly Events», oder ...
